



GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 21.12.2018





SOMMAIRE

RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 14 DÉCEMBRE 2018
(GEMENGENINFO 10A / 2018 - PARUTION FÉVRIER 2019)

Séance publique:

1. CORRESPONDANCE

2. CIRCULATION

- 2.1. approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion des kermesses 2019
- 2.2. approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion de la Bierenger Kiermes 2019

3. FINANCES COMMUNALES

- 3.1. présentation et approbation du budget rectifié de l'exercice 2018
- 3.2. présentation et approbation du budget initial de l'exercice 2019
- 3.3. fixation des taux communaux en matière d'impôt foncier pour l'année 2019
- 3.4. approbation de la convention de mise à disposition d'un terrain à l'association « Natur & Umwelt a.s.b.l. »
- 3.5. approbation d'un acte de cession gratuite concernant une place sise à Dudelange, rue Milly Steinmetz-Ludwig
- 3.6. approbation d'un acte d'échange avec l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg
- 3.7. approbation du devis remanié de 330.000,- € relatif aux travaux de réaménagement des aires de jeux
- 3.8. approbation du devis de 75.000,- € relatif à l'installation d'une sculpture Bikers – fontaine place de l'Hôtel de Ville
- 3.9. approbation du devis de 1.105.000,- € pour les travaux de réaménagement de la rue des Minières et de la rue Gare-Usines
- 3.10. approbation du devis de 1.550.000,- € pour les travaux de réaménagement de la rue de la Brasserie et de la rue Dr Welter
- 3.11. approbation du devis de 250.000,- € pour les travaux de raclage de la rue Pasteur et de la rue Mathias Cungs
- 3.12. approbation du devis de 80.000,- € pour l'aménagement transitoire d'un terrain de padel tennis
- 3.13. approbation du devis de 700.000,- € pour les études et les travaux de réaménagement et de mise en conformité des passages pour piétons
- 3.14. approbation du devis remanié de 1.600.000,- € pour la participation à l'exécution de chantiers par la société Post
- 3.15. approbation du devis de 50.000,- € concernant la remise en état de la passerelle au site NeiSchmelz
- 3.16. approbation du devis de 22.000,- € concernant le réaménagement de l'ancienne salle de répétition au kiosque Parc Le'h
- 3.17. approbation du devis de 10.000,- € concernant l'installation d'une isolation acoustique au gymnase de l'école Gaffelt
- 3.18. nouvelle fixation de l'indemnité à allouer aux membres du service de médiation
- 3.19. subsides extraordinaires à accorder

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Résumé français: Claude Kugeler
Retranscription: Kim Dieschburg, société Translatores
Photos / Illustrations:
Ville de Dudelange, David Laurent/Wili, André Weisgerber, Roberto Santoprete
N°10b/2018 - Parution: avril 2019





4. OFFICE SOCIAL

- 4.1. approbation des bilan et compte de profits et pertes de l'exercice 2016
- 4.2. approbation du décompte annuel 2017
- 4.3. présentation du rapport d'activité de l'exercice 2017 et approbation du budget rectifié de l'exercice 2018 et du budget initial de l'exercice 2019

5. APPROBATION DES CHANGEMENTS DANS LA COMPOSITION D'UNE COMMISSION COMMUNALE ET D'UN GROUPE DE TRAVAIL

6. PERSONNEL

Service éducation et accueil

- 6.1. reprise des activités de l'association « Placement pour enfants Minettsdepp a.s.b.l. » – création de postes
 - 6.1.1. un poste d'employé communal, catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psycho-social
 - 6.1.2. quatorze postes d'employés communaux, catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social
 - 6.1.3. trois postes d'employés communaux, catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social
 - 6.1.4. un poste de salarié (convention collective des salariés des communes du sud), carrière de l'artisan DAP (H3)
 - 6.1.5. deux postes de salariés (convention collective des salariés des communes du sud), carrière de l'agent de nettoyage (A2)
- 6.2. création de deux postes d'employés communaux, catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social
- 6.3. création d'un poste d'employé communal, à raison de 20 heures par semaine, catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social
- 6.4. création d'un poste d'employé communal, à raison de 20 heures par semaine, catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social
- 6.5. création de cinq postes d'employés communaux, catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social
- 6.6. création d'un poste de fonctionnaire communal, catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif

Autres services

- 6.7. création d'un poste de fonctionnaire communal, catégorie de traitement A, groupe de traitement A2, sous-groupe scientifique et technique (anciennement ingénieur-technicien) pour le service technique des bâtiments et électricité
- 6.8. création d'un poste de fonctionnaire communal, catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif (anciennement rédacteur) pour le service communication et relation presse
- 6.9. création d'un poste de fonctionnaire communal, catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe technique (anciennement expéditionnaire technique) pour le service architecture et domaines
- 6.10. création d'un poste de fonctionnaire communal, catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe technique (anciennement expéditionnaire technique) pour le service informatique et nouvelles technologies
- 6.11. création d'un poste de fonctionnaire communal, catégorie de traitement D, groupe de traitement D2, sous-groupe à attributions particulières (agent municipal) pour le service des agents municipaux
- 6.12. création de trois postes de salariés (convention collective des salariés des communes du sud), carrière de l'agent polyvalent (A3)(chômeurs de longue durée)
- 6.13. approbation du relevé des personnes auxquelles il est fait cadeau d'une montre pour 20 ans de bons et loyaux services et du relevé des personnes auxquelles il est fait cadeau d'un bon d'achat à l'occasion de leur départ à la retraite



7. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

Séance à huis clos

8. PERSONNEL

Service éducation et accueil

- 8.1. reprise des activités de l'association « Placement pour enfants Minettsdepp a.s.b.l. »
- 8.1.1. engagement avec décision de classement d'une employée communale, catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psycho-social
- 8.1.2. engagement avec décision de classement de quatorze employés communaux, catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social à tâche variable
- 8.1.3. engagement avec décision de classement de quatre employées communales, catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social à tâche variable
Office social – ratification de décisions du conseil d'administration en matière de personnel
- 8.2. démission d'une employée communale
- 8.3. engagement d'un assistant social, catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psycho-social
- 8.4. engagement d'un assistant social, catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psycho-social, à tâche partielle

Autres services

- 8.5. engagement avec décision de classement d'un employé communal, catégorie de traitement A, groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psycho-social pour le service local pour l'emploi
- 8.6. augmentation de la tâche d'un employé communal de l'école régionale de musique de Dudelange
- 8.7. promotion à accorder à une fonctionnaire communale
- 8.8. départ à la retraite d'un fonctionnaire communal

RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 21 DÉCEMBRE 2018
(GEMENGENINFO 10B / 2018)

9. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 21. DEZEMBER 2018

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):

Léif Kollegen a Kolleginnen vum Schäffen- a Gemengerot, ech géif lech alleguerde ganz häerzlech begrëssen an eiser leschter Gemengerotssëtzung vun dësem Joer, wou et dorëms geet, dass d'Membere vum Gemengerot, d'Conseillere vun der Majoritéit an der Opposition Stellungnam zum Budget huelen, éier mir dann am Laf vum Nomëtten zum Vote vum Budget iwwer ginn. De Gemengerot ass komplett, krankheetshalber entschëllegt huet sech d'Madame Andrich an et war eng Ufro komm vum Här Haas, de Moien kënnen ze intervenéieren, well hien de Mëtteg net kann do sinn. Deem kënne mer Rechnung droen.

Éier ech d'Wuert weiderginn, wollt ech de Gemengerot awer nach offiziell informéieren, den 18. Dezember war jo d'Journée internationale des migrants, mir haten als Stad Diddeleng e bëssen an deem Esprit, wou mer och dem Réseau bäigetruede si vun der European Town of Sports, virun enger Rei Méint den Dossier erageschéckt un de Conseil d'Europe fir Member ze gi vum Réseau international des Cités interculturelles. Dat ass e Réseau vun 130 Stied, notament och Paräis, Bilbao, Oslo, Mexiko, Montreal, fir der nëmmen e puer ze zitéieren, a mir sinn offiziell am Moment déi eenzeg Stad hei zu Lëtzebuerg – dat ass also och eng Première - déi do opgeholl gëtt, mir hu missen e voluminéisen Dossier eraschécken un de Conseil d'Europe.

Wéi gesot, mir sinn do offiziell opgeholl ginn, nach geet d'Analys vum Dossier weider, mä dat ass op alle fall déi Réckmeldung, déi mir kritt hunn, do geet et da virun allem dorëms, ze kucken, respektiv wäerten se préiwen, dat gouf och schonn deelweis gepréift, wat déi interkulturell Strategie si fir d'Gestioun vun der

Diversitéit a vun der Integratioun vun den Net-Residenten, respektiv vun den Net-Lëtzebuurger a vun de Minoritéiten hei zu Diddeleng.

Et ass also eng interkulturell an eng multikulturell Perspektiv, déi an deem Dossier dran ass. Do hu mir gréng Luucht kritt a wéi gesot, nach wäert eng Visitt gemaach gi vun Diddeleng, éier dann déi lescht Decisioun fällt. Op alle Fall si mir awer mol offiziell am Réseau opgeholl ginn als éischt Stad hei zu Lëtzebuerg, dat ass eppes ganz Positives well mir eis ëmmer iwwert d'Bänken hei fir d'Interkulturalitéit agesat hunn. Dat ass eng – wann ee wëllt méi e strategeschen Term benotzen - “Force de frappe” vun Diddeleng, dass mir an der Diversitéit an an der Individualitéit staark sinn, dofir hei dës Message.

Ech wollt awer och allegueren eise Servicer Merci soen an all den Acteuren, déi un deem Projet matgeschafft hunn, notament de Projet “Ensemble”, déi ganz staark implizéiert waren, eise Gemeinsekretariat an nach villen anere Gemeinsevicen, ouni déi des Kandidatur net méiglech gewiescht wier.

Dëst nach als Informatioun un d'Conseillere an da kënne mir ufänken. Här Haas, wëllt Dir direkt ufänken? Dir hutt d'Wuert.



Victor Haas (onofhängege Gemengeconseiller): Merci Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech hunn an deene leschten zwee Joer geléiert, dass e Budget gréissten-deels aus virgeschriwwenen Artikelen besteet. An dass d'Froen sech meeschtens am Kader vum extraordinäre Budget beweegen.

Ech hunn och festgestallt, dass vill Artikelen aus deem Budget hei ëmmer eestëmmeg ugeholl ginn, ausser déi aus dem extraordinäre Budget. An deem gëtt et eng Rei vu Saachen, mat deenen ech averstane sinn, mat aneren net esou.

Kloer ass fir mech awer, dass vill Virschléi - ob gutt oder net esou gutt - am Interessi vum Diddelenger Bierger presentéiert ginn.

Dofir ass et fir mech schwéier, Jo oder Neen zu dësem Budget ze soen.

Ech mengen, ech leien net esou falsch wann ech mech an deem Budget hei enthalen. Well ech si jo u keng Parteidirektive méi gebonnen a muss mat deem beschte Wëssen a Gewëssen hei ofstëmmen.

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, dass meng Ofstëmmung hei zu engem groussen Deel d'Meenung vun den Diddelenger Bierger erëmspigelt an ech hoffen och, dass mir hei eng Zesummenaarbecht am Gemengerot maachen. Well ech hunn lech alleguerte gär. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, Här Haas, fir Är Stellungnam. Déi nächst Riednerin ass dann d'Madame Kayser.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären vum Schäffen- a Gemengerot, am Numm vun der CSV soen ech mol als alleréischts dem Här Pascal Pull a senger ganzer Mannschaft villmools Merci fir seng wéi ëmmer exzellent Aarbecht, seng komplett Dokumentatioun a seng Disponibilitéit, op Nofroen ze reagéieren an eis déi néideg Renseignement ze gi wa mir - wéi den Här Haas et esou schéi gesot huet - iwwer déi komplex Matière vum Budget driwwer kucken.

Als éischt wëll ech Stellung huelen zum Budget rectifié 2018, eng exzellent national an international Konjunktur pullt en décke Batz Suen an de Gemengen hir Kees,

e Plus vu bal 6 Milliounen Euro bei der Recette ordinaire bréngen och herno en uerdentleche Bonus am ordinäre Budget vun 2018, esou dass mir mat dem Boni vun 2017 en héijen Excedent am ordinäre Budget hunn an och gutt kënnen investéieren.

Am Budget extraordinaire gëtt et dat gewinntent Bild am Rectifié, méi Recetten ewéi am Initial duerch méi staatlech Subventiounen, méi staatlech Subsidien, den Apport vum Pacte Logement an esou weider.

Méi Depensen, dat ass bedéngt duerch zousätzlech Kreditter, déi hu missen nogestëmmt ginn, Imprevuen, wou mir och ëmmer mol léieren dass eng besser Preparatioun an e bessere Contrôle déi hätte kënnen miniméieren.

Projete stinn och nees dran, déi op 2019 reportéiert ginn an dofir soen ech wat ech och déi lescht Jore scho gesot hunn, dat heizen ass just eng Momentopnam vum Budget 2018. D'Realitéit vun de Recetten an Investissementer gesi mir wa mir den definitive Compte administratif virleien hunn.

Dofir just eng kuerz Stellungnam zum Budget rectifié.

Ech kommen dann zum Budget vun 2019.

Ech hunn et gesot gehat, déi gutt national an international Konjunktur erlaabt et eis och hei, e gudde Batz méi ze kréie vun de staatleche Stellen, wéi dat virgesi war.

D'Recettë sinn op engem eemoleg héijem Niveau, d'Dotatioun vum Fonds de dotation globale des communes bedréit 61,5 Milliounen Euro, dat ass e Plus vu 5 Milliounen Euro par rapport zu 2018.

Den Impôt foncier an den Impôt commercial, déi halen sech op engem Niveau a mat deene Suen do kann ee schaffen.

D'Depensen am ordinäre Budget, do gesäit een awer och erëm eng Hausse vun 7 Milliounen Euro an dat ass - wéi esou oft - bedéngt duerch héich Personalfraisien.

Ech wollt awer och nach kuerz soen, dass mir eis net sollen op de Lorberen ausrouen, ech denken et muss een och net ze vill euphoresch sinn, well mir wësse genau, de STATEC huet seng Wuesstemsprognos vun 2018 vu 4% op 3% erof revidéiert.



Dat zweet Element, wat eis ze bedenke gëtt, dat ass de Brexit.

Ech mengen, dat wësst Dir allegueren, an dat ass den onbekannten Impakt an et weess ee guer net wéi en Impakt deen op déi international Wirtschaft a selbstverständlech och op Lëtzebuerg als grouss Finanzplaz wäert hunn.

Den drëtten Impakt sinn och déi politesch Onrouen an eisen Nopeschlänner.

Och wann ee mengt, dat wier net esou schlëmm, a Frankräich an an der Belsch do sinn awer och Regierungskrisen, déi virun der Dier stinn an d'Gefor vun der Onstabilitéit an der EU, virun allem d'Divergenzen, déi divers Reprochen un d'Politik vun der EU, sief et den Thema Migratioun, Flüchtlingen awer och zur Steuerpolitik, déi sollen eis ze bedenke ginn an trotzdeem eis och dozou incitéieren, mat zwee Féiss um Buedem ze bleiwen.

Gutt ass et an dësem Budget, dass mir eis Reserven net mussen untaaschten.

Gutt ass och, dass mir eis Schold duerch en auslafende Kredit och kënne reduzéieren.

Mä mir mussen awer och weider iwwerleeën, wéi mir eis Diddelenger Finanze kënne weider stabiliséieren, fir dass d'Konten opginn, wann et emol net esou gutt geet a virun allem och wann ee bedenkt, dass vun der Regierung gratis Transport ugekënnegt ass, gratis Kannerbetreung, mir si Member am TICE, dat ass dann och nach ze hannerfroen, wéi dat herno soll goen, wien dann do d'Fraise muss droen.

Et ass ëmmer gutt gesot, gratis Transport, mä wéi gesot, do sinn d'Gemengen wahrscheinlech och gefuerdert.

Idem bei der gratis Kannerbetreung, mir sinn och eng Gemeng, déi do e kommunale Service ubitt, dat si Saachen, déi een awer muss bedenken.

An den ordinären Depensen ass dat alljärelecht Bild: D'Personalfrais, déi friessen eise Boni praktesch op, och de Finanzservice seet all Joer: *“la hausse substantielle des dépenses ordinaires s'explique par l'augmentation substantielle de la masse salariale”*.

2015 huet déi Hausse 3,5 Milliounen Euro ausgemaach, 2016 war se op 2,8 Milliounen Euro an 2017 op 3,9 Milliounen Euro an 2018 op 3,6 Milliounen Euro a fir 2019 ass eng Hausse vun de Personalfrais vu 5,2 Milliounen Euro ageschriwwen.

Mir wëssen, dass mir d'Mataarbechter vun deenen zwou Crèchen iwwerhuelen an och mussen investéieren an eist Personal vun de Maison Relais, mä et muss een awer och wëssen, dass 100% vun de Fraise vun de Crèchen iwwerholl gi vum Staat. Trotzdeem muss een do e bëssen d'Brems zéien.

Mir hunn elo virun e puer Wochen endlech no dräi Joer nees en Organigramm vun de Gemengeservicer presentéiert kritt. Elo och hei vun der CSV dem Här Nosbusch, dem Chef de Service vum Personalbüro, fir seng detailléiert Ausféierungen e grouse Merci.

Dass mir performant Servicer brauche fir eis 21.000 Awunner uerdentlech ze encadréieren ass evident, mä kommt mir halen op, hemmungslos nei Posten ze schafen. Mir verlaangen ëmmer nees e Screening vun de Servicer, déi gesetzlech festgehalen Augmentatioun vun de Paien, déi brieden eis d'Genéck.

E Plus vu 66 Leit sinn ageschriwwen, mir kruten d'Expplikatiounen bei der Presentatioun an der Finanzkommissioun. Vun deene 66 Leit, déi als Personalopstockung ageschriwwen sinn, do sinn 20 Leit, déi mir vun de Crèche Minettsdepp an Nuddelsfabrik iwwerhuelen, och d'Maison Relais, déi freet eis nei Posten, och am Schoulservice kréie mir nei Posten, mä et sinn awer ganz vill Posten, déi mir och net subventionéiert kréien an déi eis ganz vill kaschten.

Heiansdo kommen ech mir hei vir wéi den Don Quichotte, ech kämpfen ëmmer géint Wandmillen, ech soen all Kéier, kommt mir maachen e Screening, mir kucken, mir maachen eng Synergie vun de Servicer, mä heiansdo gëtt een erhéiert. Hei, wat steet dës Kéier am Budget? En externen Audit fir 105.000 Euro gëtt gemaach fir d'Ausrüstung vun eise Servicer ze checken an och wahrscheinlech mat de Servicer zesammen ze kucken, wéi een do kann déi explosiounsarteg Entwécklung vun de Personalfrais reduzéieren.

Do si mir frou, dass awer mol an déi Richtung eng aner Approche ginn ass, wéi et soss ëmmer de Fall war.



Ee Wuert zum CGDIS, mir mussen 169.000 Euro Frais de participation fir 2019 aschreiwen, bis d'Konventioun mam CGDIS ënnerschriwwen ass, wat wahrscheinlech sollt 2019 de Fall sinn - wou een awer elo och net genau weess well nach déi aner zwou Gemengen, d'Stad Lëtzebuerg an Déifferdeng, och nach net mat hirer Konventioun mam CGDIS um Enn sinn. Bis dohinner musse mir awer nach d'Fonctionnementsfraisen weider iwwerhuelen, dat ass och nach e gudder Batz, an et dierf een net vergiessen, am A ze behale wéi mir herno rembourséiert gi vum CGDIS.

Ech hat och virum Schäfferot schonn eis Suerg zum Ausdrock bruecht, dass mir virun allem och mol kucken, dass mir en uerdentleche Präis kréie fir dat Material wat mir dem CGDIS iwwerloossen an et muss een och nach eng Kéier hei am Plenum kucken, wat mir mat de Gebaier duerno maachen, wann an e puer Joer de CGDIS dat neit Gebai opgeriicht huet um Diddelenger Site an a wéi eng Richtung mir do ginn.

Da kommen ech zum Plang vun den Investissementer vun 2019.

26,8 Milliounen Euro sinn am extraordinäre Budget ageschriwwen, 11 Milliounen Euro fir nei Projeten, sot den Här Buergermeeschter. Déi aner Investitiounen, dat sinn oft schonn zum Deel Saachen, déi mir scho laang gesinn hunn, déi mär virun engem oder zwee Joer sollte lancéieren, déi awer iwwerschriwwen goufen.

Ech nenne just d'Bildungshaus Lenkeschléi, dat sinn 8,7 Milliounen Euro am Budget vun 2019, et kann ee soen endlech geet et lass, genau esou wéi mat der Crèchestruktur Italien, do stinn 1,4 Milliounen Euro dran.

An dann och de Shared Space, déi 2. Phase déi geet och elo lass, do ass e gudder Batz Geld am Budget lancéiert, do hätt ech awer déi éischt Fro: Am Budget 2018, am Rectifié, do sinn 321.000 Euro virgesinn, obwuel jo am Fong 2018 näischt weider gemaach gouf, dofir ass meng Fro: Op wat berëfft sech dee Montant vun 321.000 Euro vum Shared Space?

En anere Projet, dee reportéiert gouf, ass de Gemengenatelier, och doriwwer hu mir oft hei diskutéiert an dee schéngt dann awer och elo endlech an Ugrëff geholl ze ginn.

Da kommen ech zum Här Manderscheid sengem Dossier: All soziale Projet fënnt ëmmer eise Support hei, ech mengen do laaft Dir ëmmer oppen Dieren an, wann et heescht d'Aarmut ze bekämpfen, d'Integratioun fir Leit a prekäre Situatiounen, fir deenen ze hëllefen, dat fënnt ëmmer eise volle Support, ech denken dass dat eis Aufgab ass.

An och fir déi gutt Nouvelle, déi den Här Buergermeeschter elo gesot huet, kann ech lech elo scho soen, dass mir dohannert sti fir Diddeleng op de Fändel ze setzen als Stad wou d'Integratioun einfach ass.

Dat ass elo déi international Integratioun oder eben d'Integratioun vu verschiddene Kulturen, mä ech denken och d'Integratioun vu sozial méi schwache Leit an eiser Gesellschaft, ass hei zu Diddeleng keng einfach Wieder; mir hunn zu Diddeleng e gudden Office social, mir soe jo och ëmmer, an eisen Ae misste mir nach e bësse méi an de soziale Wunnengsbau investéieren, mä trotzdeem si mir um gudder Wee.

D'CSV ënnerstëtzt och déi Projeten, déi den Här Manderscheid virgestallt huet, zum Beispill och fir den Office social méi ze professionaliséieren andeems e Chargé de direction soll nominéiert ginn an och d'Opstocke vun der Equipe vum Service Logement ass eng Evidenz.

D'CSV huet ëmmer gefuerdert, dass mir eng Agence immobilière communale sociale solle kréien, elo hu mir se, da maache mir dat och an da kucke mir, dass mir do déi néideg Leit hu fir dat uerdentlech iwwert d'Bühn ze kréien.

Eng Fro un den Här Manderscheid: Audit Beruf und Familie, Dir hat et kuerz ukléngelooss, dat war jo och op e puer Joer ausgeriicht. Elo wollt ech meng Fro stellen, ob do en neie Relancement gemaach ginn ass vun deem Projet Audit Beruf und Familie, wéi eng Projeten do genau virgesi sinn, well ech hunn do de Fuedem verluer, a wéi enger Zäitschinn mir do leien.

Dann och do eng Suggestioun, Beruf und Familie, Kompatibiliséierung vun deenen zwou Saachen, ech soen ëmmer, huet villäicht nach eemol mat op de Wee an de Chancëgläichheetsservice, dass mir och eise männlechen Aarbechter an Employéen hei zu Diddeleng de Congé parental fir Pappen nach eemol un d'Häerz leeën, dat ass just eng kleng Remarque, déi ech wëll maachen, do ass och nach Loft no uewen hei an der Gemeng beim Personal.



Beim Personal och eng Fro un lech Här Manderscheid: Dir hat gesot d'Geriatric vum CHEM ass e wichtegt Standbeen, do natierlech direkt meng Fro: Wéi gesäit et aus mat der Zukunft dovunner hei zu Diddeleng? Wat gëtt et Neits?

Ech froen lech alt emol well Diddeleng huet jo, ausser dem Här Buergermeeschter, kee Gemengerotsmember méi am Conseil vum CHEM, deen eis do kéint weider Detailer ginn an et wier awer vläicht net oninteressant ze wëssen a wéi eng Richtung dass mir eis do weiderentwéckelen.

Dann, all Invest an eis Schoulen an an eis Maison Relais, dat si gutt Investissementer, dat hu mir och hei als CSV ëmmer betount, si si gutt an si sinn och néideg an d'Beispill vum Projet Maison Relais Ribeschpont, dat ass e ganz gutt Beispill well scho säit Längerem hu mir d'Doleancen vum Personal aus der Schoul Ribeschpont matkritt.

Éischtens emol, d'Ribeschponter Schoul ass voll bis ënert den Daach an d'Kanner mussen an déi verschidde Maison Relais transportéiert ginn an der Fräizäit, wat net esou einfach ass. D'Kanner ginn aussernee gerappt, si woussten oft net - a wéi eng Maison Relais ginn ech dann elo? - wat och fir kleng Kanner net einfach ass, si hunn net ëmmer déi selwecht Bezuchspersonen an och d'Kooperatioun Schoul-Maison Relais ass méi schwieereg wann net alles op engem Site ass.

Och de Wunnquartiersprojet "A Bëlleg" hannert der ESSO-Station, dee mir virun e puer Woche gestëmmt hunn, mat sengen 200 neie Logementen a mindestens grad esouvill Kanner an deem Quartier, huet eis sécher dozou bruecht, e bëssen Neel mat Käpp ze maachen an e bësse méi séier ze handele fir dee Projet Maison Relais Ribeschpont awer un d'Rullen ze kréien an ech hoffen och, dass mir e flotten, effikasse Projet zesumme mam Schoulpersonal a mat der Maison Relais ausschaffen.

Ganz besonnesch huet et eis gefreet, dass och un de Precoc bei deem Projet geduecht ginn ass. D'Madame Di Bartolomeo huet et extra betount, dass och e Mëttesdësch fir Precoc-Kanner soll ugebuede ginn, eng laangjäreg Fuerderung och vun der CSV, well vill Eltere wëllen déi Kleng net dee ganzen Dag a Betreuung ginn, wann se net de ganzen Dag schaffen, et si vill Elteren, déi 70% oder 50% schaffen, mä e Mëttesdësch, dat géif hinne vill hëllefen an hinnen

entgéintkommen an ech sinn nach ëmmer der Meenung, dass et besser ass, dass mir déi Diddelenger Kanner an eisen extrem gutt gefouerte Precoc-Strukturen hunn an net der Willkür – dat ass e bësse béis gesot - vu verschidde private Crèche iwwerloossen.

Och grad wat d'Integratioun an d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sproch ubelaangt, ass dat, denken ech, e wichtige Schratt. Do denken ech, dass de Mëttesdësch e wichtige Schratt ass an ech hoffen, dass mir och an deenen anere Maison Relais op deem Wee weiderginn.

Natierlech begrëisse mir och explizit eis Beméiunge fir de Psychomotoriker ze kréie fir eis Schoulservicer, dass deen och beim Ministère Gehéier fonnt huet a säit ech hei setzen, soen ech dat all Joer, mir brauchen e Psychomotoriker an en Orthophoniste fir an eis Schoulen an elo si mir un.

Et wier och immens flott wann dee Psychomotoriker och kéint an de Maison Relais agesat ginn, dat wier natierlech den absoluten Optimum mä do misst een natierlech kucken, ënner wéi enger Formule een dat hei mécht. Mä et muss ee soen, mir hunn an all Maison Relais e Psychomotoriker-Raum, deen awer net ëmmer ausgelascht ass. Dat wier dann eng gutt Méiglechkeet, mat engem gudde Personal dat dann elo ze maachen.

Eis Schoulen a Betreuungsraum auszubauen, dat ass net onëmnganglech an ech denken, do si mir eis hei all eens, d'Bäibehale vun de Quartiersschoulen ass eppes wat eis immens um Häerz läit a wat och zu der Integratioun vun de Kanner féiert.

Och grad elo an der Optik vun der Integratioun vun alle Kanner vun allen Nationalitéiten ass eng Quartierschoul extrem wichtig.

An ech denken och, dass mir hei all averstane sinn, dass mir déi zwou Crèche, Minettsdepp an Nuddelsfabrik, dass mir déi als Gemeng iwwerhuelen, et ass sécher e Plus un Aarbecht awer och e Plus vun eiser Offer fir eis Bierger.

D'CSV begrëisst déi Demarche explizit, mä et ass awer wichtig, dass mir elo eisen dräi Crèche e Konzept ginn, eng Nues ginn. D'Nuddelsfabrik an d'Minettsdepp funktionéiere scho laang tiptopp, ech kréien dat och ëmmer vu menge Clienten gesot, do hunn ech



wierklech ni Problemer, wou ni d'Elteren sech schlecht encadréiert fillen, hir Kanner als net gutt empfaange fannen, dat sinn exzellent Crèchen an mir kënnen op deene Crèchen hierem Konzept opbauen.

Der CSV ass et virun allem en Uleies, dass mir der Crèche am Quartier e Profil ginn, mir ginn lech och nach eemol mat op de Wee eis Virstellung, dass mir denken, dass dat den ideale Site wier fir eng Bëschcrèche ze maachen. Zu Schëffleng an zu Esch, do sinn déi zwou nooste Bëschcrëchen, do stinn déi kleng Diddelenger an der Rei, ech kann lech dat aus eegener Erfahrung soen, ech kënnen der ganz vill, déi dohinner ginn.

D'Demande ass do, kommt mir ginn op dee Wee a profitéiere vun der exzellerter Lag op der Haard fir d'Konzept Bëschcrèche auszuschaffen a sief et och nëmme fir villäicht ee Grupp vu Kanner vun 2-3 Joer. Et si jo ongeféier 50 Kanner, déi dohinner ginn, wann ech richteg informéiert sinn, an ech denken awer, eng Bëschcrèche-Grupp wier eng ganz cool Saach. Och dat géif der Gemeng gutt zu Gesicht stoen an, wéi gesot, ech kéint lech der direkt 10 soen, déi sech elo scho kéinten aschreiwe fir deemnächst.

Bildungshaus Lenkeschléi, ech hoffen do, dass mir mat Zäit fäerdeg ginn, well den Här Buergermeeschter oder d'Madame Di Bartolomeo hat gesot, ronderëm sinn d'Schoule voll an de Quartier wisst rasant an et ass net nëmme de Quartier Lenkeschléi, wann ee kuckt, op der Zouffterstrooss, all déi Eenzelhaiser déi ofgerappt sinn, do komme kleng Residenze mat 3- 4 Stéit, och dat bedeit, dass ëmmer méi Kanner an déi Géigend wunne kommen.

Dofir och do e waarmen Appel, d'CSV huet et scho gesot, iwwerleet lech ob mir net sollen dat totaal Potential direkt ausschöpfen an déi maximal Kapassitéit vun 260 Kanner mat aplange beim Bau, well Nobesseren ass ëmmer méi schwierig a gëtt och ëmmer méi deier.

Do ass dann och nach eng Fro zur Finanzéierung vum Bildungshaus Lenkeschléi, do steet elo Säit 162 - ech ginn lech ëmmer d'Säit un, dat ass méi einfach wéi d'Artikelnummer - do steet dran, dass mir e Subsid kréien, eng éischt Avance vun 2 Milliounen Euro, elo ass meng Fro: De Projet kascht jo am ganzen 18 Milliounen Euro, wéi wäit sinn dann elo eis Negociatiounen mat dem Famijeministère an dem Educatiounsministère, well jo do nach ëmmer den Hick war, dass verschidde Raimlechkeeten esouwuel vun der Schoul wéi och vun der Maison Relais benotzt ginn an dat net virgesinn

ass an der Budgetiséierung. Do ass nach eemol eng konkret Fro wéi wäit mir do si mat den Diskussiounen.

Frou si mir och, dass un der digitaler Oprëschtung an eise Schoule fläisseg geschafft gëtt. Dëst ass jo och eng Demande, déi vun de Schoulmeeschtere virbruecht ginn ass, vum Schoulpersonal, wéi mir et an der Schoulkommissioun diskutéiert hunn, a wéi mir och aus deene verschiddene Schoulprogrammer konnten erausliesen.

A propos Schoulkommissioun, ech wollt der Madame Di Bartolomeo och emol e grouse Merci ausschwätzen an e grouse Luef. Als Presidentin vun der Schoulkommissioun leet si Wäert op en oppenen Dialog, konstruktiv Diskussiounen mat alle Partner um Dësch, Elterevertrieeder, Léierpersonal, Schouldirekter, schoulmedezinesch Servicer, logopedesch Servicer an och d'Representante vun de verschiddene Parteien aus dem Gemengerot.

Ech krut nach ni Budgetspropasé fir d'Schoulmaterial, Excursiounen, pädagogesch Projeten an esou weider, esou oppen an transparent opgeléicht wéi dëst Joer a mir vun der CSV géifen eis wënschen - wierklech wënschen - dass der Madame Di Bartolomeo hir Approche zu dëser Missioun als Schaffen, deen am Kontakt mam Bierger steet a mat alle Partnere soll rieden, am Schäfferot Schoul mécht an och déi kollegial Aart a Weis vum Zesummeschaffe mat alle Partner ustiechend ass fir déi aner Memberen aus dem Schäfferot.

Well un der korrekter Kommunikatioun happert et oft. D'CSV hat gehofft, dass déi bei der Schäfferots-erklärung betounen Zesummenaarbecht mat alle Partner, och vun der Oppositoun, keng eidel Wieder bleiwen. *“Der Schöfferrat ist für neue Ideen offen, unabhängig davon ob sie von der Mehrheit oder der Opposition stammen.”*

Majo, mir géifen eis Iddien jo gären abréngen, mä mir musse feststellen, dass Dir dat net wënscht. Dir setzt eis ëmmer nees virun de Fait accompli, Dir decidéiert hannert zouenen Dieren a mir dierfe just mam Kapp wénken.

Beispiller dofir ginn et genuch: Flexibus, keng Diskussioun fir wien e soll sinn, wéi wäit e soll fueren, neie Quartier “A Bëlleg”, mir hunn eis gefreet, do kënnt en neie Quartier hin, kommt mir maachen eng Diskussioun op, wéi mir dee Quartier ausrichten, maache mir en autofräie Quartier, wéi eng Wunnstrukture kommen dohinner?



Neen, och dat war schonn alles hannert zouenen Dieren decidéiert.

Déi zweet, respektiv déi drëtt Phase vum Shared Space, keng Diskussioun mat eis, dem Gemengerot, wéi mir dat sollen ugoen, keng Erklärung bis wouhinner déi nei Phase geet, wéi mir de Busverkéier reegelen, op eng Versammlung mat de Geschäftsleit goufe mir net invitéiert.

Och mir hätte gär alleguerten héieren, wéi eng Doléancen, wéi eng Proposen se géife virbréngen. Och mir wéisste gär, wéi laang dee Projet dauert.

Mir wäerten eis op jiddwer Fall och staark maachen, dass deene Proposen an Doleancë vun de Geschäftsleit Rechnung gedroe gëtt, mir wäerten eis staark maachen dofir dass an zwou Schichte geschafft gëtt an esou weider.

En anert Beispill, de Parking résidentiel, den Här Gangler geet nach am Detail op déi inkohärent an net duerchduechte Konzeptioun an, déi alt nees hannert zouener Schafferotsdier decidéiert gouf an där Beispiller ginn et masseg.

Ech maachen e waarmen Appel un lech, och mir representéieren 49,7 % vun der Bevëlkerung, och mir louschteren op eis Bierger, och mir hu gutt Iddien.

Leet Är Arroganz of a schwätzt mat eis, virdrun, während mir déi Iddien ausschaffen an net duerno wann Dir schonn alles decidéiert hutt a mir et nëmmen dierfen duerchwénken.

Dir wëllt Diddeleng fit maache fir d'Zukunft?

Strategie Diddeleng 2025, et ass net just Äre Wieler an Äre Parteimemberen hir Zukunft, et geet ëm d'Zukunft vun 21.000 Leit.

Dir wëllt d'Biergerbedeelegung héich halen, wat mir natierlech begréissen, d'Participation des citoyens au développement de la ville hat e Budget vun 8.000 Euro, dee gëtt opgestockt op 35.000 Euro, wou awer och eng Fro erlaabt dierf sinn: Wat soll an där grousser Hausse mat includéiert sinn?

Wéi gesot, d'Biergerbedeelegung wëllt Dir héich halen dat ass luewenswäert mä hei sëtzen 19 Bierger, 19 Representante vun de Bierger, fänkt emol hei un.

Eng Planungsstrategie wëllt Dir lech ginn, majo hei, mir plange gäre mat.

Wat plange mir hei zu Diddeleng fir eis kleng a mëttelgrouss Betriber, fir deenen en Doheem ze ginn? Ech soe just, Zon Helper, am Budget 0 Euro, Développement économique 15 000 Euro just fir Acquisitiounen, Container, Innovation Hub. Den Innovation Hub, dee steet eis gutt zu Gesicht, et ass e gudden Image fir eis mä et bedeit net ganz vill Aarbechtsplazen.

Ech hat hei nach en Zitat fonnt, "... wou mir, d'LSAP, éischter op der selwechter Wellelängt sinn ewéi d'CSV, dat ass op Helper. Mir hu wëlles, am Laf vum Joer 2018 un d'Proprietären vun de Parzellen, déi eis net gehéieren, erunzetriete fir op Helper kleng a mëttelgrousse Betriber d'Méiglechkeet ze ginn, sech do unzesidelen."

Also, 2018 hunn ech do net vill fonnt am Budget an 2019 och net, majo da kommt mir maachen, dass mir eis eng Kéier zesummesetzen an da kucke mir, wéi mir do kënnen deene Betriber hëllefen, dass se kënnen heibleiwen oder op Diddeleng esouguer kommen. Acquisitioun vun Terrainen, grad mol 250.000 Euro am Budget, majo domadder lafe mir net ganz wäit. Acquisition d'immeubles bâtis, 0 Euro.

Mir plange gär mat, mir alleguerten, awer sot eis mol, wou huet d'Gemeng hir Terrainen? Wou hu mir Gebaier? Sidd mol éierlech an transparent fir dass mir kënnen zesumme kucken, wéi mir eis weiderentwéckelen.

Suesssem, zum Beispill, keeft Immobilien am Wäert vun 1,5 Milliounen Euro, Geländekauf 1,2 Milliounen Euro. Kielen, eng ganz kleng Gemeng, déi investéieren an Immobilien 4,3 Milliounen Euro. Hesper, eng méi grouss Gemeng, 10 Milliounen Euro.

A wéi sot en LSAP-Schäffe vun Nidderanven "besser in den Kauf von Grundstücken investieren statt keine Bankzinsen auf das Kapital zu bekommen."

Mir fannen Är Approche net ganz glécklech.

Dir iwwerloosst de private Promoteuren Terrainen, wéi Projeten "Am Duerf" a "Lenkeschléi" an "A Bëlleg", déi géif et net wann net Privatpromoteuren sech investéiert hätten. Gott sei Dank "erbaarmen" – ech weess och, dass se et net aus Baarmhäerzegkeet maachen, dofir tëschent Gänseféisercher - Investore fir hei op Diddeleng bauen ze kommen.



Domadder gitt Dir d'Matsproocherecht awer eiser Meenung ze vill aus der Hand.

Mir hätte kënnen zum Beispill "A Bëlleg" en autofräie Quartier maachen, mir hätten dat kënnen duerchdiskutéieren, mir hätte kënnen kucken, wéi mir dat maachen, mir hätten nei Wunnforme kënnen méi promovéieren, Wunnengemeinschaften, Méigeneratiounen-haiser, Sozialwunnengen, déi brauche mir, bëlleg Mietwunnengen, Emphytheosen, dat sinn Themaen, déi musse mir ugoen, déi musse mir zesummen diskutéieren an déi musse mir réaliséieren. De Besoin vun de Leit muss erkannt ginn.

An da kommen ech op eppes ganz Interessantes, am Budget stinn 8.000 Euro fir de CIPU, d'Cellule nationale d'information pour la politique urbaine.

Do hunn ech geduecht, gees de mol kucken op dee Site ob déi 8.000 Euro dann och iergendwéi eppes bréngen, ma hei, ech war ganz iwwerrascht, Jo, well am éischten Atelier zu Diddeleng am Juni 2017, do war d'Thema Instrumentenkasten bezahlbarer Wohnungsbau, kommunale Wohnungsversorgungskette, Definition vun Nachfragegruppen, d'steet alles dran. Wéi eng Populatiounsgruppe wéi eng Wunnenge sichen, steigende Bedarf ass u bezahlbare Mietwohnungen in mittleren bis schlechten Lagen.

Majo, dann inspiréiert lech dorunner a schwätzt mat eis a schwätzt mat eis zesummen an och mat de Bierger dobaussen.

Wa mir schonn an esou enger Cellule sinn, da geet et net duer 8.000 Euro Memberskaart do ze bezuelen an dann awer dat wat do ausgeschafft gëtt, net ëmsetzen.

Wat eis stéiert, dat ass, dass am Budget virun allem Etüde stinn.

Etüden, Etüden an nach eemol Etüden. Etüd iwwert den Reamenagement vun der Annexe Pompier, do dierf och d'Fro erlaabt sinn: Hätte mir dat net kënnen zesumme maachen, wéi mir déi Etüd gemaach hunn iwwert d'Policegebai? Dat ass jo awer e bëssen e Ganzt.

Do ass och eng Fro vu mir: Wa mir elo déi Annexe Pompier amenagéieren, wat geschitt da mam Radio Diddeleng?

Dann, Concours d'urbanisme Baulücken, dat war 2017, do ass säitdeem kee Fortgang, dëst Joer stinn do guer keng Budgetsposten dran. Meng Fro ass och: Wat geschitt mat deem Projet, wou grouss ugekënnegt gouf fir do déi Baulück bei der Bierenger Kiermes ze amenagéieren?

Etude sur la Construction, Salle polyvalente, Coin de Terre et Foyer, 50.000 Euro, och do sief d'Fro erlaabt: Ass déi Salle polyvalente herno fir all Veräiner? Gëtt do mat all Veräin offen diskutéiert, wéi eng Besoinen do sinn oder ass dat just virgesi fir déi Veräiner, déi schonn do sinn, dat heescht de Coin de Terre et Foyer? D'Resultater vun deene villen Etüde gesi mir nach keng.

2018 gouf eng grouss Etüd gemaach iwwert d'Suppression des passages à niveau, Frais d'études urbanistiques, 127.600 Euro. Wat koom dobäi eraus? Also, ech krut dat nach net presentéiert, villäicht hunn ech dat net matkritt mä ech denken, et wier awer sënnvoll, awer och de Suivi vun deenen Etüden hei ëmmer virzestellen.

127.000 Euro stinn dëst Joer am Budget fir Planification, Contrôle conceptuel et aménagement du réseau cyclable. Bon, et ass och erëm eng deck Zomm, et ass déi selwecht Zomm, déi mir ausginn hate fir d'Etüd Suppression des passages à niveau, ech hoffen dass mir do awer och e Resultat kréien a virun allem, wa mir e Resultat kréien, dass mir dann och reagéieren op déi Etüd.

Zum Thema Mobilitéit schwätzt de Jemp Gangler herno nach, just ee Wuert: Et geet net méi duer, dass Dir ëmmer sot, mir mussen d'Diskussioun weider féieren, Tram oder Direktzich.

Mir hunn es sat an déi Leit dobaussen hunn es nach méi wéi sat. Mir mussen elo Neel mat Käpp maachen, mir kënnen och nach dräi Etüde maachen oder 10 Etüde maachen, mir kënnen och nach eemol d'Leit fir déi 26. Kéier an den Hild invitéieren a mat hinnen diskutéieren, mä mir mussen Damp maachen.

Mir gi jo och mat op dee Wee mä maacht eppes an informéiert d'Leit well et ass wierklech flemmseg, wann Dir kuckt, wéi frustréiert d'Leit sinn, wann se wëlle vun hei an d'Stad schaffe goen.



En anert Thema, eis Regiebetriber kréien eng nei Hal. Mir haten nach Terrainsreserven, huet et geheescht. Wéi gesot, och mir géife gäre matschwätzen, wou mir wat plangen, wa mir da wéissten, wou mir dann Terrainen hunn.

Och genau dat nämmlecht Beispill op Koibestraachen. An der Diskussioun ëm e Plan sectoriel am September ass erauskomm, dass déi Zon Koibestraachen, déi mir ëmmer esou dohinner gestallt kritt hu wéi déi ass intouchable, well dat wier jo eng Zone nationale spécifique, a wéi mir dunn diskutéiert hunn iwwert d'Plan-sectoriellen, huet et geheescht - oh Wunder - et war nach ëmmer eng kommunal Zon an et ass och nach eng, ma dann hu mir do grëndlech verschlof fir déi Entwécklung weiderzedreiwen, wat mir bedauere mä et ass ni ze spët.

Ech denken, mir kënnen ëmmer mol do nach d'Käpp zesummestiechen a kucken, wat mir do wëlle maachen. Well wann ee wéisst, wéi eng Terrainen der Gemeng gehéieren, da kann een och mat konkrete Proposen kommen.

De Relevé vun de gemengeneegenen Terrainen hu mir säit de Gemengewale virun engem Joer ëmmer nees versprach kritt. Scheibchenweise kréie mir se an der Bautekommissioun gewisen, et ass e bëssen d'Thema "kucken awer net upaken", wéi d'Kanner am Buttek.

Ënner deem Motto ginn d'Pläng dann ausgerullt, mir dierfen e Bléck drop werfen, mir kënnen villäicht och nach eng Foto maachen, an da gëtt alles séier zesummegegrullt an ewech gespaart an dat zum Thema Transparenz, Dialog a Respekt, mir hunn es einfach sat, mir fannen dat net gutt a mir wiere frou wann sech do eppes géif drun änneren.

Dann nach ganz kuerz zu deene Punkte wollt ech eppes soen: Am Budget steet eng Etüd Plan de développement culturel, 20.000 Euro, do kënnen mir eis näischt richteg drënner virstellen, do wiere mir frou, wa mir Explikatiounen géife kréien.

An dann zum Thema Kierch, Renovatioun vun der Fassad, deen Artikel gëtt et net méi am Budget. Ech erënneren och do nach eemol drun, dass den Här Buergermeeschter d'lescht Joer gesot huet, eis Kierch ass e Patrimoine religieux, culturel an architectural an duerch d'Renovatioun vun der Fassad ka weider zur Attraktivitéit vum Stadkär bäigedroe ginn. An et wier en Hohn, wa mir géifen dës Patrimoine verkomme loossen.

Dofir nach eemol mäin Appel, mir musse Gas ginn, dass mir do och Neel mat Käpp maachen, dass mir do eis zesummesetzen an iwwerleeën, wéi kënnen mir dat maachen, dass mir déi Fassad schéi maache well de Centenaire vum Dominique Lang steet virun der Dier an et wier schéin, wann dem Dominique Lang seng Wierker an engem schéine Kader géife stoen oder wéinstens, dass een de Leit ka soen, dach mir wäerten de Kräizwee hei elo net verkomme loossen an engem Gebai wou d'Fassad net schéin ass, mä mir investéieren do. Dofir do nach eemol mäi waarmen Appel, och do ze kucke wéi mir weiderginn.

Ech hunn awer och nach eng Fro, et ass am Fong e bësse Moutarde après dîner well mir haten et scho gestëmmt, et geet ëm Zebrastreifen: bei eis ginn 118 Zebrastreife fir 700.000 Euro amenagéiert, also verbessert.

Zu Nidderanven ginn 116 Zebrastreife fir 305.000 Euro erneiert, nei markéiert, Überkopfbeschilderung... do froen ech mech, vun 305.000 Euro op 700.000 Euro, wat hu mir méi herno wéi déi Nidderanwener? Villäicht kënnt Dir eis do eng Erklärung ginn, well dat ass awer eng Verduebelung vun de Fraisen, dat war interessant wéi ech dat erausfonnt hunn. Voilà. Da kommen ech zum Fazit.

Gutt a wichteg Investissementer wéi de Stroossebau, d'Renovatioun vun eiser Maison Relais Ribeschpont an der Schwämm, fannen natierlech eis Zoustëmmung an déi sinn och wichteg an déi musse mir och weiderféieren an och déi schonn decidéiert Projeten, Bildungshaus Lenkeschléi, Maison des Chercheurs, och dat si wichteg Investor, awer mat esou gesonde Finanze muss een an Terrainen a Gebaier investéieren.

Et muss ee Visiounen opweisen, Wunnraum schafe fir jiddereen, ech betounen, fir jiddereen.

NeiSchmelz ass eise Projet d'envergure. Do si mir eis eens. Mä kuerz- a mëttelfristeg muss een och an dem Stadgebitt an um Stadgebitt selwer aktiv ginn. Mir vermessen an deem Budget eng Wäitsicht. Wéi gesot, "A Bëlleg" wier e coole Message gewiescht no baussen, mir vermessen eng Offer fir kleng- a mëttelgrouss Betriber, fir sech hei niddereeloossen, mir vermessen hei Pläng fir Koibestraachen attraktiv ze maachen, mir vermessen virun allem Dialogbereetschaft a gesinn och keng Oprochstëmmung.



Ech hat virun engem Joer gesot, ech géif mir wënschen, dass méi Dynamik an d'Aarbecht vum Schäfferot kéim an dass Dir d'Problemer géift upaken, zum Beispill Train-Tram, mir haten et och schonns deemools gesot.

An och, dass mer déi Problemer géifen zesummen diskutéieren an zesumme Léisunge sichen. Leider si meng Wënsch nëmme Wënsch bliwwen an nach net an Erfëllung gaangen. Mä wie weess, ech äusseren se nach eemol, villäicht geschitt jo eppes bis d'nächst Joer. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, weider Stellungnamen? Madame Martine Bodry Kohn.

Martine Bodry Kohn (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, ech fänke meng Ausféierung u mat engem häerzleche Merci un de Pascal Poull fir déi exzellent Viraarbecht vun deene Budgetdiskussiounen. Wéi all Joer krute mir hei en ausféierlechen a kompletten Dossier, deen eis d'Aarbecht ronderëm de Budget erméiglecht.

D'Moderniséierung vun Diddeleng weider virundreiwen, dat hate mir eis als LSAP an eiem leschte Walprogramm op de Fändel geschriwwen.

Haut fanne mir dat och erëm iwwer de Budget rectifié 2018 an de Budget initial 2019. Dass dëst Ziel kontinuierlech virugedriwwen gëtt, dat weisen d'Zuelen, déi mir virun eis leien hunn. Et gëtt weiderhin an eis Stad investéiert an dat op alle Gebitter an alle Quartieren.

Wa mir eis de Budget 2018 ukucken, gesi mir am Budget initial vum leschte Joer, dass d'Recetten am ordinäre Budget geschat ginn op 81,3 Milliounen Euro an am Rectifié hu mir 87,2 Milliounen Euro stoen, dat ass e Plus vun iwwer 7%. Déi Zuel kéint esouguer nach méi héich ausfale well de Finanzminister a senge rezenten Ausféierunge vu Méi-Einname beim Staat geschwat huet, am Géigesaz zu fréieren Ausféierungen oder Previsiounen vum STATEC.

Besonnenesch bei der Gewerbesteier, déi de Gemengen direkt zegutt kënnt, gëtt elo mat däitlech méi Einname gerechent wéi am Ufank vum Joer.

Doduerch, dass dëse Schäfferot d'Ausgaben am Grëff gehalen huet - hiren Total bleift nämlech um selwechten Niveau wéi virun engem Joer virgesinn - ass den ordinäre Budget am Rectifié 2018 elo ganz däitlech am lwwerschoss mat bal 11,5 Milliounen Euro.

Dat ass historesch gesinn dee gréisste Virschoss, deen et jee am Budget ordinaire vun dëser Gemeng ginn huet.

Dat huet e puer Ursaachen.

Éischtens emol déi virsiichteg Budgetspolitik vun eiem Schäfferot.

Zweetens d'Auswierkunge vun der Gemeengefinanzreform vun der viregter Regierung.

An drëttens eng gutt wirtschaftlech Konjunktur.

Doduerch ass och budgetär ze verkraaften, dass déi ausseruerdentlech Ausgaben 2018 ëm ronn 11 Milliounen Euro an d'Luucht op knapp 24 Milliounen Euro ginn. Och dat ass iwwerens en historesche Rekord.

Nach ni hat d'Gemeng Diddeleng esou en héijen extraordinäre Budget. 2019 wäert en nach méi héich gi mat geschätzten Ausgabe vu 26,7 Milliounen Euro.

Dësen aussergewöhnleche Effort fir lafend Projeten auszuféieren an nei Projeten an Ugrëff ze huelen ass méiglech ouni dass an de Joren 2017 an 2018 hu missemen Emprunten opgehol ginn an och fir 2019 ass net geplangt, Geld léinen ze goen.

Dee leschten Emprunt vun der Gemeng Diddeleng geet dann och op den 30. November 2016 zeréck.

Zum Budget 2019 e puer Eckdaten am ordinäre Budget, dat heescht déi sougenannt lafend Käschten. Hei ass eng Hausse ze verzeene vu ronn 6,5 Milliounen Euro, woubäi hei eleng 5,2 Milliounen Euro op eng Erhéijung vun der Masse salariale zeréckzuféieren ass, sief dat duerch eng Indextranche, nei Posten, déi geschafe goufen oder och nach duerch d'lwwerhuele vum Personal vun deenen zwou Crèchen Nuddelsfabrik a Minettsdepp.

Am Total stinn dann elo 92.655.959 Euro Recetten op enger Säit an 82.274.072 Euro Depensen op där anerer Säit, wat dann e Boni vun 10.381.887 Euro ausmécht.

Ech gi kuerz op d'Ausféierunge vun der CSV an.

D'Madame Kayser sot, dass si sech heiansdo virkënnt wéi den Don Quichotte. Et ginn och Geschichten, déi ginn ouni den Don Quichotte geschriwwen.



Dat heescht, et muss een net ëmmer een hunn, deen dat ëmmer erëm widderhëlt, well hei zu Diddeleng ass de Schäfferot ganz äerdeg an engagéiert a wann Diddeleng wisst, da mussen mir natierlech och dat performant Personal kréien, wat mir brauche fir kënne esou gutt an esou effikass schaffen ze kënne.

Dat heescht, wann een elo einfach nëmmen Zuele matenee vergläicht, dass elo d'Personal an d'Luucht geet, dobäi hu mir awer elo de Cap vun 21.000 Awunner geholl, Diddeleng wisst, alleguer seng Leit a jidderree gëtt hei berücksichtegt bei deenen Engagementer a Projeten, da kann dat och net opgoen.

Dofir soen ech ëmmer, Dir vergläicht Äppel mat Bieren, well wann ee wisst, da muss een och méi Personal kréien, déi Servicer mussen effikass schaffen, an esou weider an esou fort. Dat selwecht, mat den Äppel a Bieren, gëllt och wann Dir hei Diddeleng mat anere Gemenge vergläicht, déi Terrainen opkafen, déi Situatioun ass eng ganz aner an deene Gemengen, do sti villäicht Terrainen zur Verfügung fir ze kafen, mir hunn do eng aner Situatioun, dat heescht, och dat ass nëmmen do baussen de Leit Sand an d'Ae gestreet fir virzetäuschen, dass hei net geschafft gëtt an de Schäfferot seng Aarbecht net géif maachen.

Dir widderhuel och ëmmer, wat eis stéiert, wat eis stéiert, majo eis stéieren och e puer Saachen, eis stéiert zum Beispill wann Dir eben tëscht den Zeilen hei dauernd sot, de Schäfferot géif net schaffen, dass d'Bierger hei net dierfe matschwätzen, well et gëtt a kenger Gemeng esouvill gemaach u Biergerbedeelegung wéi hei an de Kommissiounen an iwwerhaapt de Schäfferot, do ass d'Dier ëmmer op, an de Servicer och, dat heescht, och dat ass nëmme fir dobausse schlecht Stëmmung ze maachen.

Eis stéiert och, dass hei eis ënnerstallt gëtt, mir wiere just fir d'LSAP-Wieler do, well dat war hei nach ni de Fall an dofir hu mir jo och dat Resultat. Well dat sinn net nëmmen LSAP-Memberen, déi LSAP wielen, mä hei ass d'Majoritéit vun den Diddelenger, déi LSAP wile well d'Gemeng hei esou gutt gefouert ass.

Eis gefällt och net, dass hei punkto Transportpolitik a Wirtschaftspolitik eis ëmmer oder dobaussen de Leit virgegaukelt gëtt wéi wann dat an de Kompetenze vun der Gemeng géif leien, dat ass hei eng enk Zesummenaarbecht mat de Ministère an déi geschitt natierlech Dag fir Dag an do kann net jiddereen

dauernd informéiert ginn, well dat läit einfach an der Kompetenz vum Schäfferot fir do seng Aarbecht ze maachen an dat maachen si exzellent. Voilà, dat emol zu deem.

Ech verstinn, dass do eng gewësse Frustratioun ass, well d'CSV sech schwéier deet mat der Oppositiousroll, net nëmmen an de Gemenge mä iwwerhaapt, mä dat ass awer esou, d'Majoritéit huet eng gewëssen Gestaltungsfräiheet an dat ass och hei esou.

Am Budget extraordinaire gesäit et esou aus, dass hei erëm kräfteg investéiert gëtt.

Weiderhi gi Kanalaarbechte getäteg fir kontinuëllech eis Stroossen esouwuel iwwer wéi och ënner dem Buedem an engem gudden Zoustand ze halen. All Joer ginn esou Stroossen erneiert an deene verschiddene Quartieren, dat ass net ëmmer esou einfach fir d'Awunner vun deene Stroossen, dat ass eng Gedoldsprouf, mä wou geschafft gëtt, do fale Spéin, seet en aalt Spréchwuert, oder kee Chantier hu bedeit Stëllstand an dat ass zu Diddeleng sécher net de Fall.

Stroosse ginn 2019 erneiert, dat an der rue de la Minière, rue de la Brasserie, rue Friedrich a rue Docteur Welter, zum Deel gëllt dat och fir d'Belichtung an der Bierenger Strooss.

Am Beräich vun de Konstruktiounen gëtt erëm massiv an eis Schoulen investéiert, ech ernimmen hei just déi déckste Poste mam Ausbau vun der Schoul Ribeschpont, mat enger neier Maison Relais, déi mat 3 Milliounen Euro zu Buch schléit, en Invest deen zu 50% duerch den Educatiounsministère subventionéiert gëtt, ausserdeem de Bau vum Schoulkomplex op Lenkeschléi, oder och nach déi nei Crèche am Quartier Italie mat 1,4 Milliounen Euro, an den Turnsall vun der Butschebuerger Schoul kritt en neien Dach.

Mäi Kolleg Romain Zuang wäert do nach am Detail op all déi Saachen agoe mä eleng am Beräich Enseignement ginn 2019 elo 9.683.000 Euro investéiert, dat sinn iwwer 36% vum extraordinäre Budget, deen dann an d'Schoule fléisst an domat an eis Kanner an an hiren Encadrement investéiert gëtt.

An der Schwämm muss dee grouse Baseng erneiert ginn, dësweidere stinn 200.000 Euro am Budget fir de Reamenagement vun der Entrée vun der oppener Schwämm esou wéi och déi Plaz virdrun.



Déi aktuell Situatioun, esou wéi se sech elo presentéiert, ass net méi zäitgeméiss, et géif een haut-desdaags Vintage dofir soen.

Déi 2. Phase vum Shared Space gëtt dann an Ugrëff geholl nodeems mir hu misste reagéieren op den Delai vu staatlecher Säit a well mir net onnéideg Zäit bei der Realisatioun vun dësem wichtege Projet wëlle verléieren, dee geet also elo weider.

D'Realisatioun vun eise Bürosraum am Stadhaus, d'Beschafe vun engem falsche Plafong am Festsall an dann natierlech och d'Renovatioun vum ale Festsall, ass e weidere grousser Projet, hei si 560.000 Euro veranschlagt.

Wéi gutt eng Gesellschaft ass, gesäit een dorun, wéi si mat hire schwächste Memberen ëmgeet, seet e Spréchwuert.

Abee, dat gëllt och fir eng Gemeng. Als Sozialiste läit et eis um Häerz, och deenen ze hëllefen, déi duerch iergend en Ëmstand op eemol an eng prekär Lag kommen am Liewen an Hëllef brauche vu bausse fir kuerz- a mëttelfristeg nees op hir eege Féiss ze kommen.

Diddeleng huet sech dofir e permanenten Office social ginn, dee mëttlerweil 33 Logementer verwalt a wou geplangt ass, kontinuierlech Wunnengen ze kafe fir se da kënnen u Leit ze verlounen, déi um normale Marché keen Ënnerdaach géife fannen.

Esou ass och am Budget 2019 d'Acquisitioun vun enger weiderer Wunneng virgesinn, dës Kéier op Lenkeschléi.

Am selwechte Kader muss een dann och de Projet 25 rue du Commerce gesinn, deen, wann e fäerdeg ass, wäert 3 Appartementer an 10 Zëmmere beinhalten, déi dann och erëm vum Office social zur Verfügung gestallt ginn.

D'Ufro ass grouss an d'Liste d'attente ass laang.

Diddeleng huet ronn 150 Nationalitéiten an huet de Cap vun den 21 000 Awunner geholl a wann ee weess, dass 18,7% vun de Leit hei am Land dem Aarmutsrisiko ausgesat sinn, da sinn déi 4 381 Dossierien - dat ass de Stand vun 2016 - déi den Office social traitéiert, absolut Duerchschnitt, mä wéi gesot, si sinn hei an eiser Gemeng gutt opgehewen.

Mir wäerten eis och bedeelegen um Projet vum zukünftigen Neibau vum Veräinshaus, wou eng ganz Etage nei Wunnenge vun eiser Cellule Logement wäerte verwalt ginn. Datt mat dësen Aussichten d'Cellule Logement mat hiren 2 Mataarbechter an der Maison sociale heifir net méi duergeet, gesäit jiddereen an, an dofir wäert et och an der Cellule elo e Service ginn, dee verstärkt gëtt, fir dëser wichtege Aufgab gerecht ze ginn.

Ausserdeem soll och den Office social duerch e Chargé de Direction mat 20 Stonnen nach méi performant a méi effikass ginn.

Am Budget gesi mir ausserdeem, dass d'Gemeng Diddeleng fir 610.000 Euro Allocations de vie chère ausbezilt, eng wichteg Mesure fir Leit mat engem klengen Akommes ze hëllefen, besser iwwer d'Ronnen ze kommen.

Och déi verschidde Mesuren am Kader vun der Aide à l'emploi, dat heescht fir deene jonken Aarbechtslosen a Laangzäitchômeuren duerch konkret Aarbechtsmodeller ënnert d'Äerm ze gräifen an si esou aktiv an engem Aarbechtsprozess ze halen, sinn en Engagement, deen d'Gemeng Diddeleng mat iwwer 2 Milliounen Euro am Budget beziffert.

Hei muss een dann och dee flotte Projet vun der Gemengenzär ernimmen, wou mir an Zukunft Planze selwer ziichte kënnen fir d'Gemengebesoinen, also eng Win-Win Situatioun.

Ech wëll och nach puer Wieder verléieren iwwert d'Beräicher Integratioun, Egalité des chances a Kultur, wou ech d'Éier hunn, an den zoustännege Kommissiounen virzestoen.

Diddeleng huet sech scho viru laanger Zäit hei d'Instrumenter ginn, fir dës Beräicher kompetent an innovativ ze besetzen an hinnen och déi néideg Mëttelen ze ginn, fir gutt kënnen ze schaffen.

Ech denken hei - nëmmen zum Beispill, well all eis Servicer kéinten ernimmt ginn, an deem Beräich ernimmen ech dann e puer - un eise Projet Ensemble, eise Service de l'égalité des chances an och de Service des fêtes et manifestations.

Duerch dës Mëttelen, net nëmmen am sportleche Beräich, huet Diddeleng positiv vun sech schwätze geden, mä och am Beräich vun der Integratioun, war Diddeleng kierzlech elo an der Press.



Wéi de Buergermeeschter dat schonn ausgefouert huet, ass Diddeleng déi éischt Lëtzebuerger Stad, déi dem Programm fir interkulturell Stied vum Conseil d'Europe bäigetruewen ass an sech do vernetzt mat verschiddene Stied fir sech anzesetze fir Inclusioun a Vilfalt an enger Gesellschaft.

Dofir ginn och deene Servicer an Zukunft all déi Mëttelen zur Verfügung gestallt, déi se fir déi Aarbecht brauchen.

Am Kulturberäich ass do eis regional Museksschoul an eise Centre culturel Opderschmelz mat eise Service culturel ënner der Leedung vum Danièle Igniti, dat Ufank 2019 elo an d'Pensioun geet. Hatt huet der Kulturlandschaft säi Stempel opgedroen an duerch seng ambitiéis a professionell Approche der Kultur dee Stillewäert ginn, deen dozou gefouert huet, dass Diddeleng haut wäit iwwer seng Grenzen eraus bekannt a beléift ass fir seng qualitativ héichwäerteg Performancen. Merci, Danièle, fir Däin Engagement, Däin Know-how an och Däi Franc-parler.

Eng vun den Etüden, déi am Budget extraordinaire virgesinn ass, wëll ech hei och nach ernimmen, et ass déi vun deem eventuellen Neibau vun enger Salle polyvalente um Site vum haitege Sall vu Gaart an Heem an der Beetebuerger Strooss. Den Hild ass schonn e bëssen an d'Jore komm an et ass noutwenneg, dass Diddeleng a seng Veräiner en neie Sall kréie fir an Zukunft käschtegegenschteg dovunner kënnen ze profitéieren. Eppes wat mir als LSAP an eise Walprogramm stoen haten an e weidere Punkt, deen elo ëmgesat gëtt.

Ech kommen zum Schluss, eis Reserven belafen sech op den 31.12.2018 op 12.837.248 Euro, eis Schold geet säit 2016 kontinuierlech erof op 14,71 Milliounen Euro, wat enger Pro-Kapp-Verscholdung vu 688 Euro gläichkënnt, déi elo säit e puer Joren erofgeet an da brauche mir 2019 och keen neien Emprunt opzehuelen.

Mir befannen eis an enger exzellenter finanzieller Lag, déi et eis erméiglecht, och weiderhin den néidege Spillraum ze hale fir eis den Erausforderungen, déi sech an Zukunft wäerten erginn, ze stellen.

Vun dëser gesonder finanzieller Situatioun profitéieren d'Diddelenger Bierger ganz konkret am Alldag, d'Gemengentaxe ginn dann dëst Joer och net gehéicht, weder am Beräich Offall nach am Beräich Waasser.

Zesummegefaasst kënne mir feststellen, dass dëst e sozialen a wäitsiichtege Budget ass. Definitiv erkennt een hei déi sozialistesche Handschrëft. Et ass awer och en intergenerationelle Budget, e Budget vun der sozialer Kohäsioun. Felicitatiounen un de Schafferot fir seng Finanzpolitik. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Martine Bodry Kohn. Deen nächsten Intervenant? Här Yves Jadin.

Yves Jadin (Déi Lénk): Villmools Merci, wéi déi Jore virdru profitéiert d'Diddelenger Gemeng vun enger exzellenter finanzieller Situatioun, déi sech dobause weise loosse kann. Milliounen Euro vun Dotatiounen a Recetten erlaben et, flott an interessant Investissementer anzugeen.

Mä, während de leschten zwee Joer war de Wunnensbau oder d'Wunnensnout e grousst Thema bei de Walen. Knapps sinn dës Walen eriwier, gëtt iwwer dëst Thema just nach diskutéiert.

Ech hat schonn d'lescht Joer eemol gesot, déi Diskussiounen à la Ping Pong bréngen eis net weider. Et musse Léisunge fonnt ginn an zwar schnell. Keng Léisung ass zum Beispill Immobiliefongen a Form vu FISen ze kreéieren. Dat si Steierkaddoe fir Immobilienhaien, déi bal keng bis guer keng Steiere bezuelen op ganz Arealer vun Terrainen, déi hinne gehéieren, wéi op de Loyer vu Büroflächen oder Luxuswunnengen.

Mir als Déi Lénk begréissen natierlech, dass d'Majoritéit hei zu Diddeleng an de soziale Wunnensbau investéiert. Mir wëssen awer all ronderëm dësen Dësch, dass dat net duergeet.

Iwwerhaupt fannen ech den Ausdrock soziale Wunnraum total feel un der Plaz, dat huet nämlech éischteens näischt méi mat sozial ze dinn, well och e groussen Deel vun der Mëttelschicht sech keen Haus a keen Appartement méi ka leeschten ouni de Risiko anzugeen, sech total ze iwwerschëlden.

Loyer kann een natierlech bezuelen, mä do geet e groussen Deel vum Salaire drop an et kann een net méi spueren.

Mir froen eis dofir op dee Wee, deen d'Diddelenger Gemeng ageschloen huet, dee richtegen ass.



Oft gëtt en Appartement kaf wat scho gebaut ass, oder nach an der Bauphas ass, natierlech zu den aktuelle Marchéspräisser.

Och stelle mir eis d'Fro, ob dat net grad déi Wunnenge sinn, wou de Promoteur drop sëtze bleift, well se schlecht agedeelt sinn, schlecht leien oder einfach ze deier sinn.

Ass et net un der Zäit, wann een déi aktuell Finanzsituatioun vun der Diddelenger Gemeng kuckt, dass dës Gemeng aktiv an de Wunnengsbau agräift? Et soll ee selwer bauen, eng Fuerderung, déi mir schonn oft gestallt hunn a wat sécherlech méi bëlleg gëtt wéi zum Beispill de Benefice vun engem Promoteur ze bezuelen.

Och kéint sech d'Diddelenger Gemeng hir eege sozial Kritäre ginn, fir esou Wunnengen un de Bierger ze verlounen. Et stëmmt natierlech, dass dat en Investissement ass, deen awer op Dauer och Suen an d'Kees bréngt. Een Deel vun dësen Investissementer kéint och iwwer eng Tax op eidelstoend Gebaier a Baugründe kommen. Et misst just de Wëllen do sinn, fir d'Taxereglement unzepassen.

Och leet de Staat selwer bis zu 75% bei esou Investissementer bäi, esou dass den Invest sech kéint innerhalb vun e puer Joer rentabiliséieren.

Dass d'Madame Dall'Agnol keng einfach Aufgab huet mat hirem Ressort Verkéier, läit op der Hand. Diddeleng ass e Schlauch ouni Aussicht, a Gott sei Dank, op e Contournement. De Verkéier an de Spëtzenzäite moies an owes dréit net grad zu enger gudder Liewensqualitéit bäi, dat wësse mir alleguerten.

Mir ënnerstëtzen d'Majoritéit beim Ausschaffe vun engem Verkéiersplang, wa mir eemol ee géife gewise kréien.

Gratis Transport, dozou kann ee stoe wéi ee wëll, ech ginn lech einfach mol zwee Chifferen.

Den Diddelenger Citybus kascht ongeféier 950.000 Euro am Joer. D'Recetten, déi iwwer déi Ticketen erakommen, belafen sech nom Budget 2019 op 6.000 Euro. Ass et net wierklech un der Zäit, dës Citybus einfach gratis ze maachen? An der Hoffnung, dass e puer Bierger méi vun dësem Service profitéieren, den Auto doheem loossen an esou an Duerf kommen?

Dir hutt och eis Ënnerstëtzung beim Ausbau an der Modernisatioun vun de Vëlosweeën, wéi Dir gesot hutt, a mir hoffen, dass et esou eppes Flottes gëtt wéi de Foussgängerleitsystem, also e Vëloleitsystem.

Och sti mir hannert lech bei allen Ustrengungen, eng Zuchstreck Diddeleng-Stad a Stad-Diddeleng ze maachen, sief dat mat direkte Verbindungen oder enger Tram-Léisung. Ech fäerte just no de rezenten Investissementer vun der CFL, dass dës Léisung, betount op Léisung, zeréckbehale gëtt.

Den Zougang zu verschiddene Servicer gesinn Déi Lénk als e fundamentaalt Recht un. Waasser ass dat Eenzege wou d'Gemeng nach am Moment kann d'Hand drop halen. Wéi all Joer fuerdert Déi Lénk op en Neits e gestaffelte Waasserpräis. Op de Pro-Kapp-Verbrauch. D'Staffellung huet zwee Virdeeler: Et ass sozial well de Grondbedarf gratis ass a ka vu jidderengem an Usproch geholl ginn.

En plus féiert et dozou, dass d'Leit iwwer hire Waasserverbrauch nodenken. Wie wéineg brauch, dee bezilt och wéineg. Wien all Dag säin Auto muss wäschen, dee bezilt méi. Ökologesch Iwwerleeunge mussen ëmmer mam sozialen Denken zesumme goen. Et muss een och betounen, dass de gestaffelte Waasserpräis a verschidde Gemengen tipptopp funktionéiert.

A propos Ëmwelt, mir géifen et begréisze wann d'Diddelenger Gemeng e Reglement géif ausschaffen an och stëmmen, dat de Gebrauch vun Eeweepplastik, wéi Bestecker, Telleren a Bechere während ëffentleche Manifestatioune strikt verbitt. Ech weess, dass fir de Chrëschtmaart 2018 schonn eppes ausgeschafft gouf, wat awer net méi ze stemmen ass. Mä genau esou eppes wat do ausgeschafft ginn ass, misst bei all Manifestatioun kommen an och zielen. Natierlech géif ech lech do gäre berodend zur Säit stoen, well mir hunn eng gewëssen Erfahrung doranner.

Zum Shared Space: Mat der aktueller Form si mir nach ëmmer net averstanen. Gëtt en esou wéi versprach ausgebaut? Dass aus der Phase 3 elo d'Phase 2 gëtt, fir mat den Aarbechten net a Versuch ze kommen, ass ze verstoen. Ech stelle mir awer d'Fro ob d'Gemeng sech bewusst ass, wat fir Konsequenzen dat fir d'Geschäftsstrooss huet? Iwwer zwee Joer war d'Duerf zou. Mir wëssen all dass e gudden Deel vun de Geschäfte dorënner gelidden hunn. E gutt Joer méi spéit, wat net esou virgesi war, gëtt dës Strooss



nees gespaart. Ech fäerten, well d'Geschäfte net genuch Zäit hate fir sech ze erhuelen oder ze sanéieren, dass déi elo d'Konsequenzen droen.

Ass vun der Gemengesäit dru geduecht ginn, dës Geschäfte och ënnert d'Äerm ze gräifen? Zum Beispill d'Aussetze vu verschiddenen Taxen?

Dës weideren huet sech elo de leschte Mount erausgestallt, dass dee giele Belag, Pardon, op ville Plazen ass e scho bal normal gro, enorm glat gëtt. Ass an der Phase 2 an 3 zeréckbehal ginn, Alternativen zeréckzebehalen an nozebesseren?

Deen neie Souterrain mécht eis och Suergen. Iwwer e Kontrakt muss d'Gemeng d'Differenz un den Exploitant bezuelen, wann dës Chiffre d'affaires minimal garanti net erreecht gëtt. Och zwee Joer no der Fäerdegstellung vun dësem Parking ass en déi meeschten Zäit nach ëmmer zu zwee Drëttel eidel. Wësst Dir wourunner dat läit? Ginn et do Statistiken, Analysen oder Informatiounen? Kann een de Kontrakt mat der Firma net iwwerschaffen? Oder ganz dorop verzichten an iwwer den Internet op den internen Know how vun der Gemeng zeréckgräifen?

Dann hu mir virun der Dier säit enger gewëssener Zäit e flotten Apparat stoen, e sougenannten E-Reider, dee stoung d'lescht Joer mat 60.000 Euro am Budget, dat gesäit flott aus an interessant. Mä ginn et dofir Statistiken, wéi vill Leit dee Reider gebrauchen? An ech hunn d'lescht Kéier nogekuckt, ech fannen den Inhalt zimlech moer. Gëtt do nogebessert? Ech hoffen.

Am Budget fënnt sech och e Punkt, Aide à l'emploi de jeunes chômeurs. Do ass eis opgefall, dass de Chiffer vun 19 jonk Aarbechtslosen am Joer 2017 op 5, respektiv 7 Persoune gefall ass. Kënnt Dir eis dozou eng Erklärung ginn? Oder ech hoffen dass et esou ass, dass et manner jonk Aarbechtsloser ginn, déi eng Aarbecht sichen?

Och fir den Honoraires de consultants externes, Expertises, Inventaire des services de la ville, fir 105.000 Euro, do wollte mir awer weider Informatiounen kréien, wat do hannendru stécht.

No dësen, wéi ech fannen, konstruktive Kritiken a Froe muss ech der Majoritéit awer och felicitéiere fir verschidde Projeten.

Dorënner falen zum Beispill un éischter Stell dat neit Bildungshaus/Schoul, wat menger Meenung no richtungsweisend fir dat ganz Land wäert ginn.

Och d'Iwwerhuele vun deenen zwou Crèchen, Minettsdepp an Nuddelsfabrik, ass ze begrëssen a gëtt vun Déi Lénk ënnerstëtzt. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Här Jadin fir seng Stellungnam an dann ass et um Romaine Goergen.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Merci Här Buergermeeschter, léif Kollegen a Kolleginnen aus dem Schaffen a Gemengerot, wéi gewinnt iwwerhuelen ech dee méi generellen Deel vun der Stellungnam vun der Grénger Fraktioun, während den Här Garcia op e bësse méi spezifesch Elementer ageet.

Ech fänke mam Budget rectifié 2018 un, ech schwätze kuerz vun der allgemenger Finanzlag a ginn dann zum Budget 2019 iwwer.

Fir d'éischt geet dann e grouss Merci och vun de Gréngen un den Här Poull an d'Ekip vun der Comptabilitéit, déi verantwortlech si fir d'Opsetze vum Budget. Dat selwecht gëlt fir déi Leit, déi mat un deem Budget geschafft hunn. Mir soen och Merci fir déi Dokumenter, déi mir als Begleetmaterial kritt hunn, dat sinn Tableaux a Statistiken, déi d'Ausgaben an Einnahmen no verschiddene Kritären opschlësselen an se an e Kontext vun e puer Joer setzen.

Et sinn och ëmmer Grafiken dobäi, déi méi oder manner hëllefbräich sinn. Doduerch kréie mir e besseren Iwwerbléck. Dëst Joer sinn ech direkt bei dem éischten Tableau vun der Säit 3 op eng Schwieeregkeet gestouss, an zwar well do d'Zuelen net déi selwecht ware wéi am Budget. Am Tableau stinn 81.325.246 Euro Recettes ordinaires als Budget initial fir 2018, am Budgetsdokument stinn awer op der Säit 47 als Montant autorisé genau 81.726.646 Euro. Do gëtt et eng Differenz vu genee 401.400 Euro. D'Zuelen aus dem Tableau sinn och net déi, wou mir 2017 gestëmmt hunn. Well do gëtt et och nach eng Differenz vun 1.500 Euro.

Esou ähnlech verhält et sech och mat der Dépense ordinaire vun der Säit 147 par rapport zum Tableau 3. Hei ass d'Differenz 461.060 Euro. An 178.293 Euro par rapport zum ursprénglech gestëmmte Budget vun 2018.



Et gëtt bestëmmt eng schlësseg Erklärung fir déi Zuelenënnerscheeder a mir wiere frou wa mir déi Erklärung kéinte kréien.

Ech géif da gläich zum Budget rectifié vun 2018 kommen.

Am uerdentlechen Deel ginn et kleng Schwankungen tëschent dem Budget initial an dem Budget rectifié. Bei den Einnahmen am uerdentlechen Deel gesäit de Budget rectifié 6 Milliounen Euro méi Einnahme vir, déi sech haaptsächlech duerch d'Dotatioun vum Staat an de Restanten erklären.

Déi uerdentlech Ausgabe ginn e bësse méi wéi eng hallef Millioun erof.

Beim ausseruerdentleche Budget ass den Ënnerschied tëschent Initial a Rectifié och net grouss. D'Recettë gi vun 12,8 Milliounen Euro op 12,6 Milliounen Euro erof, d'Ausgabe ginn allerdéngs 23,8 vun op 26,1 Milliounen Euro erop.

Meeschtens wousst ee scho vu vireran, dass d'Projeten net all géifen duerchgesat ginn. Eigentlech musen och ëmmer déi selwecht Argumenter duerhale fir d'Ännerung ze erklären an dat si Verschibunge vun Aarbechten an ofgeännert Montante vu Subventiounen vum Staat. Mir bleiwen och dëst Joer bei eiser Logik vun de leschte Joren. Mir enthalen eis beim Budget rectifié, well mir zwar den Initial net gestëmmt hunn, mat der Ausféierung awer keng gréisser Schwiereregkeet hunn. Fir déi uerdentlech Ausgabe vun der Gemeng, déi all Joer an d'Luucht ginn, hu mir déi lescht Joren all kéier erëm gefaart, dass et iergendwann net méi géif opgoen.

Tatsächlech ginn déi Ausgaben och säit 2014 steteg an d'Luucht, wat ëmmer duerch steigend Käschten a Verbindung mam Personal bruecht gëtt.

Awer all Joer hunn sech d'Einnahmen als méi grouss erwie wéi erwaart a säit der Finanzreform ass de Sputt zwëschen den uerdentlechen Einnahmen an Ausgaben och net esou enk. Ëmmerhin si méi wéi 68% vun eisen Einnahmen ofhängeg vun de staatleche Subventiounen. Esou profitéiere mir insgesamt vun der allgemenger gudder finanzieller Situatioun vun eisem Land. Dat soll och esou sinn, well d'Gemengen den direkte Lien zu de Biergerinnen a Bierger sinn an am Laf vun der Zäit ëmmer méi Déngschtleeschungen ubidden.

Et kann een dann och zu Recht soen, dass eis Gemeng finanziell gutt do steet. Dank der Reform vun de Gemegefinanze stinn eiser Gemeng all Joer 5 Milliounen Euro méi zou u staatlecher Dotatioun. En neie Verdeelerschlüssel dréit der Bevëlkerung an de regionalen Aufgabe méi staark Rechnung, erkläert dass mir insgesamt méi kréien. Dozou kommen dann nach Einnahmen duerch d'Gewerbesteier, Grondsteuer, déi zimlech wéineg ausmécht an Taxen, déi un Déngschtleeschungen gebonne sinn.

Mir hu wéineg Scholden an hu säit 2 Joer keen Emprunt méi missen ophuelen. An dat trotz groussen Investitiounen am Stadkär, Stroossen a Schoulen, grad esou wéi a méi kleng Projeten.

Et kann een also soen, dass mir net nëmme finanziell gutt do stinn, mä och bal aus dem Volle kënnen schöpfen. Aus deem Grond kann eis Bevëlkerung och op Infrastrukturen zielen, déi gutt sinn an och reegelméisseg a Stand gehale ginn, esou eis Stroossen, eis Gas- a Waasserréier an eis Kanalisatioun, fir nëmmen déi ze nennen.

E Bléck iwwert d'Grenze vun eisem Land eraus missten eis duergoe fir méi zefridde mam Ugebot u Schoul-, Sport- a Fräizäitinfrastrukturen ze sinn. Wann eis Sportsekippen an d'Ausland fueren, mierken se eréischt, dass waarm Duschen net selbstverständlech musse sinn. Et soll roueg op dës Ëmstand higewise ginn, well et kann net ëmmer alles als selbstverständlech ugeholl ginn a mir stoussen iergendwann u Grenzen.

Déi Liewensqualitéit, déi op ëmmer méi Konsum an Dorëmmerrenne baséiert, huet jo hiren Ëmweltpräis, dee mir a Form vun engem héijen Trafic an enger schlechter Loftqualitéit u verschidden Deeg – besonnesch bei Inversionslag - gutt mierken. Dofir liese mir och léiwer am Budget, dass mir en Nohaltegkeet-Masterplang an Opdrag ginn an natierlech och ëmsetzen, Vëlosweeër an e Pedibus an Ugrëff huelen, wéi dass mir an de Marketing vun der Gemeng investéieren an eiser Maison Relais eng Identitéit wëlle ginn.

Näischt géint flott Spréch iwwer de Süden, si sollen awer net doriwwer ewech täuschen, dass déi wierklech Erausforderungen am Kampf géint de Klimawissel a géint d'Verschäerfung vun de soziale Géigesätz leien. Sozial Kohäsion huet mat Chancégerechtgkeet ze dinn, déi mir an der Gemeng duerch eng gutt



Kannerbetreuung können erreichen, si huet awer och mat gelieferter Demokratie ze dinn, dozou wäert den Här Garcia och herno nach méi soen.

Erlaabt mir, am Zesummenhang vun der Matbestimmung vu Parteien, déisäit vun der LSAP e kleng Réckbléck op allgemeng Ofleef an dësem Joer 2018 an eiser Gemeng. D'Resultat ass duerchwuess, well heiandsdo Liichtblécker ze entdecken sinn, wéi zum Beispill um Niveau vun de Kommissiounen. Insgesamt kréie mir méi Rapporten, mir hu gemierkt, dass méi Efforte gemaach gi fir dass Rapporte geschriwwen ginn an dass se eise Conseillere zoukomme gelooss ginn. Dat funktionéiert bal iwwerall gutt.

An der Verkéierskommissioun ass nom 27. Mee dëst Joer keng Kommissiounssëtzung méi zesumme kummen an dat obschonn zum Beispill Shared Space op enger anerer Plaz weidergefuert gëtt wéi geplangt, an och nach aner Decisiounen getraff gi sinn am Beräich Verkéier.

Mir sinn der Meenung, dass do genuch Diskussionsstoff wier.

Iergerlech ass och all Joer mussen feststellen, dass eis Finanzkommissioun eigentlech nëmmen eng Budgetkommissioun ass an an där Hisiicht net berodend ka genannt ginn, well et do ëmmer nëmmen ëm e Constat geet. Et läit e fäerdeg Dokument do, wat e Bléck an Zukunft ass, a wou ee scho meeschtens weess, dass net alles esou kann ëmgesat ginn, d'Membere kënnen Froe stellen, méi ass net dran. Vu reale Konten gëtt schonn net méi geschwat.

An anere Gemengen ass dat anescht. Do kënnt d'Finanzkommissioun bal all Mount zesummen, wéi an der Stad, zu Beetebuerg, zu Déifferdeng sinn se d'lescht Joer 8 mol zesumme kummen, fir zum Beispill iwwer Taxen a Kafakten ze beroden. Och iwwer Loyere kéint diskutéiert ginn. Mir haten eng Opstellung virleie vu Loyerer, déi mir bezuelen, wëssen zum Deel och wéi eng Loyerer d'Gemeng freet awer d'Kontroll driwwer hu mir dowéinst net.

Mir fannen, dass dat net gutt ass.

Iwwerregens hunn ech am Rapport vun der Finanzkommissioun vu virun iwwer zwee Joer nogelies, dass eise Vertrieeder, deen dëse Problem opgeworf hat, geäntwert kritt hat, et kéint een sech jo dräimol oder

véiermol pro Joer treffen, fir eben iwwert déi Saachen ze diskutéieren. Ëmmerhi wier dat jo scho emol en Ufank.

Loosst eis dann zum Budget initial vun 2019 kommen. Do gi mir am uerdentlechen Haushalt esouwuel bei den Ausgabe wéi och Einnahme vu méi héije Chifferen aus wéi 2018 an dat well d'Gemeng déi zwou Crèchen iwwerholl huet. Mir hunn doduerch méi Ausgaben awer och méi Einnahmen.

Den Iwwerschoss bleift an ähnleche Paragen wéi déi Jore virun an erlaabt zesumme mat de kumulierten Iwwerschëss vun de viregte Jore e groussen Handlungsspillraum.

Mir fannen dann och am ausseruerdentlechen Budget ganz vill Investitiounen an als Contrepartie net esouwiel Recetten, mir wëssen awer, dass dëst nach wäert änneren, esouwuel bei den Einnahme wéi och bei den Ausgaben.

Et fält op, dass bei sämtlechen neie Projeten och mol Etüden ugesat gi sinn. Et liicht engem an, awer et ass opfälleg dass et ëmmer ronn Zuele sinn, an dass et och oft 50.000 Euro sinn, wéi beispillsweis fir d'Ex-tensioun vum Bierenger Rückhaltebecken.

Dozou och eng Fro: Firwat gëtt déi hydraulesch Kapazität vun der Bach gekuckt? Dat ass eng vun den Etüden.

Mir haten duerch eise Vertrieeder an der Finanzkommissioun nofroen gelooss firwat dat ëmmer esou eng schéin, ronn Zuel wier an ob déi Etüden och ëmmer am Virfeld vun neien Investitiounen géife gemaach ginn, oder ass déi Etüd en Deel vun der Ausgab, déi mam Projet zesummenhängt, a gëtt vun der Firma gemaach, déi och de Projet duerchféiert. Mir haten dorop keng richteg Äntwert kritt an erlaben eis dofir nach eemol nozefroen.

Et imposéiert sech dëst Joer niewent eisem Dauerbrenner Vëlosweeër an Niddeschgaass, och nach op de Sport anzegoen.

Den Här Garcia këmmert sech ëm Ëmwelt, Kultur a Biergerbedeelegung.

Fir d'éischt dann zu eisem Stadkär: Mir begréissen, dass mir wëlles hunn, als Gemeng e Lokal an der



Niddeschgaass ze lounen a méi präiswäert da weiderzeverlounen. Endlech probéiere mir niewent de Pops och an d'Angebot vun de Geschäfte anzegräifen. Mir hunn dat och schonn d'lescht Joer proposéiert. Et schénge effektiv déi eenzeg Manéier ze sinn, fir kënne Geschäfte eng Chance ze ginn, déi net zu grousser Chaîné gehéieren an also net Mainstream sinn, déi sech awer an enger Geschäftsstrooss positiv kënne auswierken.

Et stellen sech natierlech Froen dozou. No wéi engem Prinzip ginn d'Geschäfte erausgesicht fir an de Genoss vun deene subventionéierte Loyerer ze kommen. Vu dass dat nëmme kann en Angebot an enger Iwwergangsléisung sinn, wéisste mir gär wéi laang dat wier.

Den Thema Internetplattform ass mindestens zweemol bei de Budgeten ugeschwat ginn, ech war virwëtzeg genuch fir op d'Sich vun dëser Plattform ze goen, déi et elo säit September 2018 gëtt. Si heescht letzshop.lu an op där Plattform hunn ech dann och schonn Diddelenger Geschäfte fonnt mat hire Produkter, wat ganz interessant war. Ech sinn du kucke gaangen ob ee vun der Homepage vun der Gemeng direkt op dee Site kënnt, wat awer net de Fall ass. Déi Diddelenger Geschäftsleit si sécher vun der Plattform informéiert ginn, mä wann et kee Link dohinner gëtt vun eiser Homepage, esou misste wéinstens déi Diddelenger Leit gewuer ginn, dass et esou eppes gëtt.

Vun der Niddeschgaass bis bei de Sport ass et en zimleche Spagat. Eis gefält et, dass mir den Titel vum European Town of Sports kritt hunn an och eng Rei Virsätz domadder a Verbindung bréngen.

Mir fannen et och net problematesch, dass eng aner Stad aus dem Süden e Joer virdrun déi éischt Lëtzebuerger Town of Sports war. Et kënnt net ëmmer drop un, deen éischten ze sinn am Sport, well Kompetitioun kann och kontraproduktiv sinn.

Grad esou wichteg fir eis Gréng ass de "sport pour tous", wéi d'Relance vum Streetball zum Beispill.

Et soll ee verschidde fräi Fläche fannen, wou Kanner kënne spillen an och Sportsgeräter am Fräie komme gutt un. Et ass evident, dass méi Kanner sech misste vill beweegen. Et ass eise Sportsclub net zouzemudden, sech och nach ëm dës Problematik ze këmmen, dofir setze mir grouss Hoffnung an den Här Hellers,

a waarden op gutt Impulser, déi hien dank sengen Erfarunge kann an d'Sportswelt mat erabréngen.

Anerersäits si mir och frou, dass mir den Titel European Town of Sports net esou interpretéieren, dass mir eis ënner Drock setze loosse fir e neie Foussballterrain ze bauen. Dat ass eng Decisioun, déi gutt iwwerluecht soll ginn a wou Alternative sollen diskutéiert ginn, ouni op en Ultimatum mussen ze reagéiere vu Säite vun engem Sponsor. Mir felicitéieren dem Schafferot fir seng besënnen Haltung an dësem Dossier.

Vu Sport bis bei d'Vëlofueren an Zefoussgoen am Alldag ass et nëmme e Kazesprong. Et iergert mech ëmmer, wéi wéineg et an de Käpp vun de Leit ukënnt, dass Trëppelen e gudde Fitness ass. An dass am Stadgebitt op den Auto ze verzichten esouwuel der Ëmwelt wéi dem eegene Wuelbefannen zegutt kënnt. Mat Kanner ze Fouss an d'Schoul goen oder se ze schécken, misst evident sinn, dofir ass ze hoffen, dass dat bei besser securiséierten Zebrasträifen och bei den Eltere vu Kanner ukënnt.

Et gëtt Zäit, dass bei eis e Pedibussystem op d'Been gesat gëtt, well dat bei anere Gemenge jo och méiglech ass. Villäicht kéint een sech vu Modeller aus anere Gemengen inspiréiere loosse, wéi zum Beispill Bascharage. De Pedibus an der Gaffelt an um Däich si jiddefalls en Ufank an et freet mech ëmmer wann ech Schoulkanner begleeten an si ginn ze Fouss aus der Brillschoul an d'Maison Relais.

D'Vëlosweeër wollte mir dës Kéier ewech loosse awer, Oh Wunder, do stoung e Posten am Budget extraordinaire. 127.000 Euro fir de Réseau cyclable um Territoire vun Diddeleng. Mir hunn eis gläich gefrot, wat soll dat sinn? Etüden hunn ech der schonn zwou doheim leien awer hätte mir déi gutt ëmgesat.

Anerersäits ass et e Bësse vill par rapport zu den aneren Etüden, déi ech schonn zitéiert hunn, déi am Budget stinn. An der Finanzkommissioun ass gesot ginn, et wier fir d'Weeër ze signaliséieren. Ass dat dann elo ze verstoe wéi e Leitsystem fir d'Foussgänger? Deen esou ähnlech och fir d'Vëlofuerer gemaach gëtt, wéi mir dat mol virgeschloen hunn? Gëtt dat dann och an der Verkéierskommissioun virgestallt an diskutéiert?

An deem Sënn géif ech och mat der Skulptur am Sprangbur ophalen. An dës Kéier och net op eng humoristesche



Aart a Weis. Bekanntlech kann a moderner Konscht all Mënsch eran interpretéiere wat e wëll, hei ass dann elo meng Interpretatioun vun eise Vëlosfuerer. Si si fir mech eng flott Erënnerung un d'Vergaangenheet, wéi wa Schichtwiessel op der Schmelz war, wéi Honnerte vu Vëlosfuerer op der Schmelz iwwer d'rue du Commerce laanscht d'Kierch gefuer sinn. Dat war eng richtig Masse critique. Dee Moment huet sech kee méi iwwer d'Strooss getraut an d'Vëlosfuerer ware Meeschter. Mam Vëlo ze fuere war déi Zäit éischter in, well d'Leit sech Autofueren net onbedéngt konnte leeschten a Vëlofueren einfach méi bëlleg war.

Villäicht kann een déi Skulptur jo och als Bréck fir an d'Zukunft gesinn. Haut kënnen mir eis et villäicht finanziell leeschten, mam Auto ze fuere, awer eiser Ëmwelt kënnen mir et net méi zoumudden. An deem Sënn hoffe mir, dass nach zousätzlech investéiert gëtt fir d'Vëlosfuerer a Vëlosfuererinnen an dass d'Skulptur net zum Symbol gëtt fir dat wat de Begrëff aus der Vëloswelt als de Choucroutespedaléierer beziechent. Ech denken, deen Ausdrock schwätzt fir sech, et heescht esou zimlech op der Plaz ze pedalléieren an sech dobäi schrecklech unzestengen.

Dir mierkt, et ass wéi ëmmer beim Budget, mir als Gréng fannen divers Saache gutt, mä als Thémee geet et eis net fix genuch, dat wäert lech den Här Garcia nach duerleeën. Mir stëmme jiddefalls géint de Budget vun 2019.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dofir, nach weider Stellungnamen? Romain Zuang.

Romain Zuang (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, léif Kollegen a Kolleginnen aus dem Schaffen a Gemengerot, fir d'éischt e Merci vu menger Säit un de Pascal Poull fir d'Dokumentatioun, Tableaue an Erklärungen zum Budget, grad wéi fir seng Bereetschaft, op Froen ze äntweren.

Eng kleng perséinlech Remark zum Budget: et freet mech, dass wéi d'lescht Joer déi gesamt finanziell Situatioun an eiser Gemeng gesond ass a bleift. Et brauch trotz grousssem Investitiounsvolume keen neien Emprunt opgehall ze ginn dobäi geet esouguer d'Pro-Kapp-Verschëldung erof op 688 Euro.

Ech ginn op déi Beräicher an, déi mech méi speziell interesséieren, Schoul, Maison Relais, Famill a Jugend, Beräicher, déi an der Vergaangenheet schonn der

Gemeengeféierung ganz wichteg waren, an déi ganz vill investéiert gouf a weiderhi gëtt, ugefange mam Enseignement, Maison Relais a Jugend. Kärsteck 2019 ass de Bau vum Bildungshaus op Lenkeschlei, fir dee mir eis awer mussen esou lues en neien Numm afale loosse.

Jo, et huet laang gedauert bis et esouwäit ass, dass mam Bauen ugefaange gëtt, mä et muss ee soen, et ass och fir de Ministère, d'Schoul an den MRE Neiland, et huet nach missen d'Legislatioun vun de Gebaier ëmgeschriwwen ginn; den Avis huet dofir op sech waarde gelooss.

D'Aarbecht vun der Crèche am Quartier Italie geet gutt virun. Weider 250.000 Euro fanne mir am Budget 2019 fir d'Allentouren an d'Spillplaz ëm dëst Gebai. An deem Kontext ass och ze begrëssen, dass d'Gemeng d'Crèche Minettsdepp an Nuddelsfabrik an d' ASBL iwwerhëlt. Dat ass e gudde Schratt, vu dass d'Gebaielcheeten eis souwiso gehéieren an d'Mise en conformité 2017/18 ofgeschloss ginn ass, an dat wichtegst ass, dass et eng 100% Konventioun mam Ministère ass, dat heescht, dass de Ministère zu 100% d'Personalkäschten, déi ëmmer dee gréissten Depensendeel duerstellen, iwwerhëlt.

Zudeem kënnen mir vun der Experienz vum Personal an den zwou Crèche profitéieren fir d'Konzept vun eiser neier Crèche opzebauen, grad wéi beim Choix fir d'Equipement. Do wäerte mir als Gemeng an Zukunft gutt opgestallt sinn an dësem Beräich, besonnesch well och de Bëbeesgrupp dobäi kënnt. An der Structure d'accueil leie mir nach wie vor ganz héich, 1064 Demanden hate mer 2018, wouvunner déi meeschte fir d'Restauratioun sinn. Spëtze ware mat iwwer 800 Kanner op de laange Schouldeeg. Si sinn méiglech ginn duerch den zweete Service an der Mëttesstonn.

Finanziell schléit den Service dann och deementsprechend zu Buch mat 1,1 Millioun Euro; de Prozentsaz vu Bio a fair gehandelte Liewensmëttel ass méi héich ginn, genau wéi de verstärkten Akzent op lokal an national Produkteure geluecht ginn ass.

D'Upassung vun den Öffnungszäite vun de Strukturen ass gutt ukomm bäi den Elteren. Ab 6.45 Auer kënnen si säit September hir Kanner an den Accueil matinal huelen. Esou bleift hinnen och nach Zäit fir den Zuch ze huelen, respektiv si kënnen sech 15 Minutten éischter op de Wee fir op d'Schaff maachen.



Allerdéngs gëtt et e kleng B-mol hei: den Dag fir eis Kanner gëtt méi laang, si mussen nach éischter moies opstoen.

D'Aarbechte lafe wéi geplangt fir eis Strukturen ze verbesseren, respektiv auszubauen. Verbessert gëtt zum Beispill fir 200.000 Euro den Entréesberäich vun der Maison Relais Schwämm, wou d'Plaz ëmgebaut an nei amenagéiert gëtt mat neie Spiller. Nach wie vor ginn eis bestoend Strukturen vu Schoul a Maison Relais um leschte Stand gehalten.

D'Inspektioun vun all eenzel Raimlechkeet esouwuel an de Schoule wéi och an de Maison Relais, wou d'Schoulschäffin, d'Sécherheetsdelegierter vu Schoul a Gemeng, esou wéi de President respektiv d'Presidentin vum Schoulcomité, respektiv de Chargé vun de Maison Relais, Deel huelen, sinn Traditioun ginn. Ronn 500.000 Euro fléissen esou erëm 2019 an detektéiert Reparaturen an Entretienaarbechten.

Esou gëtt an der Schoul Brill de Sanitär, deen an den Alter komm ass, erneiert, an den Turnsall vun der Schoul Gaffelt kënnt en akustesche Plafong, wat fir eng Entlaaschtung vum Kaméidi fir d'Léierpersonal an d'Kanner suerge wäert.

An d'Sécherheet vun eise Gebaier gëtt selbstverständlech och weider investéiert. An der Butschebuerger Schoul gëtt zum Beispill d'Brandmeldezentral, déi net méi à jour ass, fir 110.000 Euro ersat an am Quartier Italie gëtt eng Mise en conformité vum Elektresche fir 50.000 Euro gemaach.

Och ronderëm d'Schoule gëtt d'Sécherheet verbessert, um Däich an zu Butschebuerg ginn fir 25.000 Euro automatesch Barrière gesat fir ze verhënneren, dass d'Eltère mat den Autoe bis an d'Entrée vun de Schoulen eraufueren kënnen an esou d'Kanner gefährden.

Um Ribeschpont gëtt eng nei Struktur geplangt, déi haaptsächlech fir d'Maison Relais awer och fir d'Schoul geduecht soll ginn. Doduerch wäert da spéiderhin kee Kand méi vum Ribeschpont an eng aner Struktur, weder an der Mëttesstonn, nach um 16.00 Auer transportéiert brauchen ze ginn, wat der Qualitéit vun der Mëttesstonn awer och am Allgemengen zegutt komme wäert, wéi zum Beispill der Kollaboratioun tëschent Schoul a Maison Relais, wou et bis dato schwéier war, gemeinsam Projeten ëmzesetzen,

vu dass d'Maison Relais-Kanner jo gréisstendeels an engem anere Quartier waren.

Ech wollt awer och op dat agoe wat d'Madame Kayser sot. Ech wollt präziséieren, dass déi kleng Kanner am Beräich tëschent 4 - 8 Joer ëmmer um Ribeschpont bliwwen sinn an ni hu bräichte mam Bus an aner Struktur gefouert ze ginn!

Well den Transport fir Schoul a Maison Relais awer net ewechzededenken ass, gëtt niewent engem neie Schoulbus och nach eng zweet Camionnette fir kleng Transporter zum Beispill an d'Museksschoul oder eng aner Aktivitéit kaf, fir insgesamt 335.000 Euro.

Net nëmmen an Infrastructure gëtt investéiert, och de Budget fir Schoulbicher a Material gëtt 2019 ëm 15.000 Euro gehéicht a beleeft sech elo op 225.000 Euro, wou een awer och déi 90.000 Euro fir pädagogesch an didaktescht Material fir d'Cyclen 1 bis 4 net dierf ze vergiessen.

Weiderhi gëtt och an de Wifi investéiert, mat mobilen Antennen, awer och no an no a fix Antennen, esou dass d'Klasse vun alle Schüler mat Ipads deemnächst wäerte mat de Léierprogrammer vum Ministère schaffe kënnen. 85.000 Euro fléissen esou an déi nei Hardware fir eis Schoulen, e Plus vu 15.000 Euro par rapport zu 2018.

Den Art à la Maison Relais, 12.500 Euro erlaabt et mat Kënschtler vu baussen zesumme mat Schoul a Maison Relais nei Aktivitéiten an artistesch Identitéite fir déi eenzel Strukturen ze erschaffen, awer och dass ënnert hirer Opsicht d'Kanner zu der Verschéinerung vun der Optik bäidroen.

De Projet "Musek fir all Kand" mat der Museksschoul ass zu engem feste Bestanddeel ginn. D'Zuel vun de Kanner, déi dëschdes an donneschdes an d'Museksschoul ginn, klëmmt vu Joer zu Joer. Hu mir 2016 mat 9 Kanner ugefaangen, waren et 2017 schonn 32 Kanner a fir dëst Joer si mir op 43 Kanner.

Och d'Zuel vun de Cours d'initiation vun de Maison Relais ass op 12 geklommen mat all Kéier tëschent 10 an 20 Kanner.

Dann déi nei Form vun de Vakanzenaktivitéiten, esouwuel an der Maison Relais wéi am Jugendhaus, hate grouse Succès.



An der Maison Relais gouf et 2 statt 3 Sessiounen à zwou Woche mat véier Atelieren, een fir déi Kleng, ee fir Konscht, Sport a Beweegung, ee fir Natur an esou weider. Besonnesch gefällt mir hei, dass d'Kanner vum C4 d'Méiglechkeet kruten, an Atelieren an Aktivitéite vum Jugendhaus matzewierken. Dëst soll den éischte Kontakt erlabe mat der Struktur Maison des Jeunes, an déi Kanner vun dësem Alter beim Schoulwiessel d'Joer drop an de Secondaire, kënne goen.

Am Jugendhaus selwer gouf et och Neierungen: während 5 Wochen 2 méi wéi déi Jore virdrun, goufe 47 Aktivitéiten offréiert an och e Sejour vun enger Woch am Ausland. Grad wéi an de Maison Relais huet am Jugendhaus och en neit Concept d'action général misse geschriwwen ginn. Dëst ass positiv aviséiert gi vum Agent régional a kann elo mat enger nees kompletter Ekippe ëmgesat ginn.

Uviséiert sinn ënner anerem Aktivitéiten, déi sech net nëmmen op d'Jugendhaus limitéiere, mä d'Educateuren ginn eraus bäi déi Jugendlech an déi verschidde Quartieren.

Ech wéilt net ofschléissen ouni e Luef un eise Service médical ze adresséieren, deen niewent de järelech üblechen Ënnersichungen am Kader vun der Education à la santé an enger grousser Partie Klassen d'Pyramide alimentaire mat Buffeten organiséiert huet, fir de Kanner eng gesond an équilibréiert Ernierung ze offréieren.

Och e Bravo fir d'Aktioun "Gesond iessen, méi beweegen", wou si mat de Kanner sportlech Aktivitéite maachen. Am Kader vun der Hygiène dentaire huet de Service niewent dem richtegen Zännwäschen an de klengen Klassen och a 16 Klasse vum C4 de Gebrauch vum Fil dentaire gewisen.

Och Course fir integrativ Klangpädagogik, déi op Initiativ vun dësem Service ausgaange sinn, gehéiere méittlerweil zum feste Bestanddeel an de Klasse vum C1.

Net ze vergiessen ass d'Sozialaarbecht, wou d'Zuel vun den Dossieren op 202 geklommen ass, e Plus vun 33 Dossiere par rapport zum Joer virdrun. Dës Aarbecht gëtt vun deenen zwou Assistante sociale gemaach.

Also, en décke Bravo fir déi vill Aarbecht, déi do geleescht gëtt.

Wat de Volet Famill ugeet, et gëtt weider geschafft fir de Familljen, de Kanner an den Elteren eppes ze bidden. D'Konventioun mat der Eltereschoul ass ëm 2.500 Euro op 7.500 Euro geklommen. Et si méi Konferenze sollicitéiert ginn vu Schoul a Maison Relais, wou och de Coin des parents Uklang fënnt.

D'Konventioun mat Baby Plus geet vu 50.000 Euro op 40.000 Euro erof, well duerch d'Datenschutzgesetz dierfe keng Donnéeën méi u Baby Plus geliiwert ginn. D'Leit kréien eng Broschür mat den Donnéeën vu Baby Plus vun der Gemeng zum Zäitpunkt vun der Aschreiwung vum Neigebuerenen a musse selwer aktiv ginn, heescht si mussen sech bei Baby Plus mellen an aschreiwen, esou dass dat net méi dee Succès huet wéi virdrun.

D'Spillplazen am Allgemengen, mä méi spezifesch déi vum Park Mayrisch an déi beim Foyer Brill, gi fir 330.000 Euro reamenagéiert. Fir dee klengen Beräich vun 0 - 2 Joer, awer och am Sënn vun der Inclusioun vu Kanner mat Behënnerung komme Spiller bäi.

D'Uleeë vun engem Buerfousswee fir 15.000 Euro am Park Le'h fir Grouss a Kleng, de Projet vun der Familljekommissioun, soll de Park Le'h niewent der super Spillplaz, dem Kloterpark, ëm eng Attraktioun méi räich maachen. Buerfoussweeër ginn et der ganz vill an eisen Nopeschlänner. Zu Lëtzebuerg gëtt et nëmmen ee gréisseren, zu Medernach, mat 8 Statiounen. Eise Wee wäert 12 Statiounen hunn. Dëst si Beeter oder besser hëlze Kaderen vun ongeféier 3 op 2,5 Meter, déi mat ënnerschiddleche Materialie wéi Schlamm, Moos, Blieder oder Dännenzapfen a Steng, asw gefällt ginn an op engem Parcours vu gutt 700 Meter verdeelt sinn.

De Gros vun den Aarbechte gi vum Fierschter sengen Aarbechter gemaach. Et geet ënne beim Kiosk fort, wou een d'Schong kann ofstellen, hannert dem Kiosk erop laanscht de Rondpoint bis zur Spillplaz hin, dann op där anerer Säit vum Wee nees zeréck. Dann, niewent der Dier vun der Toilette um Kiosk, kënnt eng Anlag, wou een sech d'Féiss wäsche kann. Den deeglechen Entretien vu Mëtt Mee bis September gëtt vun enger Ekippe vum CIGL garantéiert, déi sech och ëm d'Schoulgäert, grad wéi ëm d'Héichbeeter an de Schoulhaff wäert këmmen.

Am Budget hutt Dir och gesinn, dass do e Lauschter-Wanderwee geplangt ass. Wat soll dat sinn?



Dësen Outdoor-Lauschter-Wandertour ronderëm Butschebuerg a Gehaansbierg, adresséiert sech an enger éischter Phas un d'Kanner. Et ass en Trëppeltour kombinéiert mat Geocache an Hörspiel.

Et wäerten 10 Statiounen ginn. Et geet vu Schëld zu Schëld, wou all Kéier Informatiounen als QR-Code stinn, de Link zu enger Lauschtergeschichte vun 3- 4 Minutten an d'Koordinate vum nächste Punkt. Et kann een als éischt en Deel vun enger Geschichte lauschten, duerno geet et op d'Sich vum nächste Punkt. Wat fir Geschichte sinn dat? Den Nicolas Gredt, ähnlech wéi d'Gebrüder Grimm, huet Informatiounen ronderëm Lëtzebuerg gesammelt, et sinn der eng Dose ronderëm Butschebuerg an zéng ronderëm Diddeleng. D'Geschichte sollen an enger zesummenhängender Geschichte verpaakt sinn, déi d'Leit, respektiv d'Kanner iwwer Butschebuerg féieren. Dat si Geschichte vun den Hexen, Gesichter an esou weider, den Nico Brettner wäert d'Redaktioun vun dësen Geschichten iwwerhuelen, déi am CNA mat Kanner soll opgeholl ginn.

An enger 2. Phas kéint een éischt fir Erwuessener 2 bis 3 Rondweeër duerch ganz Diddeleng uleeë mat Geschichte ronderëm de Mee 1794, awer elo mol Eent nom aneren. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Romain Zuang an d'Wuert kritt elo den Här Gangler.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci, eis Stad ass also an enger exzellenter finanzieller Situatioun, wat eis erlaabt, den Niveau vun den Investitiounen weider héich an d'Verscholdung kleng ze halen.

Besonnenesch begréissenswäert ass d'Ausriichtung vum Schäfferot sengem Budget, fir d'Schoul, d'Opfangstrukturen, d'Sozialprojeten an eisem Stadkär auszubauen.

De soziale Volet gëtt ganz groussgeschriwwen, wat fir eng sozial wohlhabend Stad wéi eis eng Pflicht an Noutwennegkeet ass. Do fanne mir zum Beispill och déi grouss Efforten an den Aides à l'Emploi erëm, all Joer ginn déi Investitiounen erop an déi staatlech Subventiounen och.

Esou eng begréissenswäert Beschäftigungsmoossnam ass zum Beispill och de Projet Vël'OK, dee mir an enger Konventioun mam CIGL zesummen a mat 7 anere Südgemeinde bedreiwen. Do gesäit eisen ordinäre

Budget 2019 e Montant vu 47.500 Euro fir, woumat - wann ech de Budget zanter 2015 richteg verfolge hunn - bis elo eng 175.000 Euro autoriséiert gi wieren. Mat deem Geld huet eis Gemeng déi Vëloer kaf an si ënnerstëtzt d'Reparatur an d'Ausbildung vu Chômeuren zu Vëlosmechaniker. Fir déi 6 aner Gemengen gëllt de selwechte Prinzip, just mat anere Montanten. Alles an allem gëtt de CIGL Esch also substantiell mat de Partneren ënnerstëtzt, net ze vergiessen och mat Subventiounen vum Staat.

Wa mir vergläichen, wat d'Aides à l'Emploi fir den Diddelenger CIGL well ausmaachen, da komme mir op ronn 400.000 Euro d'Joer, wouvunner mir 80.000 Euro vum Staat u Subventiounen erëmkréien.

Den Ausféierunge vum Schäffe Manderscheid no sinn dat ëm déi 400 Diddelenger Leit, déi déi Servicer an Usproch huelen, wouvun 31 Persounen konnten ënner Kontrakt geholl ginn.

D'Diddelenger Beschäftigungsmoossname riichte sech als éischt un d'Diddelenger Leit. Et wier also interessant wann de Schäfferot eis emol kéint Zuelen nennen, wéi vill Leit dann am CIGL Esch an deem Vël'OK-System schaffen, a wéivill der doduerch eng nei Aarbecht an deem Beräich fanne konnten. An och wéi vill Diddelenger Chômeure gehollef kruten.

De Projet Vël'OK huet nach en anere Volet an dat ass d'Moossnam fir de Gebrauch vum elektresche Vëlo bei der Bevëlkerung ze fördern. Den 30. September 2016 hate mir déi lescht Statistiken zur Akzeptanz vum Projet bei der Bevëlkerung presentéiert krut a weiderer versprach kritt fir den Dezember 2017, déi awer ni koumen. Dëst Joer hu mir déi neiste Statistiken vermësst. Well eis vun der CSV de Projet Vël'OK awer um Härz läit, wiere mir frou wa mir dëst Joer déi neisten Zuelen kéinte kréien.

Dann hat de Schäfferot eis am September 2016 vun engem Programm geschwat, deem de CIGL Esch géif schreiwe fir kënne "méi kleng Schied ze katalogiséieren". De 15. Dezember 2017, e Joer duerno, huet de Schäfferot eis nach eemol verzielt, dass de CIGL Esch e Programm géif teste fir de Suivi vun de Reparaturen ze maachen an dass mir déi néideg Informatiounen esou séier wéi méiglech kréien, wéi laang e Vëlo a Reparatur ass, firwat en a Reparatur ass a vu wou dee Vëlo kënnt.



An deem Sënn freet d'CSV dann elo: Wou ass dee gesote Programm drun, vun deem eis schonn 2 Joer laang geschwat gëtt? Ginn et schonn Zuelen, déi den Zoustand vun eise Vëlo beschreiwen?

Da kann ee villäicht och nach nofroen, wat am Beräich nei E-Bike-Stationen virgesinn ass? Fir 2018 stoungen do 100.000 Euro am Budget an et gouf d'Station Kräizbiereg realiséiert. Fir 2019 steet näischt méi am Budget, a wann ech richteg zesummegerechent hunn, dann hu mir vun deem Kredit vun 300.000 Euro, dee mir 2018 gestëmmt hunn, bis elo 257.000 Euro ausgi fir nei Stationen ze bauen.

Si meng Zuele richteg a wat ass fir 2019 geplangt? Kéint een eventuell envisagéieren, op NeiSchmelz oder am Frankelach eng zousätzlech Station ze bauen?

Vum Vëlo op de Parkraum an d'Verkéiersmanagement vum Schäfferot. D'CSV huet den Androck, dass et sech hei ëm Fléckwierk handelt a vermësst e Konzept. Et gëtt eis gesot "wa keng Parkplazen do sinn, da si keng do", an dat Ganzt wier en hausgemaachte Problem. Wann dat dann elo esou ass, da bekräftegt dat der CSV hir Fuerderung fir d'Verbesserung vum ëffentlechen Transport an dat am Dialog an an der Kooperatioun mam Gemengerot.

Kann een sech an deem Ordre stratégique vun 2005 och e Konzept an deem Beräich erwaarden?

A wéi wäit sinn dem Bureau Komobil seng Planungen zum Parking résidentiel?

Méi no an der Zukunft läit de Chantier vum Shared Space, 2. Phas. Wéi ass et mat der ominéiser "Etude en vue de l'optimisation de la fluidité du trafic au centre ville"? Déi war 2011 mat engem Kredit vun 150.000 Euro gestëmmt ginn an huet eis bis elo 130.000 Euro kascht. Während der Bauphas vum Shared Space sollt déi Fluiditéit vum Verkéier am Zentrum jo esou flaach sinn ewéi den Encephalogramm vun engem Doudegen. Also, kann een déi Etude net villäicht elo mol ënnerbriechen an emol éischt Conclusiounen draus zéien?

Dann huet de Schäfferot wëlles, während der Bauphas déi éischt hallef Stonn am Parkhaus, déi elo 10 Cent kascht, gratis ze maachen. Mir fannen dat e bëssen aarmséileg. Engersäits brauch ee bal 15 Minutte fir an de Parking eranzefueren an duerno Träpen ze goe fir

am Duerf erauszekommen, an déi Zäit, déi dann nach bleift, déi hëlleft de Geschäftsleit häerzlech weineg.

Anerersäits weist sech säit de Parking opgaangen ass, dass d'Akzeptanz vun der Bevëlkerung éischter schleeft. Dofir hu mir fir d'halleft Joer vum Betrib fir 2017, 65.500 Euro u Kompensatioun misse bezuelen, well de Parking net vill genotzt gouf. Fir 2018 ass mat engem vill méi héije Montant ze rechnen, well et sech do ëm e ganz Joer dréint, a mir mengen, de Montant vun 72.000 Euro, deem am Budget 2019 steet, géif net duergoen. Déi eenzeg Deeg wou de Parking gutt gefëllt war, sinn déi wou e gratis war. Dofir menge mir, d'gratis Parkdauer während der Phas vum Shared Space kéint ee roueg e bësse méi erop setzen. War dat net och eng Fuerderung vun de Geschäftsleit?

Da gi mir vum Zentrum eraus an d'Natur.

Naturschutz an Energiespueren an Aspuere vun Emissionen bekräftegt eis Gemeng all Dag a mir kënnen eis mat eisen Ustengungen dozou weise loosse. Mir sinn dem Europäesche Konvent vun de Buergermeeschtere bäigetrueeden an de Gemengerot schafft - zesumme mat de Gemengeservicer - un engem Aktiounsplang zu sengem Nohaltegekeetsmasterplang. Do si mir leider ënnert Zäitdrock, esou dass d'Biergerbedeelegung an deem Punkt riskéiert ewechzefalen.

Am Klimapakt si mir am Re-Audit vum August 2018 zu 62,5% zertifizéiert a striewen déi 75% un. Finanzéiert gëtt dat mam Fong vum Klimapakt, deem eng 800.000 Euro enthält. Eng Masteraarbecht vun der Uni.lu mat enger Studie zu Diddelenger CO2-Emissionen gouf eis kierzlech an der Ëmweltkommissioun virgestallt. D'Credibilitéit an de prakteschen Notze vun där Aarbecht fir eis Gemeng waren awer éischter schwaach.

D'Fleegestation an d'Déierenasyl hannert der Le'h gi mat der Ënnerstëtzung vun der Gemeng ausgebaut. Och dat ass prakteschen Ëmweltschutz. Klammer op: D'Ëffentlechkeetsaarbecht an deem Beräich kéint awer verbessert ginn: Ech war verwonnert, dass an engem Zeitungsartikel zu deem Thema e Wäschbier hanner Gitter gewise gouf. Ausgerechent de Wäschbier, deem en net indigent Déier ass, wat eis - wéi esou vill schlecht Saachen - aus Amerika importéiert gouf. Dat Déier ass en zimlechen Ëmweltzerstörer, aggressiv zu aneren Déieren a raibert d'Näschter vun de Sangvullen aus.



Skurilerweis hunn d'Jeeër esouguer den Uerder se ofzeschéissen. Dat Déier ass net dat beschte Beispill fir d'Noutwennegkeet vun enger Fleege Statioun z'ënnersträichen. Klammer zou.

Folgend Froen stellen sech nach:

Éischtens: D'ëffentlech Beliichtung gëtt kontinuéierlech op LED ëmgestallt. Eis Sportsterraine profitéieren dovunner awer nach net all. De Montant fir de Verbrauch vun hirer Beliichtung ass konstant, mä mat 65.000 Euro d'Joer awer zimlech héich. Wéini gedenkt de Schäfferot do op LED ëmzuekammen?

Zweetens: De PRO-SUD huet eng Etüd gemaach zur Vëlostauglechkeet vun de Südgemengen. Ass déi Etüd ëffentlech a wéi eng Erkenntnisser bréngt se fir Diddeleng?

Drëttens: Diddeleng ass 2017 fir d'lescht als Fairtrade-Gemeng zertifizéiert ginn. Deemools hat de Comité, deen de Label vergëtt, eng Rëtsch Denksteiss a Verbesserungsvirschléi un d'Gemeng geriicht. Wann ech mech net ireden, gouf dowéinst d'Zertifizéierung nëmmen op ee Joer erausginn. Wéi eng Ustreuung huet eis Gemeng säit 2017 an deem Sënn gemaach a wéi ass et mat der Zertifizéierung fir 2018?

Véiertens: Eise Service Jardinage zillt elo seng Planzen selwer an der Pépinière écologique, wat eng weider gutt Beschäftigungsmaassnam ass. Ass et wouer, dass, wann en ëffentlecht Beet nei amenagéiert gëtt, déi al Planzen wéi Tulpen einfach ewechgeholl ginn? Oder ginn se da vun elo un an der Pépinière gelagert a weidergeziicht?

Fënneftens: Och wann et sech ëm e staatléche Projet handelt, ass meng fënneft Fro: Kënnt Dir eis schonn eppes iwwer de Fortgang vun den Autorisatiounen zu dem pädagogeschen Naturprojet bei der Affilux am Frankelach soen?

Ofschlësse wëllt ech mat enger Iwwerleeung zum 100. Gebuertsdag vun eisem lokale Kënschtler Dominique Lang. Fir seng Wierker der Ëffentlechkeet méi nozebréngen, proposéiere mir eng Aart Sentier Dominique Lang, dee kéint duerch d'Gemengenhäuser goen, wou Biller vun him hänken, duerno eng Galerie, wou seng Biller aus Privatbesëtz kéinten ausgestellt ginn an zum Schluss duerch d'Parkierch, wou säi bedeitende Kräizwee hänkt. Keng Angscht, mat der leschter

Etapp bezwecke mir elo net, méi Leit an d'Kirch ze kréien, den Interêt ass kulturell. Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Här Gangler fir seng Stellungnam, d'Wuert geet un den Här Garcia.

Robert Garcia (Déi Gréng): Merci, et kéint ee soen, same procedure as every year, d'Budgetsdebatte ginn der Majoritéit d'Geleeënheet d'Wäirauchfaass hannernt dem Altar ervirzuehuelen fir hir ëmsiichteg, nohaltig oder innovativ oder wat weess ech nach fir Politik op Grond vun hirem finanzielle Fundament, nämlech dem Budget, op dem Altar vun der Realpolitik ze zeeléieren.

D'Oppositioun hirsäits léist de Wäirauch an der Spënnchen a wann se am Kontrastprogramm d'Piffaass aus dem Stall rullt, esou léist se sech sécherlech net vum Wäirauch wéi eng Aart politeschem Cannabis alullen. Si ass sech schëlleg bis zum Schluss erniichter ze bleiwen.

Meng Kolleegin Romy Goergen, déi net fir hir Schwarzwäissmolerei berühmt a berüchtigt ass, huet an hirer nuancierter Aart a Weis de Budget 2019 vun der Gemeng Diddeleng kompetent a kristallkloer analyséiert.

Mir géif et just iwwereg bleiwen, d'Piffaass erauszehuelen, mä keng Angscht, ech probéieren, an deene puer Punkten, déi ech an der Kontinuitéit vu menger Interventioun vum 15. Dezember 2017 wäert opgräifen, esou fäin ze bleiwen, wéi déi ustoend, chrëschtlech an ethesch Feierdeeg et noleeën.

Ech schwätzen iwwer dräi Schwéierpunkten, Ëmwelt a Klima, Kultur, Amenagement a Logement an, last but not least, den Zement vun all gesellschaftlech Fortschrëtt, nämlech d'Participatioun vun de Bierger.

Zum Thema Ëmwelt, ech hat scho virun engem Joer vun dëser Plaz aus vum Klimapakt als esou e Monster vu Loch Ness, wou d'Populatioun net vill oder näischt matkritt, geschwat. Elo riskéiert nach esou e Monster dobäizekommen, nämlech de Covenant of Mayors, dee mir deslescht hei gestëmmt hunn an deen sech a Form vun Etüden an den nächsten dräi Joer wäert aschloen. Ëmmerhin, am Budget extraordinaire sinn dat net manner wéi 246.000 Euro.



Ech wollt kuerz op dat neit Element vum Covenant of Mayors agoen. Dozou hat ech deemools eng düster, pessimistesche Ried gehalen, wou et mir duerno selwer e bëssen elle gouf. Natierlech dierf een net vergiesse, dass de Covenant of Mayors eng Plattform ass vu Gemengen duerch d'ganz Welt a speziell an Europa, déi agesinn hunn, dass d'Regierungen net genuch géint Klimaerwärmung an esouguer den Ënnergang vun der Mënschheet maachen.

Net den Ënnergang vun der Welt well déi bleift och no enger Klimakatastroph bestoen, am Géigesaz zu der Fauna a Flora, wéi d'Virgeschicht eis et léiert. Et geet also éischter ëm den Ënnergang vun der Mënschheet. Déi meescht Länner maachen net genuch oder esouguer näischt géint Klimakatastroph a fir eppes z'ënnerhuelen, hunn sech eben déi Gemengen zesummegeet fir méi ambitiéis Ziler ze verfolge wéi déi meescht vun hire Regierungen. Dat huet ënnert dem Trump-Regime an den USA zu verschiddene Vitessen an der Ëmweltpolitik geféiert, tëscht der zentraler Regierung an den eenzele Bundesstaaten.

Zeréck op Lëtzebuerg. Mat Diddeleng ass déi drëtt kommunal Entitéit vu Lëtzebuerg dem Covenant of Mayors bäigetrueen, no Bierkereich 2008 an dem Naturpark Our 2016. Op der Homepage vun dem internationalen Netzwierk fënnt een eng Hellewull vu Rapporten, wat déi eenzel Gemengen da bis elo am Kader vun der Charta gelescht hunn. Dobäi fällt op, dass Bierkereich en ambitiösen Energiemasterplang opzeweisen huet, während den Naturpark Our, deen déi selwecht Awunnerzuel huet wéi Diddeleng, nach näischt ze beriichte weess.

Ansonste fällt op, dass sech virun allem italesch a spuenesch Gemenge mat Moossname bretzen, déi fir hir Länner innovativ sinn, mä bei eis Standard sinn. Dofir ass et kloer, dass bei eis de Masterplang am Kader vum Covenant of Mayors méi héich muss getätselt ginn ewéi an anere Regiounen. Ech kéint elo am Här Manderscheid sengem legendären Telegrammstil e Katalog oplëschen, mä dat ass d'Aufgab vun engem Prozess, deen d'Bevëlkerung an och aner Instanzen, wéi Ëmwelt a Verkéier, mat abanne soll.

An der Ëmweltkommissioun huet d'Frequenz vun de Sätzunge sech erfëreecherweis erhéicht, mä an der Verkéierskommissioun net. Dat ass ëm esou méi bedauerlech, wéi ee kann anen, dass letztendlech de Verkéier par rapport zu de Menagen oder der Industrie

dat gréisste Kappzerbrieches an der Etüd Klimaschutz mécht. Wéi déi Etüd, déi an der Ëmweltkommissioun presentéiert gouf, weist, ass d'Zuelematerial iwwert d'Emissioun vum Verkéier zu Diddeleng nach zimlech dürftig. Fir am Kader vun engem Masterplang Mesuren ze proposéieren, déi och e quantitativen a qualitativen Effekt hunn, muss een Zuelematerial hunn, no deenen een ex post den Erfolleg oder de Mësserfolleg vun de Mesuren am Kader vum Klimapakt oder am Covenant of Mayors kann evaluéieren.

Dofir fanne mir et méi wéi dréngend, dass - wéi ugekënnegt - Aarbechtsgruppen erëm an eiser Ëmweltkommissioun net nëmme proposéiert ginn, mä och esou séier wéi méiglech un d'Rulle kommen.

Meng Kolleegin Romy Goergen ass schonn op zwee Piliere vum Masterplang am Beräich Ëmwelt agaan, nämlech d'Velosweeër an d'Förderung vum Foussgang, ënnert anerem net nëmme innerhalb vun Diddeleng, zum Beispill um Schoulwee, am Duerf oder fir an d'Nopeschgemengen ze kommen.

Op den ëffentleche Schinnen- a Busverkéier kommen ech an enger Motioun ze schwätzen.

An enger Interventioun vum leschte Joer hat ech och nach e puer Froen opgeworf, déi am Kader vun enger offensiver Ëmweltpolitik vun enger Gemeng wichteg sinn, déi wëll eng Virreidergemeng sinn, wou ech och bis elo nach keng befriedegend Äntwerte kritt hunn.

Ech huelen e puer Beispiller: Zum Rappell, huet d'Gemeng eng konkret an effikass Strategie am Beräich vun der Charta géint de Gaspillage alimentaire, déi iwwer 45 Appeller un d'schlecht Gewësse vun de Bierger erausgeet?

Wéi gesäit et mat der reeller Abannung vun der Bevëlkerung aus?

Zum Beispill iwwer den ageschlëpferte Biergerforum, deen, wann ech dem Budgetsposten dierf gleewen, jo erëm aus dem kënschtleche Koma erwacht soll ginn.

Gouf et beim Klima-Concours fir d'Veräiner e konkret Resultat?

Huet dat dozou geféiert, dass zum Beispill Ëmweltfrëndlechkeet bei Veranstaltungen an esouguer bei der Fête de la musique ugestriift gëtt?



A schliisslech nach eemol d'Froen no de Kompensatiounsmoosname fir Beem, déi am Kader vun urbanisteschen Agrëffer wéi déi niewent der Kierch gefällt goufen.

Net alles ass düster a verzweiwelt, ech hat och gefrot iwver déi kommunal Zär an der Spidolstrooss an déi steet elo nach eemol am Budget an et ass ze hoffen, dass déi dann 2019 Gestalt an d'Produktioun unhëlt, am beschten a Kombinatioun mat der Förderung vun urbane Gäert.

Mäin zweete Punkt ass Kultur an Aménagement urbain.

Am Kader vum Aménagement urbain ass jo am Joer 2018 zimlech vill geschitt. De PAG ass duerch de Gemengerot gaangen, de PAG NeiSchmelz huet fir gréisser Rumouere gesuergt an de PAP ass och an der Maach.

Mir Gréng hunn anscheinend den historesche Moment verpasst fir de Meilesteen am Developpement vun der Stad Diddeleng begeeschtert matzedroen. Mir ware skeptesch wéinst der muttwëlleger Zerstéierung vu wäertvoller Substanz un Industriekultur, déi hätt kënne rationell, kreativ a käschtegegenschteg genotzt ginn. Elo kënnt de Realo-Charakter vum Projet NeiSchmelz lues a lues un d'Dageslicht, dee jo ëmmer méi no un der Lëtzebuerger Auto- a Wunnsilo-Mentalitéit ass wéi un der Innovatioun.

Aus engem verkéiersfräie Quartier gëtt op eemol e Shared Space, wat jo der Realitéit no näischt anesches ass wéi autosgerecht Stroosse mat Tempolimit, an 20 cm méi nidderegen Trottoiren. Wann et esou weidergeet, ass de Quartier NeiSchmelz e ganz normale Quartier à la Kierchbiert.

Vun Öko bleift just eng eventuell Notzung vun Äerdwiermt an dat ass jo och net gewonnen. Eis Skepsis erweist sech als ëmmer méi berechtigt, och wann et vill Saache vum Projet NeiSchmelz gëtt, déi ee gudden ökologesche Gewëssenes ka matdroen.

Well den Diddelenger Bäitrag zum Kulturjoer 2022 sech nach ëmmer nom gültege Bid Book am Wesentleche soll op NeiSchmelz ofspillen, ginn ech dann elo op 2022 zu Diddeleng iwver.

Virun engem Joer hunn ech an deem Kontext vun engem Trauerspill oder éischter enger Provënz geschwat.

Haut, e Joer duerno, gesäit et wesentlech besser aus. Dat ass net nëmmen op e Wiessel an der Ekippe zeréckzeféieren, mä haaptsächlech op méi kloer an transparent Strukturen, wat jo och fir eng Gemeng wéi Diddeleng méi wichteg ass wéi d'Personal.

Wat déi meescht Leit am Wierbel ronderëm Persounen net esou richteg matkritt hunn, ass, dass virun allem d'Modalitéite vun der Participatioun vun der Gemenge geännert gouf, an zwar eestëmmeg am Conseil d'administration vun Esch 2022, wou zwee Leit vun Diddeleng matdecidéieren.

Wou virdrun d'Gemenge sollten an e grousst Dëppen abezuelen ouni ze wëssen, wat se duerno a Form vu Projeten a Kommunikatioun erëmkreien, esou brauchen elo Gemengen, ausser Esch, a priori näischt méi ze bezuelen. Am Contraire kreien si bis zu 50% Kofinanzement vu Projeten, déi si als Gemeng oder als eng Initiative op der Gemeng hirem Terrain erareeche, an déi de Selektiounskritäre gerecht ginn.

Dat bedeit, dass d'Gemenge gefuerdert sinn, selwer kreativ ze ginn an sech originell Virhaben auszedenken, déi hir Gemeng an der Solidaritéit mam ganze Süden op d'Landkaart vun enger Kulturhaaptstad setzen.

Dozou gouf et och schonn eng éischt Versammlung mat de meeschte potentielle Projetsträger hei zu Diddeleng an et gesäit esou aus, wéi wa mir et als Gemeng géife fäerdeg bréngen, esouwuel eegen interessant Projeten ënner enger kohärenter Demarche kënnen ze presentéieren, mä och mat den anere Gemengen zesummen iwvergräifend Initiative kënnen duerchzezéien. Dofir sinn déi éischt 100.000 Euro, déi am Budget 2019 virgesi sinn, net schlecht ugeluecht.

E kleng Bemol gëtt et awer am Kader vum groussen kommunalen Diddelenger Projet. Am Bid Book, wat jo nach ëmmer maassgebend ass, steet op der Säit 64, dass déi Halen, wou 2007 Retour de Babel organiséiert gouf, d'Stolwierk an de Fondouq, solle fir Espace d'exposition 2022 erëm genotzt ginn, ënner anerem fir eng Expo "Remix yourself".

Ausserdeem ass envisagéiert, an der Foulée vum 1535° zu Déifferdeng e kreativen Hub op NeiSchmelz als Projet-Phare fir 2022 ze hunn. Den Hub-Raum wénnt sech vum Konzept hir net nëmmen u professionell Createuren ewéi zu Déifferdeng, mä dee bënnt och Amateure mat an an ausserdeem soll en e staarke



sozialen a quartiersbedénge Volet hunn, also insgesamt eng originell a villverspriedend Approche.

Alles schéin a gutt, mä wou sollen de Creative Hub an eng grouss Ausstellung 2022 ënnerkommen, wann déi Halen net méi do sinn?

Déi eng soll ofgerappt sinn an déi aner fir Filmstudien entweder am Chantier oder ofgerappt sinn. Wa mir also net eng Zeltstad am Chantier fir e Joer an NeiSchmelz wëllen opbauen, da muss een sech do eng afale loossen, déi Erausforderung mécht och de Lien mat der Urbaniséierungspolitik an dem Logement.

Wann de Fonds de Logement wëll esouvill wéi méiglech Wunnengen op NeiSchmelz bauen, da geréit déi historesch Bausubstanz, déi ee kéint fir gemeinschaftlech Projeten 2022 an duerno notzen, nach ëmmer méi ënner Drock. Villäicht misst de Fonds de Logement awer nach no méi kreative Léisunge sichen, wéi zum Beispill déi vun eis an d'Gespréich bruechte vegetal Wunn-tierm, déi net nëmme Plaz géife spueren, mä och den neien ökologeschen Aspekt vum Quartier NeiSchmelz kéinten opbesseren.

Ech kommen zum Schluss zum Volet Participatioun a Kommunikatioun. Ech hat schonn d'lescht Joer gesot, den Ënnerschied tëschent Kommunikatioun a Propaganda besteet am wesentlechen doran ob een de Public informéiert iwwert eppes wat ee kann notzen, verbessern oder wou een sech partizipatoresch ka verbessern, oder ob een engem passiv erstaunte Public wëll kloer maachen, dass een alles mécht wat néideg ass an alles am Grëff huet an de Public net soll nodenken, kritesch hannerfroen oder esouguer soll participéieren.

Ech well elo keng Polemik doriwwer lasstrieden, wéi vill Propaganda a Motivatiounsaarbecht an der Balance vun der Kommunikatiounspolitik vun der Gemeng ze fannen ass. Bien au contraire, ech wollt einfach emol an en Debat public d'Fro lancéieren, ob et net besser wier, déi sëllege Informationsmesuren mat deene sëllege isoléierte Sensibiliséierungs- a Participatiounsmesuren an enger kohärenter an effizienter Demarche ze bündelen.

Dofir hunn ech zum éischten all Budgetsposten, déi entweder mat der unilateraler Kommunikatioun un d'Bevëlkerung oder mat der reziproker Kommunikatioun mat der Bevëlkerung ze dinn hunn,

aus dem Budget 2019 erausgefiltert. Dat war och méi easy nodeems ech eng Printversioun ergattert hunn, mä et ass awer nach approximativ well eng Rei Mesuren ënner "Frais de réceptions" oder anere Libelleen hu missen erausgefiltert ginn.

Dofir mat aller Approximatioun hei d'Resultat vu menger Recherche: Alles wat direkt mat der Kommunikatioun a Richtung Bierger ze dinn huet, ass am Budget ordinaire 1,009 Milliounen Euro, am Budget extraordinaire 70.000 Euro, alles wat mat Participation citoyenne kann a Verbindung bruecht ginn, 277.000 Euro am Budget ordinaire a schliisslech Etüden, déi net nëmme reng technescher Natur sinn, mä wou kéinten insgesamt oder punktuell Bierger mat-agebonne ginn, sinn am Budget ordinaire 308.000 Euro an am Budget extraordinaire 423.000 Euro. Insgesamt sinn dat 2,087 Milliounen Euro am Budget 2019.

Dat bedeit net, dass dat déi Zomm ass, déi der Kommunikatioun mat der Bevëlkerung gewidmet ass, mä et sinn déi Budgetsposten, déi integral oder punktuell vun der Biergerbedeelegungsphilosophie kéinte betraff ginn. Dat klengt Zue spill hunn ech gemaach, just fir ze weisen, dass vill Domainen an enger potentiell méi kohärenter Approche zur Biergerbedeelegung kéinten agebonne ginn.

Als zweete Schratt hunn ech dann emol am Internet gesicht ob et Gemengen am Ausland ginn, déi eng Zort Büro für Bürgerbeteiligung hunn. Dat gëtt et effektiv, mä do misst ee méi eng extensiv Recherche maache fir e Modell ze fannen, dee sech op eng méi kleng Gemeng iwwerdroe léisst.

Oftesi vun der Gréisst vun der Gemeng ass et interessant, dass an deene Gemengen, wou ech mer déi Zort Biergerbedeelegung ugekuckt hunn, dass déi am Beräich Biergerzenter oder Kommunikatioun ugesidelt ass, esou dass net eng extra Déngschtstell huet misse geschafe ginn, mä just Leit erweidert Missiounen kruten, respektiv eng bestoend Kommunikatiounsinstanz personell a budgetär opgestallt gouf. Wat jo och Sënn mécht, wann d'Participatioun enger Gemeng um Häerz läit, déi sech dat och eppes kaschte léisst.

Zwee Beispiller si mir opgefall, déi hunn ech mol erausgepickt. Engersäits d'Gemeng Bochum am Ruhrgebiet, wou déi rout-gréng Majoritéit ressorten iwwergräifend de Paradigma vun der Biergerbedeelegung agefouert huet. Si huet eng extra Déngschtstell - Büro für



Bürgerbeteiligung - an hirer Kommunikatioun ugesidelt. Allerdéngs huet Bochum 370.000 Awunner a 4.500 Beamten a Beamtinnen an der Verwaltung, also ass d'Masse critique do zimlech héich. Anerersäits si bei manner Awunner och manner Demanden aus der Bevëlkerung ze erwaarden.

D'Gemeng huet esouguer op hirer Webpage eng Extrasäit doriwwer wat fir Virschléi aus der Bevëlkerung komm sinn a wéi eng konnten ëmgesat ginn, esou dass een d'Leit ka motivéiere fir weider participatoresch ze agéieren.

Och d'Gemeng Potsdam, déi manner Awunner huet wéi Bochum, 90.000 Persounen, ass ganz aktiv op dem Gebitt vun der Participatioun vu Bierger a Biergerinnen, wat besonnesch am Kontext vum Populismus an Ostdaitschland sécher ganz wichteg ass.

Bref, ech wëll de Gemengemammen a -pappe mol un d'Häerz leeën, e bëssen am Internet oder och bei anere Quellen zum Thema Biergerbedeelegung ze surfen, fir sech inspiréieren ze loosse. Den evidente Virdeel vun enger interner, aus der Gemeng erausgefouerter Biergerbedeelegung, ass natierlech, dass déi Leit an esou engem Büro, wann se dann op Zack sinn, d'Gemeng an hir Awunner besser kennen, wéi extern Boëtten, déi da punktuell fir esou Participatiounsprozesser zougezu ginn an déi meeschtens de lokale Kontext net gutt oder guer net kennen an dofir 08/15-Methode mussen uwennen.

Ech wëll awer elo kengem ze no trieden, well dat jo och net ëmmer schlecht ass. Villäicht wier awer e Lokalrezeptor fir lokal Boboe méi efficace wéi e stänneg wiesselnden Outsourcing.

Domat kommen ech zum Schluss, zu der Haupterausforderung vun der Participation citoyenne zu Diddeleng, déi sech esou lues och zu engem Monster vu Loch Ness ze entwéckelen dréit.

Ech schwätzen elo, ô surprise, vun der Biergerbedeelegung bei der Zuchverbindung, wou mir awer och den MDDI an CFL 2019 endlech zu Potte solle komme loosse. Ech mengen, dozou gouf dat meescht e puermol gesot.

Fir eisem Buergermeeschter a Schäfferot nach eemol géigeniwwer der CFL an de Ponts et Chaussées de Réck ze stäipen, wollte mir an enger Motioun nach eemol


ënnersträichen, dass et an deem Konsultatiounsprozess net dorëms goe soll, Jo oder Neen zu enger eenzeger Proposition vun CFL a Ponts et Chaussées ze soen. Et soll all méiglech Variant op hir Vir- an Nodeeler gepréift ginn, och d'Variante Train-Tram oder déi mam lichten Tram vun Diddeleng op Beetebuerg an dat fir dass een op där Place publique konstruktiv kann diskutéieren an eng breet Majoritéit fir déi beschte Léisung ka fannen.

Ech resuméiere kuerz déi Motioun, déi ech wäert deposéieren: An der leschter Legislaturperiod hat den Diddelenger Gemengerot eestëmmeg eng Resolution gestëmmt fir ronderëm déi kropeleg Fro vun der Suppressioun vun de Barrièren zugonschte vun engem erhéichten Takt vun Zuchverbindungen an Diddeleng an op Diddeleng op engem breet ugeluechte Participatiounsprojet ze verdéiwen. An der Schäfferotserklärung ass déi Determinatioun bestäegt ginn, an der Tëschenzäit koom et kuerz no den nationale Walen zu enger Interpretatioun tëschent der Gemeng an dem MDDI doriwwer, firwat eng éischt Informatiounsversammlung fir d'Bierger net am September 2018 konnt ofgehale ginn. Mat der neier Regierung misst et dann elo eng Perspektiv ginn, fir déi Versammlung, déi hoffentlech wäert déi éischt vun engem Prozess sinn, dann an Zukunft ofzehalen.

An deem Zesammenhang wollte mir de Buergermeeschter a Schäfferot opfuerderen, éischt Virbereedungen ze treffe fir de participative Prozess mat MDDI an CFL an engem raisonnablen Delai ze organiséieren. Parallel zu den ugekënnegten Etüde vun CFL an MDDI eng vun der CFL onofhängeg Evaluatioun maachen ze loosse, ob den Zeenario Train-Tram an d'Stad, ob dat realistesch wier oder net, doduerch ze verhënnern, dass nëmmen déi vun der CFL a vum MDDI proposéiert Variant studéiert gouf an diskutéiert gëtt, an ze garantéieren, dass all aneren Szenario och vun de Bierger kann diskutéiert ginn, also notament mol 4 Varianten.

Déi éischt Variant wier d'Suppressioun vu Barrièren, de Bau vun lwwer- an Ennerféierunge fir direkt Zich, gréissere Kaliber an d'Stad an engem méi intensive Verkéier an d'Stad. Dat ass d'Variant vun CFL an MDDI.

Déi zweet Variant vun der Majoritéit a verschidden Oppositounsparteien, déi en Train-Tram an d'Stad mat erhéichtem Rhythmus virgesäit, mat Bäibehale vun de



Barrièren oder Ersatz duerch rout Luuchten, an déi drëtt Variant, e liichten Tram, deen op Beetebuerg op de Pôle d'échange mat besseren Ëmklammodalitéite féiert, wou d'Barrièren duerch rout Luuchten ersat kënne ginn an déi véiert Variant natierlech, et bleift wéi et ass, et gëtt just en erhéichte Rhythmus an d'Stad bei Bäibehale vu Barrièren, déi da méi laang zou sinn, dat wier déi véiert Variant.

Doduerch géif dann d'Transparenz, gläich Ufanksbedingung fir all Zeenarien a virun allem d'Pluralitéit vu verschidde fachlechen Avise garantéiert ginn.

All Parteien am Gemengerot, an d'Zivilgesellschaft an der Preparatioun an an der Duerchféierung vum Prozess an der Biergerbedeelegung sollen agebonne ginn.

Zum Schluss - same procedure as every year - och wa vill Saachen eise Support wäerte kréien am Budget, esou sinn eng Partie Posten net esou definéiert, wéi se eis géife virschwiewen an et feelen natierlech eng Hellewull vu Saachen, déi net d'Depensé géifen an d'Luucht dreiwien, mä dem Budget méi eng participativ Orientéierung géife ginn. Net well mir keng Pirate sinn, stëmme mir dëse Budget alle positiven Aspekter zum Trotz net mat. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, weider Stellungnamen? Bob Claude.

Bob Claude (LSAP): Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären vum Schäffen- a Gemengerot, virun enger Woch hu mir op dëser Plaz de Budget vum eise Schäfferot presentéiert kritt. Ech muss soen, dass de Buergermeeschter an d'Dammen an d'Häre Schäffen dës Kéier hir Beräicher grad esou ausféierlech wéi dat Joer virdru virgedroen hunn an och am Detail explizéiert a kommentéiert hunn.

Un eise Conseilleren ass et elo, op déi verschidde Beräicher méi oder manner kritesch anzegoen. Virun engem Joer hunn ech scho bemierkt dass et ganz normal ass, dass vun der Oppositounssäit oft méi oder manner kritesch Téin kommen. Mä och positiv Urechnungen a Propositione vun alle Säite sollen op jiddefalls gepréift an och kuerz oder laangfristeg zeréckbehalen ginn.

D'Tatsaach, dass säit zweet Joer de Budget Online ass, erméiglecht och dem Bierger dobaussen, a voller Transparenz déi verschidde Posten am Budget

nozesichen an esou en däitlechen Abléck a quasi all déi Beräicher vum Fonctionnement vun eiser Stad ze kréien. Et ass zwar net esou einfach fir dat Dokument direkt ze fannen. Et fënnt een elo bei Administration ënnert der Rubrik Conseil communal de Budget.

An domadder kommen ech op dee Beräich, wou ech besonnesch wëll drop agoen. Dat ass Informatik an Nei Medien.

Och wann ech d'Presidentschaft vun der Kommissioun "Nouveaux médias" hunn, sinn ech nach ëmmer kee grouse Spezialist an dëser Matière. Esou waren et bis elo zwou Sätzungen, an deenen d'Kommissiounsmemberen eng Rei ganz ënnerschiddlech Suggestiounen gemaach hunn, déi zur beschtméiglecher Informatioun fir eis Bierger bäidroen sollen.

En éischte Lichtpunkt ass de Fait, dass de Schäfferot op de Wee gaangen ass, am Budget 20.000 Euro fir d'Uschafe vun der City-App anzeschreiwen. Folgend Servicer kënnen an dëser mobiller Applikatioun fir IOS an Android integréiert ginn: D'Aktualitéite vun eiser Stad, d'Horairen a Realzäit vun de Buslinnen zu Diddeleng, de Vël'OK, de Report, e Service wou de Bierger alles iwwer den Handy mat Foto a senger GPS-Positioun melle kann, wat reparéiert, ausgewesselt a verbessert soll ginn. Push-Meldungen fir iwwer verschidden Evenementer wéi Drénkwaasserproblemer, Verkéiersproblemer awer och wou ee gemellt kritt, dass ee seng Poubellë soll eraussetzen, dann den Offalkalender, deen all Stot bis elo a Pabeierform kritt huet.

Dës City-App gëtt no de Feierdeeg, Mëtt Januar, an der nächster Kommissiounssëtzung virgestallt. Et muss weider am Beräich Sécherheet am Internet promovéiert ginn. Den Zougang zu der Informatik an dem Internet gëtt fir Jonk a manner Jonk duerch Coursen accessibel gemaach.

Eng wichteg Vitriinn vun eiser Stad ass a bleift den Internetsite Dudelange.lu. Besonnesch am Laf vum leschte Joer ass dës Site verbessert ginn. 2017 krut de Site eng nei Versioun an ass elo fir de Bierger nach besser zougänglech a méi transparent ginn. Natierlech muss een sech un hie gewinnen an déi verschidde Rubrike lues a lues entdecken.

Et ass wichteg, dass de Bierger schnell un déi néideg Informatiounen kënnt. Dofir muss dee Site stänneg



aktualiséiert ginn. Ureegunge vun de Bierger sinn ëmmer wëllkomm. De fräie Wifi vun Hot City gëtt am Shared Space, am Centre Hartmann, am regionale Kulturzenter Opderschmelz an an der regionaler Bibliothék ugebueden.

An dësem Kontext huet d'Gemeng Diddeleng eng gutt Noriicht kritt. Diddeleng hat sech am Concours vun der Europäescher Kommissioun ugemellt. Dee Concours deen heescht Wifi for Europe an do hu mir eis ugemellt an hunn de 7. Dezember mat anere 14 Lëtzebuerger an 2.786 Gemenge vun insgesamt 21.824 agedroenen EU-Gemengen e Coupon ausgedeelt kritt. Dee Coupon vu 15.000 Euro kënne mir an d'Ausbaue vum fräie Wifi aussetzen. Begréissenswäert ass d'Installatioun vu Wifi-Reseauen a verschiddene Schoulen an dat mat mobillen a fixen Antennen.

Sécher ass, dass eis Welt all Dag méi digital gëtt. Och an der Zukunft wäert d'Gemeng Diddeleng déi néideg Efforte maache fir Schrëtt ze halen. An den extraordinären Ausgaben ass mat 100.000 Euro de sougenannte mobile Referenzposten, mat Kamera a Mikro ervirzehiewen. Domadder sollen eis Gemengereotssätzungen enregistréiert ginn.

An dann zum Beräich Sport. D'Stad Diddeleng ass a bleift eng Héichbuerg am Sport. Modern a manner modern Infrastrukturen, déi alleguerten esou gutt wéi méiglech a guddem Zoustand gehale ginn, stinn eise sëllege Sportsveräiner zur Verfügung.

Dëse Constat huet och eng Delegatioun vun ACES Europe gemaach an den 4. Dezember ass am Europaparlament d'Stad Diddeleng mat der Auszeechnung European Town of Sports 2019 belount ginn. Och wa finanziell näischt do erausgesprongen ass, deet déi Unerkennung gutt an engagéiert eis Gemengeverantwortlech an de kommende Joren op deem Wee weiderzefueren.

Niewent den ordinären Ausgabe fir ënnert anerem d'Uschafe vu Material, stinn an den ausseruerdentlechen Ausgaben de Poste vun iwwer 1 Millioun Euro fir déi 2. Phase vun der Mise en conformité vum grouse Baseng an der oppener Schwämm fir d'Renovatioun vum ganzen Entréestrakt mat de Kabinen, Vestiairen an Duschen, esou wéi deenen technesche Lokaler.

400.000 Euro weider si fir d'Konstruktioun vun der Schwämm an dem Gymnase um Strutzbiérg

agedroen. Méi kleng Zomme kaschten eng nei Auer am Hartmann, de Staubsauger fir déi oppe Schwämm an en neie Billardsdësch.

Doniewent dann och nach d'Erneuerung vum Daach vum Butschebuerger Gymnase an en akustesche Plafong am Gymnase Gaffelt.

Eng flott Initiativ ass nach ëmmer den Aménagement vun engem Padel-Tennisterrain um Stade Kennedy.

Last but not least ass d'Installatioun vun enger automatescher Bewässerungsanlag um Fussballterrain um Stade Jos Nosbaum ervirzehiewen, no den iwwer 70.000 Euro d'lescht Joer stinn elo 20.000 Euro fir eng sougenannte Remise en état vun de Vestiairen an der Tribün do.

Erlaab mir kuerz eng perséinlech Bemierkung zum Thema neie Stadion zu Diddeleng ze maachen. Etlech Zeitungsartikelen, Interviewen am Radio, an engem oft polemischen Toun vum Sponsor, hu während där bis haut erfollegräicher Campagne vum Veräi fir vill Diskussiounen gesuergt.

Jo, et ass evident, dass de Stade net méi zäitgeméiss ass, ech hu viru Joren op dëser Plaz gesot, dass ech mir net kéint virstellen, dass deen een oder anere Fussballspiller op deem selwechten Terrain misst spillen. Leider gëtt et nëmmen eng Méiglechkeet en neien Terrain ze bauen an dat soll nach eemol gesot sinn. Wouer ass awer och, dass de Veräin a sengen 28 Joer Existenz ni en neien Terrain versprach kritt huet, 100% richteg fannen ech d'Haltung vum Schäfferot fir net op Drohung vum Sponsor anzegoen.

Trotzdem sinn ech der Meenung, dass besonnesch elo den Dialog mat eisem Fussballveräi weidergefouert soll ginn an dass da villäicht fir jiddereen eng valabel Léisung ka fonnt ginn.

De Schäfferot wäert och weider en oppent Ouer fir weider Doleancë vu Veräiner hunn a versichen, hinne beschtméiglechst entgéintzekommen.

Eng wichteg Ulafstell ass eise Service des Sports, dëse Service ass zoustänneg fir d'Iwwerwaachung an alle Sportsinfrastrukturen. Hien organiséiert den 8. Juni am Hall Fondouq déi schonn traditionell Nuit des Sports.



D'Sportskommissioun verfüügt iwwer dee selwechte Budget wéi 2018 fir ënnert anerem d'Organisatioun vun der Sportleréierung. Dat selwecht gëllt fir déi nach ëmmer aerdeg LASEP. Voilà. Dat war meng Interventioun, ech wäert dësem Budget zoustëmmen, ech soen lech Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Här Bob Claude, da geet d'Wuert un den Här Claude Martini.

Claude Martini (CSV): Merci Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären vum Schäffen- a Gemengerot, e kuerzt Wuert zu de Maison Relais: ech sinn der Meenung dass d'Maison Relais an d'Vakanzenaktivitéiten nees musse vun enee getrennt ginn, fir dass et net soll am selwechte Prinzip an de Vakanze weidergoe wéi an de Schoulzäiten.

Fir mech gehéiert zu Diddeleng eng Vakanzenaktivitéit wéi fréier mat der Waldschoul, just an engem anere Konzept well hautzedaags wäerte vill méi Kanner dovunner profitéieren. Dat wier awer wichteg fir d'Kanner nees méi no mat der Natur zesummenzebréngen.

D'Crèche am Quartier Italie läit ideal fir eng Bëschcrèche doraus ze maachen, et gi pädagogesch Konzepter gestëmmt, mir hunn dat ëmmer op eise Walprogramm gefuerdert, mir géifen dat och ganz ënnerstëtzen, méi no kréie mir och keng Crèche méi an de Bësch.

Bei der Natur, do feelt mir e bëssen den Naturplang zu Diddeleng, u sech hätt ech mir gewënscht, dass mir eng gréng Mauer laanscht d'Autobunn bauen, wéi zu Biereng, wou bis haut näischt gewuess ass, dat wier e Licht- und Lärmschutz fir déi Bierenger Bierger. Ech war gëschter nach eemol laanscht gefuer fir wierklech sécher ze sinn, dass näischt gewuess ass. Et ass näischt gewuess, et ass just nëmme Gras do.

De Parrainage vun de Beem, dat war e gudden Usaz, do wollt ech matdeelen, dat misst een och an Zukunft änneren, dass wann d'Leit plënnere da ginn se gefrot ze informéieren ob se de Bam wëllen halen, oder ob se an der neier Géigend wou se elo wunne wëllen e Bam parrainéieren. Dat heescht, et mécht een e Parainage vun engem Bam, mä déi meescht Leit plënnere eemol an hirem Liewen, an ech si sécher, dass en Drëttel vun de Leit net méi kucken, wou se e Bam parrainéiert hunn.

Bei de Senioren, do hu mir bei de leschte Chamberwahlen zwou Dammen am Duerf gesot, si géifen net méi wile goe well se sech an der Politik net méi erëmfannen. Si hu gesot, si géifen sech och net seriö geholl fillen.

Wann ech de Budget 2019 liesen, verstinn ech hir Ausso e bësselche besser, well am Senioreberäich ass net vill do, et feelt u Plazen am Altersheim an Diddeleng brauch och Wunnstrukture fir eeler Leit. Och si, déi Diddeleng mat opgebaut hunn, mussen an d'Nopeschgemenge plënnere oder an d'Ausland, well se net déi Méiglechkeet hunn, eng Plaz an engem bezuelbaren Altersheim hei zu Lëtzebuerg ze fannen.

Hei musse mir als Gemeng Responsabilitéit iwwerhuelen an net de privaten Investisseur, dee just de Benefice sicht, als Éischten handele loossen. Well dat ass d'Zukunft vun eiser Branche. Mir géifen e Méigeneratiounenhaus plangen a bidden, wéi mir dat och am Walprogramm gesot haten, mir géifen awer och de Pedibus esou gestalten, dass eeler Leit a méi jonk Pensionären d'Kanner um Wee fir an d'Schoul kënne begleeden an esou eng sënnvoll Beschäftegung hätten, esou bal se an der Pensioun sinn.

Mam Senior Plus wollte mir froen ob dee Succès huet, wéi vill Leit dovunner profitéieren, ob dat ass fir eenzel Leit a Koppelen a wéi et mam Dateschutz ass, a wéi d'Leit dorobber ugeschwat ginn. Behale mir dat Konzept bäi, esou wéi et ass?

Beim Tourismus hunn ech am Budget bal näischt gesinn, wat ech am Fong schuet fanne well Salzburg, Mailand an Athen a Sevilla kennen Diddeleng elo a villäicht plängt jo deen een oder anere seng Vakanz elo bei eis. Da wier et flott wa mir eppes ze bidden hätte fir déi.

Den e-Reider virun der Gemeng zum Beispill, esou wéi en am Moment do steet, bréngt en net vill fir net ze soen näischt mä en ähnleche System kéint een als Touristeninfo awer och bei de Campingcare beim Alliance-Terrain opriichte fir dass déi Touristen, déi do sinn, déi néideg Informatiounen kréien, wat se hei an der Géigend kënne maachen.

Beim Transport ass eng Fro, déi elo wahrscheinlech bei ville Gemengeréit gestallt gëtt, wéi wäert de gratis ëffentlechen Transport sech op eise Budget ausrichten an Zukunft? Ass sech doriwwer Gedanken gemaach ginn? Ginn et do schon Iddien?



Dann hu mir gemierkt, dass de Flexibus duebel esouvill Faarten huet wéi mir geplangt haten, mir wollten déi Offer vergréisseren, fir dass och kéinte Leit mat Kutschen, mat Kanner, dovunner profitéieren an net nëmme Leit iwwer 60. Gëtt et do e Plang, wéi vill Leit de Citybus benotzen? Am Budget steet, wéi vill Tickete mir verkaf hunn, mä et fueren och eng ganz Rei Leit, déi gratis fueren. Ginn et do Statistiken an Zuelen, wéi vill Leit deen notzen a wéi mir wäerten an Zukunft do fueren, ob mir deen dann ausbauen, bäibehalen, reduzéieren? Ob mir d'Offer vum Flexibus da vergréisseren? Ginn et do iergendwellech Visiounen dovunner?

Da bedauern ech, dass mir keen autofräie Quartier kréien, hei verpasse mir definitiv eng eemoleg Chance fir Virreider ze ginn a Lëtzebuerg an awer och an der Groussregioun. De Projet ass am Fong ganz un de private Promoteur gaangen, an do hu mir am Fong net esouvill Matsproocherecht, wéi mir eis dat gewünscht hätten.

Zum Thema Train-Tram waarde mir nach ëmmer op iergendwellech Léisungen, Proposen, Diskussiounen.

Am Budget feelt mir awer och den Ausbau vum séchere Vëloswee, et ass nach ëmmer ganz geféierlech fir sech mam Vëlo zu Diddeleng ze deplacéieren, virun allem well mir ëmmer soen, eis Kanner solle mam Vëlo an d'Schoul an esou, dat sinn alles Saachen, déi relativ schwéier ëmzesetze sinn am Moment, well et relativ geféierlech ass, an do hätt ech mir Punkte gewünscht, déi dat méi sécher maachen an Zukunft.

Wéi Dir gesitt, ass d'CSV net frustréiert fir hei an der Oppositoun ze setzen, mir schaffe konstruktiv mat, mir drécken zwar heiansdo mam Fanger a Wonnen, mir soen déi Punkten, déi mir net gutt fannen, mir maachen awer och Verbesserungsvirschléi an ech mengen, Dir kënnt och weider an Zukunft op eis zielen. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Här Martini fir déi Stellungnam an d'Wuert geet weider un d'Madame Emilia Oliveira.

Emilia Oliveira (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären vum Schäffen- a Gemengerot, erlaabt mir kuerz als LSAP-Gemengeconseiller hei op e puer Punkten anzegoen, déi mir als LSAP ëmgesat hunn an déi sech och am Budget 2019 erëmfannen.

Diddeleng ass net nëmme eng schéi Stad, mä och eng interessant Stad, dat esouwuel wéinst hirer Geschicht mä och duerch hir Offer un Naturaktivitéiten, hirer Kultur oder Sportsinfrastruktur. Dat mécht Diddeleng immens attraktiv fir den Tourismus, ob dat elo Leit aus dem Land sinn oder och Leit, déi aus dem Ausland kommen.

D'lescht Joer hu mir schonn an de Foussgängerleitwee investéiert, deen et de Leit soll méi einfach maachen, sech zu Diddeleng erëmzefannen. Och am Budget 2019 fënnt een des modern an innovativ Approche erëm, déi dës Majoritéit auszeechent.

Weiderhi gi Visite-guidéeeën ugebueden, eng flott Manéier fir Diddeleng kennenzeléieren.

Am Beräich Jumelage ass am Budget 2019 virgesinn, Projekte vun eisem Jugendhaus ze ënnerstëtze fir den Austausch tëschent jonke Leit vun Diddeleng mat Jonken aus eise Partnerstied.

Och an de Geschäftszentrum gëtt substantiell investéiert, eleng 170.000 Euro si virgesi fir d'Promotioun vun den Diddelenger Geschäften.

Ausserdeem schléisst sech Diddeleng der Plattform e-Commerce un, well hautdesdaags den Akaf um Internet ëmmer méi wichteg gëtt an déi Diddelenger Geschäftsleit net sollen eidel ausgoen.

Mir begréissen och ausdrécklech, dass mir mat der Locatioun vum Geschäft op Nummer 77, Avenue Grande-Duchesse Charlotte, hei um Hiewel setze fir an Zukunft matzebestëmmen, wat fir e Commerce op Diddeleng kënnt. Och hefir sinn déi néideg Kreditter virgesinn.

Dann ass et un der Ëmsetzung vun der 2. Phase vum Shared Space, hei ass och elo keng Zäit verluer gaangen a mir huele konsequent d'Moderniséierung vun eisem Centre-ville an Ugrëff.

Positiv ze ernimmen ass dann och den Ausbau vun der Fleegestatioun fir wëll Déieren. Mir wëllen all, dass eis Opfänkstatioun groussen Zousproch fënnt an dass et un Aarbecht net feelt. Der Statioun feelt et awer un Terrain, fir sech esou wéi et soll sinn ëm déi Déieren ze këmmen. D'Stad Diddeleng stellt der Associatioun Natur an Ëmwelt fir 30 Joer en Terrain zur Verfügung, deen un si ugrenzt.



Dat war et vu menger Säit, ech soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren a schéi Feierdeeg.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci gläichfalls, ech ginn dann d'Wuert weider un de Jean-Paul Friedrich.

Jean-Paul Friedrich (CSV): Merci Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären vum Schäffen- a Gemengerot, als éischt wëll ech dovunner profitéiere fir och vu menger Säit aus dem Pascal Poull senger Ekipp e Merci an e grouse Luef ginn fir déi detailléiert a flott gestalten Iwwersiicht vum Budgetsdokument.

Et ass eng laangwiereg Aarbecht a ganz wichteg fir eis Gemeng an och fir eis all, fir eis kënnen e Bild ze maachen iwwer déi finanziell Situatioun vun eiser Gemeng haut an an eiser Zukunft.

Ech wollt op e puer Punkten agoen, wat de Sport an dat ronderëm ubelaangt. Als éischt begréisst mir, dass Diddeleng als European Town of Sports gewielt gouf, en Titel, deem absolut verdénkt ass a wou och e Verdéngscht ass vun all de Benevollen an der Gemeng, well ouni si wier dat alles net méiglech gewiescht.

De Guy Hellers ass responsabel genannt ginn am Kader vun deem Projet, mir wënschen him, dass hien dee Bass an Enthusiasmus matbréngt, wou hien och als aktive Profifussballer hat an och, dass een all Moment kann op hien zielen an hien e ganz engagéierte Mensch ass, dofir gi mir him all Gléckwënsch mat op de Wee an hoffen, dass en dat esou mécht, wéi een dat och gewinnt ass.

Diddeleng ass eng Sportsstad a wäert dat och ëmmer bleiwen.

Bäi der Sportleréierung am CNA, do war de Sall gutt gefällt, mat Champions vu jonk bis manner jonk, an och an der Sportskommissioun herrscht eng gutt Ambiance an d'Membere paken eng Hand mat un, ronderëm de Sport an och fir de Sport héichzehalen.

Am leschte Gemengerot gouf gesot, dass d'Entrée vun der Maison Relais, vun der Schwämm, verluecht gëtt. Dat ass begréissenswäert, et bleift awer och d'Fro ze kläre firwat net méi, wéi initial virgesinn, och eng Entrée realiséiert gëtt beim Hartmann fir déi oppe Schwämm ze verbannen.

Dat wier eng Léisung gewiescht, ausserhalb vun enger vill befuerener Strooss, déi d'Parkstrooss ass an och ganz geféierlech ass, a kéint déi 2 Schwämme verbannen. Do wollt mir just froen, wéi steet et mat deem Projet? Ass do nach eppes geplangt oder ass dat net méi esou am Beräich?

Wat den Entretien vum Centre Hartmann ubelaangt, do hunn ech mir dat ugekuckt an dat ass begréissenswäert, dass deem net eropgaangen ass, dat eenzegt wat do wierklech an de Budget schléit sinn d'Personalkäschten, déi ëm 100.000 Euro geklomme sinn. Do krute mir jo erkläert, dass duerch déi vill Tâche Frais dobäikomm sinn.

E puer Remarken nach zum Sujet F91, mir fannen, dass et ganz OK a ganz kloer ass, dass eng Gemeng sech net ënner Drock setze léisst fir e Stadion ze bauen, op där anerer Säit ass awer och gesot ginn, 1991 wéi den F91 gegrënnt ginn ass, et géif eppes geschéien. Villes ass och geschitt, mä et bleift awer och vill ze maachen.

Et si Renovatiounen gemaach ginn um Stade Jos Nosbaum, et sinn nei Trainingsinfrastrukturen um Stade Emile Mayrisch an och um Stade Barozzi gemaach ginn, et sinn 2 Terrainen um Stade Emile Mayrisch wéi och um Stade Barozzi gemaach ginn, elo soll eng Sprinkleranlage fir 60.000 Euro um Stade Jos Nosbaum installéiert ginn an och aner Renovatiounen si virgesinn.

Toiletten, Tribünen, Buvette, Luuchten, villes ass an engem schlechten Zoustand an et ass och keng Léisung, den Turnsall an de Parking zouzemaachen, wann offiziell europäesch Matcher sinn, well dat stéiert och de Schoulbetrib an ass net ganz an der Rei.

Verglach mat anere Veräiner, déi aner Strukturen opzeweisen hunn, bleift nach vill ze maachen.

Do muss gekuckt gi fir eng adequat Léisung ze fannen an och mat aneren Terrainen um Stade Mayrisch, déi kënne kaf ginn, well eent ass sécher, den F91 ass en Aushängeschild fir Diddeleng an huet eiser Stad an och dem Land all Eier gemaach. Ëmmer renovéieren ass keng Léisung, et muss eemol dru geduecht ginn, en neien Terrain ze bauen, natierlech ëmmer an deem Sënn, dass een sech net ënner Drock setze léisst an enger éischter Phase, dat ass ganz kloer.



Dann hu mir eng Fro, wéi et ausgesäit mat der Hal fir den CR Diddeleng, wéini kënnt se? Si Pläng do? A wat geschitt mam Tennis? Ass do och en aneren Terrain virgesinn oder ass soss e Projet en vue mat deem Sujet, an deem en zesummenhänkt.

Voilà. Dat sinn eis Remarken a Froen am Kader vum Sport an hoffentlech kréie mir déi eng oder aner Äntwert. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Här Friedrich an dann de leschte Riedner an dëser Ronn, den Henri Glesener.

Henri Glesener (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, léif Kollegen a Kolleginnen vum Schaffen- a Gemeng-rot, et ass zu dësem Budget en long et en large Stellung geholl ginn, an ech wëll elo net op all déi Punkten agoen, déi vun der Oppositioun virgedroe gi sinn.

Allgemeng stellen ech fest, dass mir oft am Detail iwwert d'Joer gemeinsam ofstëmmen an dann déi selwecht Punkten am Budget anescht diskutéieren, respektiv net alleguerte matstëmmen. Just stellvertriedend e Beispill, mir hunn de Moien héieren, dass mir sollen ophale wéi wëll Leit anstellen, op där anerer Säit solle mir awer eis Servicer oprëschten an/oder méi staark oder performant maachen.

Och si mir eis hei meeschtens eens, wa mir am Joer iwwer déi Leit ofstëmmen, déi hei agestallt ginn, ech iwwerloossen et lech an den Diddelenger, déi vill Interventiounen vun haut de Moien ze bewäerten.

Ech wëll awer hei net op weider Punkten agoen, de Schafferot mécht dat.

De Budget rectifié vun 2018 an de Budget initial fir 2019 ass ganz explizit virgestallt ginn, en ass transparent opgestallt ginn, an en ass besonnesch gutt a wäitsiichteg, et ass e Budget fir déi Diddelenger. Dofir mäi Merci un de Pascal Poull a seng Ekipp, Merci awer och un de Buergermeeschter an de Schafferot.

Besonnesch ervirsträiche wëll ech haut, eng ganz Rei Investissementen, déi de près et de loin mat der Sécherheet ze dinn hunn.

Esou kënne mir all déi Sécherheitsinstallatiounen, déi mir iwwer d'Jore geschaf hunn, gutt an der Rei halen an esouguer zum Deel kënne mir se ausbauen oder

erneieren, esou dass den Niveau vu Sécherheet erhalten, respektiv nach ausgebaut ka ginn.

Dir fannt am ordinäre Budget d'Mise-en-conformitéen, Brandmeldeanlagen, Konzepter ronderëm d'Schoul, Verbesserungen an esou weider, awer och de CGDIS, op deem ech eenzel wäert agoen.

Am extraordinäre Budget fanne mir zum Beispill d'Mise en conformité vun den Zebrastreifen, op déi ech am leschte Gemengrot schonn am Detail agaange sinn, ech muss dat also net nach eemol widderhuelen.

D'Madame Kayser huet op deem Punkt mat der Gemeng Nidderanven verglach an huet gemengt, mir géifen hei d'Geld duerch d'Fenster geheien, respektiv et misst och mat der Halschent vum Budget duergoen. Ech hunn den Detail, wat a wéi déi aner Gemengen an hir Zebrastreifen investéieren zwar net, ech hu mech awer mat eisem Service getraff an ech war och mat hinnen um Terrain iwwer dat ganz Joer. Dat wat mir hei plangen, huet Kapp a Fouss, et ass néideg an et ass richtig. Et gëtt keen Euro investéiert, deem net der Sécherheet vun de Bierger zegutt kënnt.

Weiderféiere wäerte mir och eis Initiative wéi de sèche Schoulwee, Pedibus, Journée de l'extincteur, Journée de prévention, Opklärung a Präventioun an nach vill méi.

Elo zum CGDIS, dat ass den éischte Moment schonn erstaunlech, wann een sech d'Gesamtzomm am CGDIS an eisem Budget ukuckt, eigentlech misst dee Punkt jo erofgoen an net nach erop. De Bäitrag vun eiser Stad steet hei dran a schléit mat 769.000 Euro zu Buch, eng Zomm, déi ech iwwerengs perséinlech ganz vernünfteg fannen, verglach mat der Gréisst vun eiser Stad a mat de Geforen, déi eis Industriezone ronderëm Diddeleng duerstellen.

Zousätzlech stinn eng ganz Rei aner Ausgaben am Budget vum Service Ambulanz respektiv an deem vum Service Incendie-Sauvetage.

Ech hu mir déi Zäit geholl, fir all déi Punkten ze hannerfroen a kann haut soen, dass all déi Punkten hir Dosinnsberechtigung hunn. Am Gebai vum fréieren CDI vun Diddeleng ass haut de Centre d'Incendie et de Secours, kuerz CIS Dudelange vum CGDIS ënnerbruecht.



Dat Gebai gehéiert der Gemeng Diddeleng a gëtt un den CGDIS verlount. Well um Terrain vun eiser Gemeng en neie regionale Centre geplangt ass, ass et net sënnavoll, dat jëtzezt Gebai einfach dem CGDIS ze iwwerloossen. Natierlech musse mir also den Entretien vum Gebai weider iwwerhuelen an dat an der Konventioun verankere wien do wat maachen a bezuele muss.

De Budget weist awer och nach zwou Ausgaben aus, déi sech op dat vergaangent Joer bezéien. Esou gëtt den Iwwerschoss vun den Einnahme vun der Ambulanz, awer och 60% vun den Einnahme vun den Interventiounen vum Service Incendie-Sauvetage vun deem Joer virdrun elo eréischt un de Centre ausbezuelet. Dat war an ass esou an de Konventiounen, respektiv an eise Taxereglement festgeschriwwen.

Déi Zuele wäerte mir also an Zukunft am Budget net méi erëmfannen.

Et stinn awer och nach eng Rei Punkte fir nei Acquisitiounen am Budget, dës Budgete sinn néideg fir dass esou e Centre ka funktionéieren. Si sinn zum gréissten Deel net am Detail virauszegesi well se vun den Asätz ofhänken an déi sinn net 1 zu 1 previsibel, besonnesch net d'Gréisst an d'Dauer vun deenen Asätz.

Et ass awer esou, dass mir als Gemeng déi Sue just virstrecken. Esouguer keen neit Material gëtt kaf ouni dass dat am Virfeld vum Chef de Zone geneemegt gëtt, an domadder ass och séchergestallt, dass mir dëst Investissement zu 100% vum CGDIS zeréckkreien.

D'Schafe vum CGDIS ass eng vun de wichtegsten a gréissten Reformen an eise Land. Et huet eng gefillten Éiwegkeet gedauert bis déi Reform ëmgesat ginn ass, ech erënnere mech do un eng Entrevue an deem Sënn, déi ech scho mat de Kollegen beim Minister Spautz hat. Et huet awer e Minister Dan Kersch misse komme fir dat waarmt Eise richteg unzepaken, hien an nëmmen hien huet déi Reform an enger Rekordzäit ëmgesat.

Haut si mir awer an enger Iwwergangssituatioun, eréischt no der Schafung vum Etablissement public konnt dësen och eréischt vill Detailer an Ugrëff huelen. Als Beispill kéint ech hei opféieren, dass den Akaf vu Kleedung a Material elo esou e grouse Posten ass, dass dofir europawäit Ausschreiwunge virgeschriwwen ginn. Dass dat also net no 6 Méint vum Schafe vum CGDIS ofgeschloss ass, schéngt mir kloer an ass

normal. Dofir stinn all déi Zuelen och nach an de Budgete vun deenen eenzele Gemengen.

Op alle Fall kënne mir festhalen, dass deen neie Corps grand-ducal d'incendie et de secours – CGDIS e gudde Start hat, an dass e säin Haaptzil erreecht huet, nämlech jidderengem am Land eng gläich gutt Hëllef an Noutsituatiounen unzebidden.

Ech soen dem Schäfferot also en extrae Merci fir dëse Budget awer och fir seng exzellent Aarbecht iwwer d'ganz Joer.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Här Glesener. Dann ass hei d'Ronn fäerdeg vun deene verschiddene Stellungnamen. Ech proposéieren lech also elo, dass de Schäfferot drop ageet esou dass mir an där Situatioun sinn, dass mir de Gemengerot haut de Moien mam Vote kënnen ofschléissen, esou dass d'Sëtzung de Mëtteg net méi néideg ass.

Ech géif op méi generell Punkten agoen.

2019 ass e Budget, deen Diddeleng ganz kloer weiderbréngt, well mir weider Akzenter setzen am Kader vun der Ëmsetzung vun der Schäfferotserklärung.

Ech fannen, dass een – wéi d'CSV et gemaach huet - Diddeleng net soll schlecht rieden. Et vergeet keng Woch, wou ee positiv Echoe kritt, wat d'Dynamik vun Diddeleng ugeet, ob dat Diddelenger Awunner sinn oder Leit vu baussen an déi Perceptioun vun Diddeleng ass net onwichtig an am Fong brauche mir keng Opbrochstëmmung well mir investéiere méi wéi jee ganz vill an dës Stad fir grad déi bestoend Dynamik, déi mer hunn, weider ze erhalen. Wann hei Referenz gemaach gëtt a Vergläicher gemaach ginn tëscht Gemengen, da muss ech soen, dann ass dat ëmmer ganz delikat.

Hei ass virdru geschwat gi vun der Arroganz vun der LSAP, do muss ech awer soen, wéi kann ee sans Gêne eng Gemeng Nidderanven hei zitieren - näischt géint d'Gemeng Nidderanven - mä déi déi rächste Gemeng hei am Land ass, déi kann een dach net mat enger Stad Diddeleng vergläichen. Nidderanven, déi rächste Gemeng hei am Land, eng Gemeng, déi de Fluchhafen huet, a wou den Impôt commercial esou héich ass, par rapport zu enger Gemeng, déi Industrien huet, wou den Impôt commercial ganz kleng ass.



Wéi kann een dat zitéieren, wann een och weess, dass déi selwecht Gemeng, wat den Impôt commercial ugeet a wat den Impôt de solidarité ugeet, de Staat virun Geriicht ugesicht huet. Ech fannen, dass dat e schlecht Beispill ass fir hei eng Gemeng Diddeleng mat enger Gemeng Nidderanven ze vergläichen, mä wéi gesot, ech hunn absolut näischt géint si mä wann ee Vergläicher mécht, da kommt mir maache Vergläicher wou een och e Verglach maache kann.

Stabil Finanzen, dat ass hei unisono gesot ginn, dat ass och wichteg, dass mir déi hu fir déi Investor ze tätëgen. Nach stellen ech mir d'Fro, wann ech verschidden Ausféierungen hei héieren, dass eis Finanzen nach méi stabil solle sinn, dass mir déi nach méi stabil solle maachen, da sinn ech och gäre bereet ze héieren, an och dës Majoritéit an dësem Schäfferot, wéi mir dat solle besser maache wéi mir dat de Moment maachen.

Engersäits héieren ech eraus, vu Säite vun der CSV, eng Mise en garde, Finance sinn zwar gutt, de STATEC huet zwar misse Korrekture maachen, mir profitéiere vun enger nationaler an internationaler Konjunktur, gutt Finanzen, gutt Reserven, keen Emprunt ze maachen, wann effektiv méi schwierig Zäite kommen.

Zur gläicher Zäit sot Dir, dass grad déi Finanzen, déi mir hunn, massgebend si fir nach méi Investor ze maachen, wéi déi déi mir elo maachen.

Also, Dir musst eis soen, a wéi eng Richtung mir solle goen? Solle mir déi Reserven, déi Finanzlag, déi mer hunn, déi Mouken déi mir hunn, déi mir eis ginn, grad fir déi Zäite wou et méi schlecht geet, solle mir déi elo schonn dropmaachen?

Oder solle mir awer grad déi virsiichteg Approche hunn an der Finanzpolitik, déi mir bis dato hate fir grad a Situatiounen, wou national méi eng schlecht Konjunktur ka kommen, no de Previsiounen, déi gemaach ginn, fir dass mir déi Suen dann hu fir weider Investor ze tätëgen, sou wéi mir dat am Moment maachen? Et war ëmmer d'Optik vun dëser Majoritéit, eng virsiichteg Finanzpolitik a Projeten ze maachen, déi méiglech sinn an awer déi néideg Reserven ze hunn, fir grad wann et dem Land méi schlecht geet, op déi kënnen zeréckzegräifen, fir grad deen Investvolumen an déi Dynamik hei an der Stad bäizebehalen an ech mengen dat ass och eng Approche, déi mir wëlle fir déi nächst 5 Joer hunn.

Et ass richtig, dass d'Gemegefinanzgesetz eis entgéintkomm ass, wéi villen anere Gemengen, mir profitéieren och dovunner, esouwuel am Budget rectificié 2018 wéi och am Budget initial 2019.

Ech kommen op déi verschidde Stellungnamen zeréck.

Wann ee Gemengen zitéiert, wéi een et maache soll, oder wéi mer et hei zu Diddeleng maache sollen, da muss een awer och Gemengen zitéieren, wéi een et net maache soll, well och där ginn et, notamment um Niveau vun der Personalpolitik an ech mengen, dass mir dëst Joer ganz virsiichteg un d'Personalpolitik erugaange sinn als Stad Diddeleng.

An effektiv, déi Demanden, et gëtt jo ëmmer gesot dass hei net op d'Opposition gelauschtert gëtt, dass mir net hir Iwwerleeunge mat eranhuelen, ech mengen, mir hate schonn eemol hei Diskussiounen vu Bestandsopnamen ronderëm eist Personal, mir hunn dat dëst Joer mat an de Budget eragesat well och elo en opportune Moment ass, fir et ze maachen.

Well, wéi ech scho sot, engersäits hate mir d'Reform vun der Fonction publique, dann hu mir engersäits eis och en neien Organigramm ginn, wat ganz vill Aarbecht war fir eis Servicer, an elo ass et de Moment fir e Schratt méi wäit ze goen, fir och déi verschidde Fluxen ze analyséieren.

Et ass och ëmmer déi Saach vum Zäitpunkt wichteg deen ass, wéi ee verschidde Projeten an Ugrëff hellt, also et kann een net soen, dass mir hei keen oppent Ouer hu fir d'Opposition. Mir huelen Iddien mat op awer den Zäitpunkt ass dann en aneren, wéi sech d'Opposition dat dann och hei virstellt.

Par rapport zum CGDIS, dorop ass och den Här Glesener agaangen, wat elo muss gemaach ginn, dat sinn déi verschidde Konventiounen, déi mir kläre musse mam CGDIS selwer, wat de Remboursement ugeet, de Relevé muss gemaach ginn, do schaffe mir drun.

Wat kloer ass am Kader vun där Konventioun, dat ass, dass d'Gemeng sécherlech Proprietär vum aktuellen Center bleift, dass se dem CGDIS de Centre zur Verfügung stellt an herno wann deen neie Centre gebaut ass, dass natierlech och de Centre en pleine propriété un d'Gemeng zeréckgeet an natierlech d'Gemeng e kann notze fir aner Zwecker.



Et kann een sech och virstellen, dass dat fir d'Regiebetriber ass oder fir Wunnengszwecker, mir wëllen op alle Fall ganz kloer Proprietär bleiwen, well et jo och eng Optioun kéint sinn, dass mir dee Centre verkafen, awer dat wëlle mir net well mir jo un engem neie Centre plangen.

Dann ass geschwat gi vun der Gesondheetsversuergung, respektiv vun der Geriatrie CHEM. Déi nei Regierung steet, d'Ministère sinn en place, si sinn noméiert a mir wäerten do - wat och d'Zukunft vum CHEM an d'Geriatrie zu Diddeleng ugeet - un déi zoustänneg Ministeren eruntrieden.

Et ass jo ganz kloer am Koalitiounsvertrag festgehalten, dass d'Médecine de proximité an de Gemenge soll oprechterhale bleiwen an de Volet, eng Struktur ze hu fir Demenzkranker, ass nach ëmmer eng Optioun, un där mir weiderschaffen an och do wäerte mir un déi zoustänneg Ministère eruntrieden, wëssend, dass de Moment schonn technesch Sëtzunge waren op deem doten Niveau, och vum CHEM mat de Ministère a mat der Gemeng Diddeleng.

Wat de Volet vun der Madame Kayser zum Shared Space ugeet, fir bei hire Punkten ze bleiwen: Et ass richtig, dass eng Sëtzung mam Geschäftsverband a mat de Geschäftsleit stattfonnt huet ouni de Gemengerot, dat war net fir de Gemengerot net an déi Diskussioun mat anzeschleissen, mä virun allem mat der Suerg, d'Iwwerleeunge vun deenen direkt Concernéierten, an dat sinn d'Geschäftsleit, de Geschäftsverband (op eng Fro, déi Dir hei gestallt hutt, hat ech jo schonns geäntwert) ganz kloer am Virfeld vun der Ausschreiwung - hei befanne mir eis also erëm an der Logik vun der Bedeelegung - mat eranzehuelen an dat hu mir gemaach an där Soumissioun, déi amgaangen ass. Déi Prozeduren, déi lafe jo an et ass jo souwisou virgesinn, eng generell Informatiounsversammlung ze maache fir aktiv d'Deroulementer vum Chantier ze erklären, éier déi 2. Phas d'nächst Joer lassgeet, esou dass mir do kloer Transparenz walte loossen.

Mir hunn och scho Réckmeldung de Geschäftsleit ginn, dass mer eng ganz Rei Punkte mat erageholl hunn an och déi Iwwerleeung, déi komm ass, fir de Parking gratis ze maachen eng hallef Stonn a ganz Diddeleng, inklusiv och den ënnerierdesche Parking. Och dat war eng Demande vun de Geschäftsleit, och déi hu mir opgeholl an och déi wäerte mir ëmsetzen am Kader vun der Diskussioun, déi mir mat hinnen haten.

Wa geschwat gëtt iwwer d'Acquisitioun vun Terrainen oder Immeublen, da mengen ech, hu mir déi néideg Kreditter am Laf vum Joer wann eppes sech bitt, wat interessant ass, a mir sinn an der Diskussioun mat deem engen oder anere Proprietär fir eppes ze kafen. Nach muss een sech mat de Proprietären eens gi, mä mir sinn an Diskussiounen, esou wéi mir och schonn eng Diskussioun gefouert hu mat de Proprietären op Helper, ob se bereet sinn, an déi Richtung ze goe fir mëttelstänneg Betriber do unzesidelen.

D'Gemeng ass do net Proprietär vun Terrainen, wa mir dat maachen, da kënne mir dat nëmme maachen andeems mir d'Proprietären mat op dee Wee huelen an eis och do eng participativ Approche ginn.

Wann hei awer säitens vun der CSV gesot gëtt, dass mir näischt am Wunnengsbau maachen, da wëll ech drun erënneren, dass mir hei kierzlech e Projet gestëmmt hunn, wou mir subventionéierte Wunnengsbau maachen, wou d'CSV de Projet net matgestëmmt huet.

Dat heescht, engersäits sot Dir, mir mussen eppes maachen a wa mir eppes maachen, dann enthaalt Dir lech, dat ass net konsequent.

Wann Dir schwätzt iwwer d'Annex vun de Pompjeeën respektiv der Police, dat sinn zwee Projeten, déi vum Schwieeregkeetsgrad hier ganz anescht gelagert sinn, dofir kann een déi Etüd net zesumme maachen an dofir hu mir als éischt d'Etüd fir de Projet ronderëm d'Policegebai gemaach, an elo wäerte mir ronderëm den ale Pompjeesbau kucken, do gëtt et e bësse méi schwiereg wéi ronderëm d'Policegebai.

Dir hutt geschwat vun der Baulück ronderëm Biereng. Dir wësst jo, dass dat e staatleche Projet ass vum Fonds de Logement, mam Logementsministère zesummen, wou en Architekt och d'Ausschreiwung gewonnen huet. Ech weess, dass se do amgaange sinn ze diskutéiere fir deem Projet de leschte Schlaff ze ginn, do si mir e bëssen tributär vun deem dote Projet, mir ginn zwar d'Baugeneemegung, awer de Projet ass esou gutt ewéi fäerdeg, a propri, dat heescht, an de leschten Zich. Et ass och eréischt herno wou mir déi Plaz kënnen amenagéiere wat integral op eise Budget geet, mä mir hunn déi Variabel och d'lescht Woch geholl, wou mir den Tausch vum Terrain gemaach hunn. Och dat war keen onwichtigen Aspekt fir dee Projet kënne weiderzedreiwen.



Déi Etüd ronderëm Gaart an Heem mat der Salle polyvalente, dat soll natierlech e Raum sinn, wou alleguerten d'Veräiner kënnen notzen, wa se ee brauche fir iergendwellech Manifestatiounen.

Et ass net ausgeschloss, dass mir do e Versammlungsraum hu fir déi bestoend Veräiner, och do si mir an der Diskussioun mat de Veräiner, och dat maache mer am Dialog mat hinnen an net esou - wéi hei dann emol gesot gëtt - datt ee virun e Fait Accompli gesat gëtt, mir maachen dat an enger breeder Diskussiounskultur, wéi dat esou üblech ass, mat den Diddelenger Veräiner.

Ronderëm Koibestraachen, et wonnert mech, dass déi Diskussioun ëmmer erëm opkënnt. Mir befannen eis hei, ech soen et nach eemol, et ass eng kommunal Zone bliwwen, mat der Ausrichtung op eng national Zone, well déi vireg Plan sektorielle vun der Regierung zeréckgezu goufen, wann se net zeréckgezu gi wären, da wier et elo schonn eng national Zon an d'Ausweisung vun enger nationaler Zone, déi ass jo ganz kloer an dee Vote hu mir jo d'lescht Joer am Gemengerot geholl - och do hutt Dir de Vote net matgedroen - mä et ass d'Ausrichtung ganz kloer vun enger nationaler Zon, déi mir do hunn, ronderëm den LNS, respektiv ronderëm d'Technologie vun der Informatioun an der Kommunikatioun, do soll een sech usidelen an och dat gëtt e klore Pol, wat d'Identitéit vun dëser nationaler Zone ugeet, dofir plange mir eng kommunal Zon op anere Punkten, mä grad de Moment vum Plan sektoriell war dee Moment, wou et sollt eng Weeweisung ginn, wou mir wellen als Stad Diddeleng higoen.

Wat hei gesot gëtt, an dat kann ech net gëlle loossen, wat d'Terrainen ugeet, déi der Gemeng gehéieren. Et ass richtig, dass mir mat enger Bautekommissioun driwwer geschwat hunn, mir hunn lech déi Pläng gewisen, mir hunn lech awer och gesot, dass zu all Moment jiddereen, dee wëll, kann Abléck kréie bei eis am Service technique, eis Mataarbechter sinn do, bis dato huet keen sech gemellt. Hei ze soen, mir géifen dat ënner Verschluss halen, ass strikt falsch. Si sinn do, jidderee kann Abléck an déi Dossiere kréien, mir hunn do absolut näischt ze verstoppen.

Wann hei geschwat gëtt an sech staark gemaach gëtt fir d'Renovatioun vun der Fassad, jo mir wäerten déi weiderféieren, mir wäerten dat awer éischter parallel kucken zu der 3. Phas par rapport zum Shared Space, well dat do wäert stattfannen.

Ech fannen et awer och coquace, dass een sech dofir staark mécht fir d'Fassad vun der Kierch, wa virun engem Joer, wéi et ëm d'Konventioun gong, d'CSV sech bei där Konventioun enthalen huet, wou jo awer ganz kloer e Statement war, dass d'Gemeng wëll Proprietär bleiwe vun der Kierch, an elo effektiv no der Enthaltung, Dir lech op eemol staark maacht fir d'Erhale vun der Fassad, och dat ass effektiv kontrovers.

Da wollt ech zum Ofschloss soen, dass mir natierlech, wat déi Terrainen ugeet, an och Immeubles-bâtiment, wann Terrainen sech ubidden, déi mir kafe kënnen, da maache mir dat, och am Kader vun eisem Virkafsrecht.

Voilà, ech mengen elo hätt ech alleguerten d'Froe vun der Madame Kayser beäntwert.

Dann zu der Madame Bodry Kohn: Wat hir Aschätzung vun de Finanzen awer och d'Politik vun dëser Majoritéit ugeet, déi deelen ech largement.

Mir probéieren hei konsequent déi Punkten an eiser Schäfferotserklärung och ëmzesetzen an deem legislative Kader, dee mir vun dëser Period och hunn, wéi gesot dat ass dat wat mir wëlle maache fir Diddeleng weiderzebréngen.

Ech deelen dem Här Jadin seng Aschätzung wann ëmmer vu sozialem Wunnengsbau geschwat gëtt. Dat Eenzezt wat et de Moment gëtt, reng vum Gesetz hir, ass de subventionéierte Wunnengsbau, et ass deen eenzeg Term, deen am Fong Geltung huet.

An ech wëll awer och äntweren op dat wat an de Raum gestallt gouf, par rapport zum subventionéierte Wunnengsbau firwat d'Gemeng net selwer baut. Jo, dofir musse mir kucken, dass mir Terraine kréien, wou mir och dat kënnen ëmsetzen, zu engem erschwéngleche Präis. Et ass zwar engersäits ëmmer de Staat, dee bis zu 50% vum Terrain bezilt, 75% vum Bau, mä et ass ëmmer limitéiert op 500 Meterkaree, dat heescht, den Affichage dee gemaach gëtt vu 50%, respektiv vu 75% gëtt ni zu 100% erreecht, et hänkt ëmmer vun de Baukäschten of.

Nach wëll ech awer soen, et ass och e Choix, deen ee maache kann, wann een e Wunnengsbauprojet huet, och wann e private Promoteur dat mécht, ass et kloer dass een ëmmer 10% subventionéierte Wunnengsbau huet.



Mir kënnen natierlech och d'Decisioun huelen, wann dat eng Optioun ass hei am Gemengerot, da musst Dir eis dat soen, dee Wee kënnen mir och goen, dass mir déi 10% als Gemeng selwer net an Usproch huelen, also net iwwer d'Konventioun vum PAP drasetze loossen, wéi mir dat och hei um Kräizbiereg gemaach hu, bei Lenkeschléi, dass mir et net drasetzen, wat déi 10 ugeet, dass mir do e Virkafsrecht hunn, well dat hu mir selwer drasetze gelooss fir dass mir selwer Proprietär gi vu subventionéierte Wunnengen.

Mir kënnen awer och decidéieren, dass mir dat Virkafsrecht net an déi Konventioun drasetzen, mä dann natierlech ass et subventionéierte Wunnengsbau an d'Gemeng ass deementspreechend do raus. Déi Politik, déi mir do bis elo ëmmer gefouert hunn, ass déi, dass mir d'Virkafsrecht spille loossen, dass mir dat festsetze fir grad och Proprietär ze ginn, iwwer deen dote Wee, vu Wunnengen zu engem subventionéierte Präis an dat natierlech och subventionéierte Wunnengsbau bleift, well wann d'Gemeng bis Proprietär ass, dann ass se natierlech och Garant, dass de subventionéierte Wunnengsraum och esou bleift, wat net ëmmer esou de Fall ass, wann de Promoteur dat weider verkeeft un e Privaten, deen zwar an de Genoss kennt vun de Subventiounen mä deen et herno, no enger gewësse Frist, privat ka verkafen zu engem ganz anere Präis, no de Spillreegelen, déi et och um Marché gëtt.

De Shared Space hat eng Konsequenz fir verschidde Geschäfte, net fir se allegueren, och dat muss een nuancéieren, an et muss een och soen an dat ass net gesot ginn, dass d'Saison 2017/18 eng ganz gutt Saison war fir d'Geschäftsleit.

Och dat sinn Echoen, och dat muss ee soen. Natierlech wäerte mir probéieren, d'Geschäfte ze ënnerstëtzen, ënnert d'Äerm gräifen ass schwéier, déi Demandë si scho méi wéi eemol do komm, dass een d'Taxen aussetzt, wou fänkt een un, wou hält een op? Et ginn aner Stied, déi gréisser Projeten hunn, wou dat och net gemaach gëtt, also, et ass zimlech schwéier, dat ze maachen.

Et ginn awer aner Instrumenter um Aarbechtsmarché, wa méi schwierig Situatiounen sinn, do ass de Ministère du Travail, deen effektiv iwwer d'ADEM verschidde Geschäfte kann ënnert d'Äerm gräifen a verschidde Situatiounen, mä dat wat mir maachen ass eben, ze probéieren, an der Ausschreiwung eng ganz Rei Punkte festzehalen, dofir hate mir jo och

déi Aarbechtssëtzung mat de Geschäftsleit fir mat hinnen déi Punkte mat eranzehuelen.

Déi Iwwerleeung mam Buedembelag déi ass mir nei, dat kënnen mir préiwen, mä Fazit ass awer dass vun der Identitéit hir de selwechte Belag muss bleiwe fir dass e kohärenten Aspekt bleift.

Wat den ënnerierdesche Parking ugeet, do hat ech och an engem Gemengerot Ausföerunge ginn, dass d'Joer 2018 am Fong besser ass wéi d'Joer 2017, wat den Notzungsgrad ugeet. Et mierkt een also, dass do eng Steigerung ass, et ass natierlech nach net dat wat mir eis erwaarden, mä et mierkt een effektiv, dass wann de Parking gratis ass, dass en iwwer de ganzen Dag iwwer déi 100% Auslaaschtung erausschéisst, well effektiv do d'Leit de Wee fannen an de Parking do en Träger ass, awer och zu enger Period wou eng ganz Rei Aktivitéite sinn, an dofir wäerte mir och eng hallef Stonn gratis maachen, dat verknäppe mir mat den Aarbechte ronderëm de Shared Space, mä fir an eng ganz Gratuitéit ze goen, dat bréngt mat sech, dass nei Depensë getäteg ginn an och déi musse mir an eisem Budget opfänken.

Par rapport zum Verständnes wat eisen digitalen e-Reider ugeet. Deen e-Reider hei ass näischt anescht wéi déi offiziell Publikatiounen vun der Gemeng Diddeleng, déi och um normale Reider ëmmer waren, esou dass deen e-Reider esou ze verstoen ass wéi all anere Reider mat Informatiounen. Natierlech fënnt een déi um Internetsite vun der Stad Diddeleng, also net ze vergiessen, dass den e-Reider eng Internetsäit ass vun der Stad Diddeleng, mä et ass näischt anescht ersënner digitaler Form opbereet vum offizielle Reider, dee mir hunn. Et geet ëm déi offiziell Publikatiounen déi mir müssen aushänken an der Entrée vun der Gemeng, déi awer an digitaler Aart a Weis zougänglech gemaach ginn, och fir Leit déi en Handicap hunn, dat war virdrun net de Fall.

Déi Expertise, déi Dir ugeschwat hutt, wat d'Bestandsopnam vun de Servicer ugeet, do hunn ech och schonn drop geäntwert, et ass net de richtege Moment fir dat ze maachen.

Iwwer déi effektiv Prozesser am Kader vum Budget hat ech ausföerlech bericht, dass mir wëllen hei eng Rei Prozesser optiméieren, respektiv, et ass jo an deem Kontext net drëm gaange fir hei Personal ofzebauen, mä fir ze kucken, wéi mir kënnen eis



Déngschtleeschung iwwer d'Stad Diddeleng, déi weider wisst, nach besser un de Bierger bréngen an do ass et wichteg, op eng participativ Approche vun all eise Gemengenservicer kënnen zeréckzegräifen.

Da kommen ech eriwwer un d'Madame Goergen.

Dat wat Dir ugeschwat hutt par rapport zum Ënnerscheid, wat de Budget ugeet tëschent dem Budget initial 2018 an dem Rectifié 2018, respektiv hu mir am Budget selwer déi Montanten, déi autoriséiert goufen 2018, dat huet domadder ze dinn, dass mir jo och am September eng Liste modificative haten, dat ass also am Fong eng Tëschelektür tëschent dem Initial an dem Rectifié, do sinn och déi Verschibungen, et ass net falsch, mä dofir fënnt een déi Lektür erëm, engersäits am Budget, dat ass dat Dokument wat zielt, respektiv dat Dokument wat mir der Finanzkommissioun zur Verfügung gestallt hunn, wat am Fong eng Opbereedung ass fir dem Budget méi Visibilitéit ze ginn.

An ech deelen och déi Aschätzung, déi Dir hutt, dass d'Finanzreform natierlech eis e gewësse Spillraum bruecht huet, niewent der nationaler an internationaler Konjunktur, déi mir de Moment hunn.

Ech hu kee Problem domat, dass mir, wat d'Finanzkommissioun betrëfft, niewent der Presentatioun vum Budget zum Beispill, respektiv zum PDF, dass een och eng Kéier de Kont, wann dee bis approuvéiert ass, kann zesumme kucken, dat kann ee ganz gäre maachen.

Är Remark zu de Loyeren, déi mer ausgedeelt hu fir en Iwwerbléck ze hunn, ech mengen de Gemengerot huet de Contrôle an deem Sënn, dass Dir hei de Vott gitt, wa mir Locataire gi vun engem Lokal oder eng Sous-Locatioun maachen awer natierlech, wann eng Ännerung sollt kommen, wat de Contrat de bail ugeet, gëtt natierlech de Gemengerot do saiséiert, a wann do alles normal leeft, dann ass et och gutt, esou soll et dann och sinn, mä wann effektiv dann Irregularitéite sinn oder Saachen net lafe wéi se sollen, da kommen se an de Gemengerot wa mir de Contrat de bail resiliéieren oder wann deen net respektéiert gëtt, da gëtt automatesch de Gemengerot saiséiert, well et ass de Gemengerot, deen eng Decisioun muss huelen, déi Decisioun kann de Schäfferot net eleng huelen.

Är Remarque par rapport zum extraordinäre Budget, dass d'Recetten am Initial dëst Joer méi kleng ausfallen, huet oft domadder ze dinn, dass déi Recette am Budget extraordinaire e Corollaire ass vun de Projeten, déi mir do ëmsetzen. Do sinn natierlech Depensen, déi mir tätegen, wou och staatlech Subventiounen sinn, do sinn awer och Depensen, déi mir tätége, wou ee keng staatlech Subventiounen kritt, notament wa mir an eise Stroossebau investéieren, do gëtt et ganz wéineg staatlech Subventiounen ausser elo de Shared Space, wou mir engersäits europäesch Subventiounen hunn, mä déi classesch Stroossebauprojeten, do ginn et keng Subside vum Staat, contrairement zu Projete ronderëm den Enseignement, d'Structure d'accueil oder ronderëm de Wunnengsbau, do sinn engersäits och Projeten, déi d'Gemeng eppes kaschte mä op der Contrepartie keng Recetten hunn.

Är Fro zu dem Bierenger Rückhaltebecken, dat muss zesumme gekuckt gi mat der Hydraulik well dat och d'Baach ugeet, déi zwee sinn zesummen, engersäits ass de d'Rückhaltebecken ze kucken ob a wéi et technesch machbar ass fir de Behälter während dem Betrib ze vergréisseren, wei dee fonctionnéiert, dofir ass déi Etüd gekuckt ginn, an natierlech och zesummen mat der Hydraulik ass d'Baach ze kucken, fir d'Kapazität ze bestëmmen par rapport zu zukünftege Bauprojeten, déi kommen, wat do d'Belaaschtung ka sinn. Dat sinn also engersäits Etüden, déi musse vun eise Gas- a Waasserwierk gemaach ginn, zesumme mat Büroen, fir festzeleeë wat d'Kapazität ass vun der Hydraulik.

Dann, wat d'Geschäftswelt ugeet, dee Commerce, dee mir lounen, och do deelen ech d'Appreciatioun, wéi och hei schonn duerch d'Bänke gesot gouf, dass d'Gemeng hei kann de Choix maache wat de Commerce ugeet, an och kann de Choix maachen, wat net dohinner kënnt.

Mir sinn hei an engem classesche Contrat de bail vun deem dote Commerce dräi-sechs-néng Joer, hei musse mir och déi Bestëmmungen respektéieren, mir kënnen eis natierlech virstellen, e Loyer ze maachen, dee gestaffelt ass, dat kann en Attrait si fir e Geschäft heihinner ze kréien, mä mir wëlle Geschäfte hei hunn, déi natierlech eng Plus-value si fir Diddeleng, ob dat am Beräich vun den Textilien ass, ob dat am Beräich ass vun de Schong, et ginn eng ganz Rei Sparten, mä wat sécher ass, wa mir esou e Geschäftslokal ulounen, dann ass et net fir Gastronomie dranzemaachen.



Dat ka sécherlech en Attrait sinn awer net op enger esou zentraler Platz wéi dat doten, wat mir lounen. Et soll eng Plus-value fir Diddeleng sinn, zum Beispill mat Leit, déi am kreative Kontext tätég sinn, also eppes wat eng Plus-value ass fir Diddeleng oder effektiv éischter eng sozial Komponent, ech denken dass dat Saache sinn, déi am Stadkär net onwichtig sinn.

De Lëtztshop ass ugeschwat ginn, et ass en neie Projet, deem am September 2018 definitiv an d'Liewe geruff gouf an do si mir amgaangen - mir hate kierzlech eng Diskussioun driwwer - fir de Gemengen e flotte Package unzëbieden, wou een och béidsäiteg kann eng Kommunikatioun opbauen, well mir mierken, dass ganz vill Geschäftsleit matmaachen hei zu Diddeleng.

Et muss een awer och soen, anerersäits, och dat ass eng Realitéit, dass vill Geschäftsleit nach Angscht hunn oder zécken oder, fir et emol anescht ze soen, déi digital Vitriinn, déi dat jo bitt, déi zousätzlech nei Vitriinn, déi Lëtztshop mat sech bréngt, dat gëtt nach net richteg als Opportunitéit gesinn, well awer nach eng gewëssen Aprehensioun ass vis-à-vis vum Internet, mä dat heizen eng Méiglechkeet ass, dass engersäits d'Kafkraaft an der Gemeng bleift, d'Kafkraaft zu Lëtzebuerg bleift an natierlech de Geschäftsmann oder d'Geschäftsfrau eng nei Vitriinn kréie fir hire Produit kënnen effektiv opzebereeden an duerststellen.

Ech mengen, dat kascht vill Iwwerzeegungsarbecht, do ginn et Geschäftsleit, déi direkt op den Zuch drop sprangen, anerer, déi sech méi schwéier doen an anerer, déi bis elo nach guer net déi Opportunitéit erkannt hunn, mä dat ass e Prozess vun der ganzer Ekip ronderëm Lëtztshop fir dat och ze maachen.

Dann, par rapport zum Här Gangler, do war ech op déi Iwwerleeungen agaange vum Shared Space, respektiv vun de Parkingen, dass déi eng hallef Stonn gratis gemaach ginn, dass dat eng Diskussioun war, déi mir mat de Geschäftsleit haten, déi och op fruchtbare Buedem gestouss ass.

Dann, Är Klammer, déi Dir gemaach hutt par rapport zum Artikel vun der Fleegestatioun, dozou wëll ech soen, Natur an Ëmwelt, dat ass eng ASBL déi autonom ass an déi Kritik ass eng Kritik éischter un d'Pressenaarbecht wéi eng direkt Kritik un de

Schäfferot, sou hunn ech dat mol hei verstanen, mä ech verstinn och Är Bedenken, déi Dir do geäussert hutt.

Déi Iddi vum Dominique Lang, déi fannen ech ganz gutt an dat hate mir och wëlle, während der Ausstellung e Parcours ze maachen, sief et an der Galerie selwer, sief et ronderëm Nei Liicht, sief et an der Kierch, datt een natierlech op deenen dräi Sitten d'Wierker vum Dominique Lang ka kucke goen.

Wann d'Iwwerleeung awer déi sollt si vun engem permanente Sentier, ass et méi schwiereg well d'Gemeng zwar Biller vum Dominique Lang huet mä déi meescht an anere Muséeë sinn, respektiv a Privatbesëtz sinn, mä d'Iwwerleeung während där Period e Parcours ze maachen ass eng ganz flott Iddi fir déi Leit, déi déi Ausstellung kucke kommen, dat huele mir ganz gären op.

Dann, wat d'Ausféierunge vum Här Garcia ugeet, wat d'Industriekultur ugeet, ech muss soen, dass ech awer Är Appreciatioun hei net ëmmer deele well et muss een awer soen, et gëtt ëmmer ënnerstrach wat ewechgerappt gëtt, ech wëll awer hei nach eemol ganz ënnersträichen, dass de Projet NeiSchmelz ee vun deenen Industriekulturprojeten ass, wou am meeschte gehale gëtt vun de Gebaier.

Et kann een sech natierlech ëmmer op dat fokaliséieren, wat potentiell ewechgerappt gëtt, mä kommt mir soen éierlech mol wat hei vu Gebaier gehale gëtt, déi wierklech och zu der ADN vun dësem Quartier NeiSchmelz bäidroen, niewent dem Ökoquartier, deem huet och déi Aschätzung, dass et éischter net méi deen Ökoquartier soll gi wéi Dir hei skizzéiert hutt.

Dat deelen ech net, well ganz kloer dat d'Bestriewen awer ass fir an déi Richtung ze goen an ech mengen, et ass och déi ADN, déi de Projet vun Ufank un hat, déi wëlle mir alleguerten hei ganz gär bäibehalen, déi ass wichteg, sou wéi awer och eng ganz Rei Gebaier wäerten erhale bleiwen an ech mengen, déi Diskussiounen, déi Dir opgeworf hutt ronderëm d'Bid Book, et kann een déi opwerfen, et kann een och nach aner Punkten am Bid Book opwerfen, déi an der Diskussioun sinn, a wéi eng Richtung d'Bid Book geet respektiv wéi eng Nues aner Projekte solle kréien, déi am Bid Book sinn.



Fazit ass awer, wat wichteg ass, dass eng Rei Projeten, déi am Bid Book sinn, wat Diddeleng betrëfft, sécherlech sech op NeiSchmelz wäerten usidelen a wat am Fong am Bid Book och net zeréckbehale gouf mä wou natierlech en Investissement muss gemaach ginn, vun enger ganzer Rei aneren Acteuren, wat éischter Depensé sinn, déi am extraordinäre Beräich sinn, ass, wa mir e Gebai identifizéiere wou och Aktivitéite dra solle stattfanne kënnen, ronderëm 2022, dass an déi och muss investéiert ginn, ob dat elo en Hall Fondouq ass, ob dat elo e Stolwierk ass an enger transitoirescher Phas, oder all anert Gebai wat um Site ass, wat soll erhale bleiwen, wou mir och notze kënnen fir 2022.

Dann nach ofschléissend, op d'Biergerbedeelegung geet de Loris Spina nach an, ech wëll awer just hei betounen, dass à ce stade d' Stad Diddeleng déi Stad ass, déi d'Biergerbedeelegung ganz wäit dreift hei zu Lëtzebuerg an et mierkt een bei allen Aktivitéiten, déi mir bis dato gemaach hunn, dass d'Echo vun de Bierger ganz grouss ass a ganz vill Gemengen och amgaange sinn, wat Biergerbedeelegung ugeet, no-zezéien.

Et kann een ëmmer soen, et ass net genuch, mä et mierkt een och op där anerer Säit, dass d'Biergerbedeelegung nach net an alle Käpp vun de Bierger ukomm ass. Och dat ass e laangjäreg Prozess an do gëllt et hei Akzenter ze huele fir dat kënnen effektiv ëmzesetzen.

Da géif ech nach op d'Motioun agoen, déi Dir hei age-reecht hutt. Ech mengen, dass déi absolut vun der Ausriichtung hier an deen dote Sënn geet, et misst een se awer och villäicht ausdeele fir d'Kollege vum Gemengerot wa mir driwwer wëllen ofstëmmen her-no, dass mir einfach Kopië maachen, dass Dir se kritt. Ech hunn awer a priori no der éischter Lektür kee Problem domadder, dass een se hei einfach emol esou unhëlt.

Ech wëll awer hei nach betounen, dass niewent dëser Motioun awer op Nodrock, awer manner vum MDDI mä eigentlech op Nodrock vun de Verrieder vun der Gemeng Diddeleng am Koalitiounsaccord e Passus dra steet wou Diddeleng a Beetebuerg ganz kloer ernimmt ass, an ech zitieren, "les solutions les plus adaptées en termes de moyens de transport en direction de Munsbach et en direction de Echternach, via Junglinster, en direction du Tossebiërg ou encore entre

Dudelange et Bettembourg, seront analysées lors de l'élaboration du plan national de mobilité précité". Also, et ass hei och wichteg, dat ganz kloer am Koalitiounsvertrag mat dranzehunn, fir hardi un deem dote Projet weiderzeschaffen, an ech mengen, déi Motioun geet ganz kloer an déi dote Richtung, dass mir wierklech kucke wat fir Diddeleng wichteg ass an och zukunftsweisend ass en fonction vun der Decisioun, déi geholl gëtt an déi eng oder an déi aner Richtung, sou dass sech déi dote Motioun ganz kloer och an déi Philosophie areit.

Da kommen ech nach op aner Stellungnamen, déi vum Här Martini. Mat Ärer Remark, déi Dir gemaach hutt ronderëm d'Autobunn, dat ass e staatleche Projet, do ass jo effektiv och festgehalen ginn, dass engersäits e Schutzwall soll kommen, respektiv awer och eng ganz Rei Moosssname vun ökologescher Natur geholl ginn an do ass virun allem den MDDI, respektiv Ponts et Chaussées um Ball, dat ëmzesetze wat festgehalen gouf, och am Gesetz.

Wat de Projet vum Ausbau ronderëm den Rondpoint ugeet, mengen ech, dass dat eng Suerg ass, déi een absolut kann a soll deelen.

Voilà, ech mengen, dass ech hei op déi verschidde Punkten esou gutt wéi méiglech agaange sinn. Ech ginn elo d'Wuert weider un de Loris Spina.

Loris Spina (LSAP - Schäffen): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter, léif Kollegen aus dem Schäffen-a Gemengerot, Fair Play war jo en Thema an dësem Gemengerot an ech wëll vun dëser Platz aus jidderengem fir seng Stellungnam Merci soe well de Fairplay-Gedanke war dëst Joer wierklech un der Affiche bei jidderengem an ech mengen och, dass ee ka behaupten, dass ee kengem schwaarze Scheefchen heibannen eng giel oder rout Kaart muss gi fir seng Interventioun. An deem Sënn wëll ech lech awer villmools Merci soen.

Ech géif dann äntweren andeems ech déi verschidde Beräicher, déi mech concernéieren, uginn, ugefaange mam Sport. Effektiv, et ass keng Kompetitioun mat Déifferdeng, déi hunn och souwisou - wann ee vu Kompetitioun wëll schwätzen - an engem anere Kader matgemaach, do geet et ëm Awunnerzuelen, sou dass mir souwisou net konnten a Konkurrenz mat enger Lëtzebuerger Stad trieden, wat mir och souwisou net wëllen. Hei sinn Stied concernéiert, déi manner wéi 25.000 Awunner hunn.



Dat hei ass eng flott Unerkennung fir all déi, déi am Sport tätég sinn, fir all déi, déi wëlle ronderëm de Sport tätég sinn, an et ass virun allem en Usporn fir eis all fir et nach e bësse besser ze maachen.

Konkret Froen, déi gestallt gi sinn, eng war ronderëm d'LED-Luuchten, do ass et effektiv esou, dass mer an der Salle Grimmer an um Strutzbiërg schonn LED-Luuchten hunn, op Lenkeschlei sinn se d'office virgesinn an ähnlech wéi mir et och elo am Kulturzenter erlebt hunn, wann do Luuchten an Zukunft ersat mussen ginn, ginn dann, wann et technesch méiglech an och sënnavoll ass, déi al Luuchten duerch nei stroumspuerend LED-Luuchten ersat, sou dass mir dat souwisou hunn.

Den Här Claude huet vun enger Héichbuërg am Sport geschwat, effektiv si mir dat an dat si mir – an elo kënnt d'Thema Biergerbedeelegung och am Sport erëm - well mir eben zesumme mat deene verschiddenen Acteuren, mat de Veräiner, mat de Clibb, mat de Sportler selwer, mat de Verantwortlechen, mat de Fräizäitsportler an awer och mat den Zuschauer an engem reegelméissegem Austausch sinn, engersäits mir all heibannen awer och eise Service des Sports, dofir hu mir och säit Joren dee Status hei zu Diddeleng, an dorunner wäert sech och näischt änneren. Och dat ass eng Form vu Biergerbedeelegung, och wann déi am Budget elo villäicht net als solch erauskënnt.

Den Här Hellers ass elo net de Responsabele vun där Aktioun ronderëm de European Town of Sports, hien huet eng Rei vu Projeten, déi hie begleet, ënner anerem d'Bewegte Schule, hien ass e wichtegt Element an deem ganze Service des Sports, mä do war da wuel e klengt Mëssverständnis opkomm. Den Sven Loscheider ass déi dréiwend Hëllef bei der European Town of Sports.

D'Fro vum Här Friedrich war och elo ronderëm d'Verbanne vun den zwou Schwämme mat der Kees. Ma elo wou mir probéieren e Konzept ze fannen, wou mir d'Kees déi aner Säit bréngen, ass d'Proximitéit jo gi vun den zwou Keesen. Et muss een déi aner Säit awer nach am Detail analyséieren ob et Sënn mécht, ob et och baulech net ze komplizéiert gëtt a vum Invest hir ze deier gëtt, wann een dat wëll esou verbanne datt een duerch ee Keesenagang duerch déi zwou Schwämme ka goen. Dat muss wéi gesot nach konkret iwwerpréift ginn.

Hien huet och d'Fro gestallt, wéi et mat den zukünftigen Terrainen ass, oder mat de Sportsprojeten, F91, CAD, Tennis, do ass et esou, dass mir voll am Timing leien, do lafen déi ënnerschiddlech Projeten, et ginn eng Rei vu Pläng an Terraine ginn analyséiert. Et muss och gekuckt ginn, wéi eng Terraine mussen kaf ginn, do si schonn éischt Gespréicher fonnt ginn, sou dass mir do wéi gesot voll a ganz am Timing leie well mir dat jo ugekënnegt haten an der Schäfferotsklärung a mir dierfe jo nach e bëssen hei setzen, sou dass mir zum Schluss vun der Mandatsperiod déi dote Projekte wäerte sécherlech ëmgesat kréien.

Da switchen ech eriwwer bei d'Kultur, de Plan de développement culturel ass ugeschwat ginn. Dat leeft esou an der Praxis, dass elo eemol den Ist-Zoustand gemaach gëtt, do gëtt elo mol gekuckt wat hu mir hei zu Diddeleng vun Infrastrukturen, wat hu mir punkto Programmation am Kulturellen, wat sinn déi kulturell Acteuren niewent der Gemeng, déi hei tätég sinn. Da ginn zesumme Visionen erstallt, wéi soll d'Zukunft vun der Kulturlandschaft hei zu Diddeleng ausgesinn, wat brauch een dofir, wat gesäit de Bierger dorënner, wat wëll de Bierger zum Beispill net méi, wat Kultur ubelaangt, an do gëtt sech dann zesumme gesat fir Methodologien ze definéieren, wéi déi Saachen da kënnen an Zukunft ëmgesat ginn. Dat ass ënner anerem och eng Basis fir weider mam Bid Book zesummen d'Basis ze gi fir 2022 mat deene verschiddenen Acteuren virzebereeden.

Wat d'Kulturhauptstad ubelaangt, ass et natierlech esou, dass mir am reegelméissegem Austausch mussen si mam Fonds de Logement, dee jo um Site tätég ass. Do mussen de Chantier an d'Entwécklung vum Site koordinéiert ginn, mat deene verschidde Kulturschaffenden, ech denken och un den Atelier D, déi och um Site sinn, fir dass mir am Kader vun 2022 deem kënne gerecht ginn, dass do awer déi néideg Infrastrukturen do sinn, fir kënne genotzt ze ginn an net dass se schonn ofgerappt sinn an am Programm sinn se awer virgesinn, also dat wäert net geschéien.

Fester an Evenementer, déi zu Diddeleng geschéien, wéi ugekënnegt, och do huet de Becher seng Plaz fonnt, net zu 100%, awer och niewent dem Becher hu mir eng ganz gréng Approche, am Backstage-Bereich, respektiv am Cupping, do ass Mülltrennung, deen Tri dee fënnt do statt, do hu mir d'Hand drop, wat e bësse méi einfach ass, dobausse kritt een dat bei groussen Evenementer schlecht ëmgesat, an de



Plastik huet an deenen dote Beräicher, wou mir als Gemeng d'Soen hunn, natierlech näischt ze sichen.

Biergerbedeelegung, do war och d'Fro vun der Madame Kayser, firwat dee Budget esou héich ass.

Majo, wéi ugekënnegt musse mir eis do begleede loos- sen, intern brénge mir et net fäerdeg, eis do en een- heetlecht Konzept ze gi fir kënnen un de ganze Volet Biergerbedeelegung erunzegoen.

Engersäits musse mir léieren, wat dat heescht, dee ganze Biergerbedeelegungsprozess, awer och de Bierger selwer muss do nach e bëssen ënnerstëtzt ginn, mir sinn net prett fir do an der ganzer Funktioun genuch Verantwortung ze iwwerhuelen, dofir mécht een dat step by step.

Déi verschidden Etappen, déi mir hei zu Diddeleng virgesinn hunn, déi mir dann och mat Profession- neller wäerte maachen, dat ass e laange Wee fir déi Demokratie participative och hei zu Diddeleng nach e bësse méi ze fërderen. Do ass, wéi gesot, e Biergerrot an d'Welt ze ruffen, wou 25 bis 30 Leit zesumme kom- men, déi sech sollen zu verschidden Themaen Gedanke maachen oder sech äusseren.

An enger 2. Phase e méi grouss Panel, wou een 200-250 Diddelenger mat u Bord hätt, am beschte Fall, déi dann am Virfeld eng Rei vun Informatiounen kréien, fir sech kënnen an deen Dossier anzeschaf- fen an dann an enger 3. Phase, wann se dat bis ge- maach hunn, och Froen an engem Questionnaire zu deem Dossier gestallt kréien, dass dat och Gestalt kann unhuelen, an dann, wa mir déi Saachen ëmge- sat hunn, eis och nach un eng elektronesch Platt- form eruntrauen, wou och de Bierger natierlech ka seng Meenung vertrieeden a mëttelfristeg soll et zu engem Budget participativ kommen, wou et och ver- schidde Méiglechkeete ginn, wou een dann och muss kucken, wéi een dat dann hei zu Diddeleng kéint ëm- setzen.

Ganz kloer hu mir scho Biergerbedeelegung, mir hunn et ronderëm NeiSchmelz erlieft, ronderëm d'PAGen awer och ronderëm d'Mobilitéit an Zukunft, och do wäerte mir dat hunn, wéi et de Moien och schonn e puermol hei ugeklongen ass, och do brauche mir professionell Begleedung an dofir sinn déi Budgeten esou virgesinn.

Här Garcia, de Biergerforum esou wéi mir e bis elo haten, wollte mir en net weiderféieren, dat war éischter sou zu enger grousser Poubelle mutéiert wou d'Leit sech auskatze komm sinn, dat ass net de Sënn vun engem Biergerforum, do sollen am Fong einfach positiv Incentiffer gesat ginn, wéi ee ka Verschiddenes verbessern, dofir si mir elo op de Wee gaange fir méi spezifesch a konkret Themaen mat verschidde Leit unzeschwätzen.

Déi verschidde Quartierscomitéen, déi sinn do e flot- ten Uspriechpartner, ech mengen, dass mir och op deem Wee sollte weider goen, respektiv hate mir jo och an der Schäfferotserklärung ugekënnegt, dass mir Biergerforen - an do ass och eng Iddi vum Här Martini, déi an der Schäfferotserklärung erëmze- fannen ass - e Biergerforum fir Senioren zum Beispill, oder mam Thema Inclusioun oder Jugend, wou een sech kann an engem Biergerforum zu verschidden Themaen äusseren, dat hu mir do ugekënnegt an dat wäerte mir och natierlech ëmsetzen.

Net ze vergiessen, an dat ass e bëssen dat Zuelespill, dat den Här Garcia ugedeit huet, fir mech ass et e bësse wackeleg, Biergerbedeelegung kënnt net nëm- men an den eenzele Projeten a Libelléen am Budgets- dokument eraus, mä niewent deem wat ech elo scho gesot hunn, ass et jo och am Alldag, mir kréie ganz vill Mailen, mir kréien Telefonater, mir kréie Bréiwer, mir hu Gespréicher mam Bierger, mat den Associa- tiounen, mat de Veräiner an och soss si mir vill ënnert de Leit esou dass een e stännegen Austausch huet.

Et kann een och e Rendezvous bei eis ufroen, also d'Biergerbedeelegung gëtt ganz grouss geschriwwen hei zu Diddeleng. Dir hutt virdu flott Beispiller zitéiert, zitéiert mir eng Gemeng zu Lëtzebuerg wou méi Biergerbedeelegung gemaach gëtt wéi zu Diddeleng.

Voilà, dat ware méi oder wéineger d'Äntwerten op är Froen, d'Madame Bodry Kohn huet et ganz flott an éierlech resüméiert, dass dat heiten e Budgets- dokument ass, wou Diddeleng brauch fir 2019 an déi Joren duerno.

Et ass ganz flott hei ze liewen, et ass flott heihinner op Besuch ze kommen, jidderee fënnt sech erëm a méi wéi eng Saach wou een sech kann drun erfreen.



Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Loris Spina, da kënnt de René Manderscheid drun.

René Manderscheid (LSAP – Schäffen): Merci, ech ka mech kuerzfaassen, ech ginn dovunner aus, wann ech déi Froe gesinn, déi ech hei gestallt kritt hunn, zu menge Ressorten, da stellen ech mol fest dass d'Majoritéit wéi och d'Opposition mat den Ressorte fir déi ech responsabel sinn, zefridde sinn, et bleiwen e puer Froen iwwereg an ech gi kuerz drop an.

D'Madame Kayser huet gefrot wéi et mat dem Audit Beruf und Familie steet. Mir hun opgehal mam Audit Beruf und Familie 2014, éischters well mir relativ vill a gutt an der Gemeng geschafft hunn, mir hunn awer als Gemeng doropshin d'Charte de la diversité an d'Europäesch Charte ënnerschríwwen, op deene Grondlagen hu mir d'Aarbecht du weidergefuert.

Den Här Jadin huet geschwat vun ëffentleche Fester, Offallvermeidung, effektiv ass do nach ganz vill Loft no uewen, an ech wäert d'nächst Joer eppes hei presentéieren, wou mir am Kader vum Syndikat Minett Kompost hunn. Do hu mir ofbaubar biologesch Produiten, Telleren, Tassen an esou weider, esou dass mir dat dann zum Asaz komme loossen. Am Reglement wollt ech et mol am Ufank net virgesinn, ech wollt dat mol am Gudde probéieren, wann dat awer näischt sollt ginn, da musse mir deem anere Wee aschloen.

Dir hutt och eng Fro gestallt iwwer CAE, dass dat zeréckgaangen ass, dat huet näischt domadder ze dinn, dass d'Unzuel vun de jonke Chômeuren erofgaangen ass, mä dass am Ufank mir et gutt gemengt hunn hei an der Gemeng. Mir haten 2017, wéi Dir gesot hutt, 19 Leit op dee Wee geholl mä déi Leit mussen encadréiert ginn, an eis Servicer haten net ëmmer déi néideg Zäit fir dat ze maachen.

Ech huelen als Beispill, wann een 2 CAEen an den Usträicherbetrib stellt, e Betrib, dee ganz kleng ass, deem huet net déi néideg Zäit nieft senger Aarbecht och nach CAEen ze bedreiwen, esou dass mir dofir gesot hunn, dass d'Qualitéit méi wichteg ass wéi d'Quantitéit, dofir ass déi Zuel esouvill erofgaangen.

Den Här Gangler huet gefrot nom Fairtrade-Label, dee kritt een all Joer verlängert oder eben net, an Diddeleng huet déi Chance, dass mir en awer ëmmer verlängert kréien. Mir hunn och an deem Kader

eis Produite d'lescht Joer bei de Receptiounen an op de Sëtzungen erweidert, a mir haten och d'lescht Joer eng Filmvirféierung am Ciné Starlight an deem Kader gemaach a mir hunn d'Restauranten an d'Caféen ugeschriwwen gehat, dass se sollen op déi Produiten zeréckgräifen.

Do war d'Resonanz awer ganz éierlech gesot moer, fir net ze soen se war schlecht, deem Eenzege, deem dat gemaach huet, war den Hotel Cottage, deem huet déi Offer ugeholl an huet och am Kader vun deem eng ganz Woch laang de Menu du jour mat Fairtrade-Produkten organiséiert.

Den Här Garcia huet nach e puer Froe gestallt zum Anti-Gaspi, dat Wuert Strategie ass mir e bëssen ze héichtrabend, mä wéi gesot, mir hunn do e Plang, mä et ass awer esou, dass een do an enger éischter Phas emol op Informatioun a Sensibilisatioun ka bauen a virun allem fänke mir u bei de Kanner an de Maison Relais, dat hu mir scho gemaach a wäerten dat an deem Kader och weiderféieren.

Wat een awer natierlech ka maachen, dat ass d'Restauranten an d'Caféen an deem Kader uschreiwen, fir dass och si munches iwwerdenken an iwwerschaffen, mä wéi gesot, d'Resonanz ass ëmmer relativ moer, mir probéieren et awer trotzdeem.

Klimaconcours fir d'Veräiner, dat war jo eng Organisatioun vum Klimabündnis, et ass esou, dass do all eis Veräiner ugeschriwwen gi sinn an do hunn der zwee matgemaach, mä vun deenen 2 war een esou gutt dass en den 2. Präis gewonnen huet, dat waren d'Peaux Rouges.Certificatioun, mir kréien deem all Joer jo verlängert, mir mussen ëmmer en Aarbechtsbericht schécken an da kréie mir doropshin de Certificat, mir hunn deem och 2018 kritt, mir sinn all Joer dobäi.

An dann déi lescht Fro vum Claude Martini, Bampaten, effektiv wann e Baumpate plënnert, ass et un deem selwer, an d'Gréngt Haus ze goen dem Service écologique ze soen, dass e plënnert an dann ass et de Marco Thorn, deem sech dorëm bekëmmert. Ech sinn awer mat d'Accord, dass d'Leit, wann se plënneren net ëmmer dorunner denken, an dass ee kann do eppes plangen, dass een an de Bréif vun de Bampate dra schreiwe kann, dass d'Leit wann se plënneren, eis dat solle matdeelen, fir dass mir déi néideg Mesuren treffen.



Dann de Senior Plus, do muss ech ganz éierlech soen, dat ass e Service, deen net oft gefrot gëtt, 2018 nëmmen zéng mol. Do hutt Dir villäicht festgestallt, dass mir am Hierscht bis elo am Bliedchen 3-4 mol eng Annonce gemaach hu fir dat nees ze annoncieren. Wann een hei an d'Gemeng eraplënnert, läit op der Gemeng am Büro en Dépliant vu Senior Plus an natierlech och am Club Senior läit een, d'Leit mussen just drop zeréckgräifen, mir wäerten awer weider Reklamme dofir maachen, mä wéi gesot d'Leit mussen selwer zouschloen. Voilà, Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem René Manderscheid an da ginn ech d'Wuert weider un d'Josiane Di Bartolomeo Ries.

Josiane Di Bartolomeo Ries (LSAP): Merci, ech krut just eng Fro gestallt am Gemengerot, zwee-dräi Wieder zu anere Saachen, mä d'Fro war wisou hu mir fir d'Bildungshaus nëmmen 2.000.000 Euro Recetten agedroen? Et ass esou, dass mir réischt schrëftlech vun der Famill e Bréif krute wat hir Participatioun ass, wat jo dann normalerweis 10.000 Euro pro Stull ass bei 180 Kanner Produktiounskichen an eng Augmentatioun vun 2.500 Euro wa mir spezifesch Equipementer kafen.

Vum Ministère de l'Intérieur hu mir keng schrëftlech Äntwert, am Januar ass awer eng Reunioun virgesi wou mir eis mat deenen zesummesetzen, dofir déi virsiichteg Aschätzung vun den Recetten.

Soss hunn ech näischt, mengen ech. Nach zwou Saachen zum Personal, d'Madame Kayser seet zwar ëmmer mär hätten ze vill Personal, ech muss awer soen, bei der Maison Relais a bei der Crèche, ze vill Personal kann een do net méi soe well duerch deen neie Schlëssel vun de Kritäre muss ech soen, all eis Aide-éducateurs si mëttlerweil - obwuel se e Secondairesofschloss hunn - non-qualifiés.

Dat heescht, mir hu Schwierigkeeten fir qualifizéiert Personal ze fannen, well déi jo nëmmen tëschent 10 an 20 Stonnen schaffen dierfen, an e Qualifié kënnt net op e Poste vun 10 oder 20 Stonnen, esou dass mir do de Moment nach struewelen an eis am Januar probéieren zesummesetzen.

Op Ribeschpant ass den Ausbau extrem wichteg, effektiv ass do d'Schoul relativ zou, mir leien do an deem héchsten Taux vun de Klassebesetzungen, do wëll ech soen, dat ass net nëmmen eng Entlaaschtung

vun der Schoul, den Ausbau vum Mëttesdësch, mä si sinn och amgaangen, si haten dat scho gemaach éier mir gesot hu mir maachen en Ausbau, dat war e Kreativraum, dat ass d'Schoul zesumme mat der Maison Relais, do leie Pläng vir, do läit alles fir, dat heescht, och do ass eng Zesummenaarbecht, déi ganz flott ass an déi zesumme läit.

D'Crèche an Italien, jo Bëschrèche sécher awer net am Sënn wéi mir eis dat all virstellen, ech hunn do e bësse ronderëm gekuckt. Zu Péiteng, do läit d'Gebai net onbedéngt am Bësch mä si hunn Aktivitéiten am Bësch, dat kënne mir hei sécherlech maachen an ech wëll do och soen, dass et och do e Groupe de travail gëtt an do hu mir direkt d'Carole Rotens aus der Crèche Minettsdepp mat an de Groupe de travail geholl fir do déi beschtméiglechste Qualitéit ze kréien, also och dat leeft. Minettsdepp, Nuddelsfabrik, den Agreement krute mir virun zwee Deeg schrëftlech, och deen ass elo an der Réi.

Dann hunn ech am Fong just eng Remark, den Här Martini huet gesot, Vakanzaktivitéiten erëm wéi fréier, also menges Wëssens ass kee refuséiert ginn, dee wollt an d'Vakanzaktivitéit kommen. Also hie sot, dass nach méi Kanner dovunner kënne profitéieren, ech hunn dat villäicht falsch verstanen.

Claude Martini (CSV): Ech hu gesot, fréier war eng Waldschoul do, mä elo géife méi Leit dovunner profitéieren, well mir méi Kanner hunn, déi elo géifen dohinner goen. Et gi méi Kanner dohinner wéi virun 20 Joer. Dofir kann een net soen, mir maachen dat selwecht wéi virun 20 Joer, dass mir just d'Waldschoul ubidden, dat géif haut net méi goen, mä ech fannen dat kéint een zousätzlech nach dobäisetzen, eng richteg Aktivitéit nees am Bësch, esou wéi et fréier war, wat am Fong eng Vakanz ass fir déi Kanner, déi net fortueren, dass déi net mussen weiderhin an eng Maison Relais goen, wat e bëssen deprimant ass.

Josiane Di Bartolomeo Ries (LSAP): Ech kann awer do äntweren, et ass net esou, déi vun der Maison Relais, déi kënne och an d'Waldschoul goen, bis elo war dat ëmmer e bëssen esou Vakanzaktivitéiten an der Waldschoul, an dann hat d'Maison Relais hir Aktivitéiten iwwerall. Mëttlerweil ass et esou, dass et véier verschidde Sitte ginn, mat véier verschiddeenen Aktivitéiten, wou grad déi Kanner, déi an der Maison Relais setzen, kënne dovunner profitéieren.



Dat heescht, d'Eltere soen, Voilà, mäi Kand ass elo zwou Wochen an der Waldschoul. Si konnten dohinner, mir hunn et just net gemaach well mir Problemer haten, mä si waren dofir awer um Scoutsbiërg dat heescht d'Kanner hunn elo de Choix, a wéi een Denge se wëlle goen. Mir bidde véier Atelierer un, net jidderree wëll an eng Naturklass oder Waldschoul, ech mengen, dass dat heiten eng gutt Saach ass a grad déi Kanner, wou et néideg hunn, well se net an d'Vakanz ginn, déi kënnen heivunner profitéieren an och all déi, déi soss net an der Maison Relais sinn. Voilà, méi hätt ech net ze soen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries, da kritt d'Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Merci, ech fänken do un, wou de Loris Spina opgehalen huet. De Loris Spina sot, dass dacks gesicht gëtt fir ze kucke wéi een e gudden a komplette Budget dann awer net kéint stëmmen, dat gehéiert leider e bëssen zum politesche Spill, trotzdeem fannen ech et nach ëmmer net gutt well ënnert enger konstruktiver Oppositionspolitik stellen ech perséinlech mir eppes anescht fir.

Ech probéiere beim éischte Riedner unzufänken. Madame Kayser, Dir zielt eis hei all Joer vun Dialog, Transparenz a Matsproocherecht, Dir liest wahrscheinlech genau esouvill Zeitung wéi ech, an da gesitt Dir wéi et an anere Gemengeréit hiergeet, wou Är Partei d'Majoritéit huet an Dir kënnt d'Kollege vun der Press sécher och froen, do geet et net ëmmer esou Fairplay eriwuer wéi dat hei de Fall ass - fir dat Wuert ze gebrauche wat mäi Kolleg Loris Spina och gebraucht huet - do gesitt Dir wéi mat der Opposition vun Ärer Partei ëmgaange gëtt an ech mengen, dat ass eppes wat hei ni de Fall war a wou mir wahrscheinlech och ni wäerte maachen.

“Wat eis steiert“, deen d'CSV esou gär gebraucht, do ass meng Fraktiounskollegin Madame Bodry Kohn drop agaangen, soss hätt ech dorop missen agoen.

Villäicht just ee Wuert dozou, och wann et am Trend läit, dass een op komplizéiert Froen einfach Äntwerte gëtt, wäert dës Majoritéit sécherlech net mat op deen Zuch sprangen a mir wäerte konkret fir Diddeleng schaffen. Et ass vun de Vëlosweeër och kuerz vun der Madame Kayser geschwat ginn, do ass iwwer d'Etüd, de Romain Molitor ass amgaangen, ze-

summe mat der Circulatioun ze kucken, ech hat dat och bei menger éischer Interventioun gesot an d'Madame Goergen ass och drop agaangen.

Dir wësst, dass virun enger Partie Joren eng Etüd och gemaach ginn ass, och vum Romain Molitor, an déi Etüd, déi muss opgefrescht ginn, déi ass och deemools virun allem op Äis geluecht ginn, wéi de Shared Space geplangt gouf, well een déi Zäit nach net wousst, wéi dat géif ausgesinn. Do wësse mir elo méi, esou dass mir kënnen weiderfueren, an där Etüd virgesinn, schonn ze kucke fir 2019 eenzel Vëlosweeër scho kënnen ze beschëlderen.

Mir probéieren, do séier weiderzekommen, nach musse mir mat der Etüd kucken, wou dat méiglech ass, an et soll herno esou eng Aart wéi de Foussgängerleitsystem ginn. E Vëloswee ass ëmmer bëssen e Leitsystem wou s de de Leit sees, wéi ee vun A op B, am séiersten a séchersten kënnt.

D'Zebrastreife goufen och ugeschnidden, et ass e Verglach gemaach gi mam Projet vun Nidderanven, ech kenne weder den Devis vun Nidderanven, nach weess ech wat si alles wëllen zu Nidderanven, mat hiren Zebrastreifen, ech weess och net ob si sech wëllen un all déi Virgaben halen déi d'staatlech Circulationskommissioun recommandéiert, ech weess och net ob si all hir Zebrastreife wëllen handicapéiertegerecht maachen, dat sinn Inconnuen fir mech, esou dass ech do net ka matschwätzen. Et kann een net Äppel mat Bire vergläichen, wann ee weder deen ee Projet, nach deen anere Projet kennt, ech weess och net -, Nidderanven ass eng räich Gemeng - net ob si villäicht an der Tëschenzäit bei eenzelnen Neibaugebidder nogerëscht haten, dat weess ech alles net, sou dass ech näischt dozou ka soe firwat et bei hinnen esouvill méi bëlle gëtt mä wéi gesot, et soll een Äppel net mat Bire vergläichen.

Den Här Glesener ass am Detail d'lescht Woch schonn op dee sécher wichtege Projet agaangen, wou et ëm d'Sécherheet vun eise Bierger, an domadder eis Alleguerter geet. Dofir wier och alles gesot.

Den Här Jadin, mam Citybus gratis, dat hate mir souwisou schonn am Walprogramm stoen, wann elo och de Rescht gratis gëtt, dann ass dat tant mieux.

Op d'Vëlosweeër sinn ech agaangen, de Verkéiersplang hutt Dir gesot, bon eise gréisste Problem dat ass den



Duerchgangsverkéier, do brauche mir net ganz vill driwwer ze schwätzen, wann et natierlech ëmmer méi séier duerch Diddeleng geet wéi et iwwer d'Autobunn geet, da wësst Dir firwat hei den Duerchgangsverkéier ass, dat ass net e Problem vun Diddeleng eleng, dofir gouf et jo déi Etüd vu Ponts et Chaussées zesumme mat de betraffene Gemengen - och Diddeleng a Beetebuerg - déi ëffentlech virgestallt ginn ass, déi misst och Online sinn. Ech mengen, dat war an der leschter Legislaturperiod och esou, dass Dir dat net ausgedeelt krut, si gouf awer och ëffentlech virgestallt a misst Online sinn. A wéi gesot dat ass eise gréisste Problem, wa mir deen am Grëff hätten, da wier eis vill gehollef. Dir hutt nach Blumme gestreet, dofir huet keen lech Merci gesot, da maachen ech dat.

Madame Goergen, fir d'Verkéiserskommissioun ass am Moment d'éischt Prioritéit, de Parking residentiell, de Romain Molitor ass do amgaangen ze analyséiere wat mir an der leschter Kommissioun haten, do ginn ech herno nach eemol drop an, well den Här Gangler dat och zur Sproch bruecht huet.

Shared Space, Dir sot et selwer, dat ass en Dauerbrenner, dee gouf hei virgestallt an dat war viru menger Zäit an der Verkéiserskommissioun, ausser dass mir elo déi zwou Phasen ëmgedrënt hunn, gouf et keen neie Moment, dofir weess ech net firwat Dir bedauert, datt net nach eemol do diskutéiert ginn ass.

D'Vëlosweeër, do sinn ech drop agaangen.

Zum Parking residentiell nach eemol, an der leschter Verkéiserskommissioun do koum och vun Här Gangler e Virschlag, wéi hie sech géif virstellen, wéi et hei kéint ausgesinn, dee si mer amgaangen ze préiwen, niewent dem Virschlag wou mir gemaach hunn, dofir verstinn ech net, dass seng Fraktiounskollegin seet, hir Iddie géife weder eescht geholl ginn, nach gepréift. Den Här Molitor ass amgaangen, dat ze kucken, ech mengen ech brauch lech hei keng Geschicht méi ze ziele vum Service wéi gutt oder wéi schlecht dee besat war, mir hoffen, spéitstens am Februar, Ufank Mäerz, dass en déi zwou Saache kann op den Dësch leeën, fir eng Kéier dat ze erkläre wat de Pro an de Contra wier vum deem System, dee mir presentéiert haten an de Pro an de Contra vun deem System, deen den Här Gangler nach an d'Spill bruecht huet.

Wuel bemierkt wëll ech soen, dass de Virschlag esou schonn an enger anerer Gemeng funktionéiert, wou

CSV an der Oppositioun ass an do hunn se genau géint dee Projet gewiedert, villäicht eemol kucke wat se do dogéint gesot hunn, da wësse mir dat fir déi nächst Kommissioun.

Vël'OK fir d'Madame Goergen. Am Oktober huet de CIGL Kontakt opgehol mat anere Fournisseure fir Vëloen, fir ze kucke wat et haut esou um Marché gëtt, wéi gesot wann ech do méi weess, da soen ech Bescheid mä am Moment sinn se amgaangen, ze kucke well d'Welt huet weider gedréint an do ginn et sécher Modeller, déi besser sinn, wéi déi déi mir zanter enger Partie Joren hunn.

Jo, Zuele ginn et, déi Zuelen kréie mir all Mount matgedeelt, an den Zuele gesitt Dir d'Abonnéiert pro Gemeng, esouguer wem mir an deem Mount hätte missen eng Kaart ofhuelen. Déi lescht Chiffere sinn déi vum Mount November, Dir gesitt och den Emprunt vun der Statioun, den Emprunt par journée, do gëtt alles festgeluecht, och d'Abonnéiert all Mount, déi ginn all Mount erop, dëst Joer, den eenzege Mount wou se net eropgaange sinn, war wou kee bäikomm ass, dat war d'lescht Joer de Mount Januar, dat ass wahrscheinlech och mam schlechte Wieder ze erkläre. De Maximum dëst Joer war am Mount Juni, 13 nei Abonnierter an am November nach eemol 9 neier dobäi.

Dee Chiffer am Budget ass ëmmer de Report, mir hunn eemol eng ganz Zomm gestëmmt an dat ass ëmmer de Report, mir hunn elo konkret keng Statioun fir d'nächst Joer geplangt déi soll bäikommen, et ass eng vun den Zone-industriellen un den CIGL un eis an och un de Staat erugetruede fir eng bei hinnen ze maachen, an déi géif de Staat bezuelen, esou dass mir nach e bësse Puffer hätten, wa sech géif eng Statioun muer opdrängen, wéi zum Beispill op NeiSchmelz. Wéi gesot, do muss een awer elo kucken ob et elo schonn néideg ass oder ob mir do nach solle bësse waarden respektiv och an engem anere Quartier.

Flécken, jo dee Programm gëtt et och, do kréie mir och all Mount déi Zuelen eran, den Top ass d'Batterie, déi ass wahrscheinlech ganz dacks eidel.

An dann ass gefrot ginn, wéi vill Leit beim CIGL schaffen, vum éischte Januar bis haut, net grad dann Enn Dezember, do haten se 4 Beneficiairen, also 4 déi vu Mesure profitéiert hunn, dovunner hunn der 3 schonn dëst Joer eng Aarbecht fonnt an 3 an en hallwen am Kader gehat fir de Projet.



Gratis parken, do ass de Buergermeeschter drop agaangen, PRO-SUD Vëlosetüden, net méi spéit wéi dës Moie koum den Newsletter vum PRO-SUD, do ass dann och de Link drop, esou dass se dat alles op hir Internetsäit gesat hunn. De Romain Molitor ass och do mat am Boot, esou dass dat wat mir hei zu Diddeleng maachen an dat wat de PRO-SUD mécht, dass dat och soll e Ganzt ginn, net dass mir dann an eisem klengen Eck plangen an de PRO-SUD am aneren Eck plangt.

Den Här Garcia huet et selwer gesot, same procedure as every year, ech sot et och schonn d'lescht Joer, ganz dacks ginn hei vill Froe gestallt, Dir kritt dann och d'Äntwerten, villäicht gefalen se lech net, mä meeschtens gëtt de Budget dann awer net matgestëmmt.

Dir sidd och op d'Verkéiserskommissioun agaangen, meng Philosophie vun der Verkéiserskommissioun ass net déi, dass een déi soll zesummeruffe wann eng Bushaltestell muss ëm 50 Meter verréckelt ginn oder e Schëld muss verréckelt ginn. D'Verkéiserskommissioun soll do matschwätze bei de grousser Projekte wéi zum Beispill dann eben de Parking residentuell.

Tourismus, Dir wësst dass mir de Syndicat d'initiative moderniséiert hunn, mir hunn deen nei opgestallt, mir hunn deem e Lokal ginn, mir hunn deem neit Personal ginn, déi schécken och alles wat Dir gären hätt, déi schécken dat och op Mailand, Sevilla oder Athen, an och op Salzburg mä mir hunn eng Kéier de Choix gemaach virun e puer Joer, dass mir géifen am Verbond schaffe mat den anere Südgemengen, well dat och besser ass fir déi ganz Regioun ze vermaarten, an an der Hoffnung, dass den Tourist net nëmmen beim Duerchfuere, wann en an Holland op de Camping fiert, en Dag hei Halt mécht, mä villäicht och seng ganz Vakanz hei zu Lëtzebuerg, am beschten hei am Süde mécht, an op deenen hirer Internetsäit fënnt een dat och alles erëm.

Transport gratis, kuerz war ech drop agaangen, wéi dat herno ausgesäit mam Budget, sou wäit si mir nach net, dat steet elo mol fest, dass et soll gratis ginn an déi Detailer, déi gi mir dann eréischt méi spéit gewuer. Zählunge mécht den TICE selwer, si ziele wien eran- a wien erausklëmmt.

De Flexibus, dat ass mengen ech falsch verstane ginn, ech sot net mir hätten duebel esouvill Leit gehat wéi mir gemengt hunn, mee vum Mount wou

mir ugefangen hunn, den 3. oder den 5. Mäerz, bis Enn November do huet d'Zuel sech verduebelt gehat, vun deene wou matgefuer sinn. Wann elo zum Beispill 300 Leit am Ufank matgefuer sinn, da wieren der elo 600 dës Mount matgefuer. Nach eemol de Verglach, eis ass et hei wichteg, dass de Flexibus fir déi Leit zur Verfügung gesat gëtt, déi net méi mobil sinn, mir wëllen eis jo och keng Konkurrenz zu eisem efficace Citybus maachen, de Citybus, an och den normale Linnebus, respektiv och elo den 305, dat soll dee Bus sinn, deen d'Leit huelen, déi nach mobil sinn an de Flexibus dat soll d'Ausnahm sinn, fir eeler Leit, déi musse vun Dier zu Dier gefouert ginn an dat ass och gutt ukomm a wéi gesot wann ech soen et huet sech verduebelt, ass et eppes wat d'Leit schätzen an apprécieieren.

Ech mengen, da wier ech op alles agaangen. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, elo den Här Gangler.

Jean-Paul Gangler (CSV): Entschëllegt, dierf ech eppes nofroen? D'Madame Dall'Agnol seet eis, déi Zuele vum Vëlo hu mir, déi ginn et, déi vun de Reparaturen hu mir, déi ginn et, mä domadder hunn ech se net, wéi kann ech mech elo ustelle fir déi Zuele vum CIGL ze kréien?

2016, wou mir hei eng gréisser Diskussioun haten, do hat ech geschriwwen un de CIGL, si solle mir se schécken, dat hunn si net gemaach, wéi kann ech menger Informatiounsflucht hei am Gemengerot nokomme wann ech just esou Fragmenter an d'Loft gehäit kréien, "Jo, déi Zuelen hu mir" domadder ass mir net gehollef. Ech wëll konkret Zuele fir se kënnen ze vergläichen. Wier dat eventuell méiglech?

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Mir kréien déi Zuelen all Mount, e bësse Vertraue musst Dir mir och schenken, an deenen Zuele sinn net nëmmen d'Gemeng Diddeleng dran, do sinn och all déi aner Gemengen dran, ech ka mam CIGL Récksprooch huele mä da misst ech och all déi aner Gemenge froen dat ech dat derf verdeelen, well mä ech gi keng Chifferen einfach emol esou eraus.

Déi Zuelen, wou just nëmmen Diddeleng betrëfft, déi kann ech lech soen, dat ass kee Problem, Dir hutt d'Chiffere pro Statioun esouguer.



Jean-Paul Gangler (CSV): Voilà, an Dir hutt dach bestëmmt och déi Chiffere vun den Reparature fir Diddeleng.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Do sinn allegueren d'Gemenge bei mir mat drop, ech kann awer froen ob se se kënnen erausfilteren an eis kënnen en extra Diagramm ginn. Ech ginn näischt eraus wou aner Gemengen drop sinn.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dat ass d'Äntwert, mir kënnen de Gemengerot mat deene Saache befaassen, déi Diddeleng concernéieren awer wat aner Gemengen ugeet, musse mir Virsiicht walte loossen.

Da si mir zum Schluss ukomm. Den Här Garcia hat hei nach eng Motioun hannerluecht déi en och presentéiert hat, ech wëll awer hei och dem Gemengerot d'Méiglechkeet ginn, esou wéi dat Usus ass, fir Stellungnam ze huelen. Madame Kayser.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci, Oppositionsaarbecht ass net frustrant mä spannend an nobel an hei huet den Här Garcia gewisen, wat Oppositionsaarbecht ass. D'Roll vun der Opposition ass och emol nozefuerschen an net beduechte Problemer villäicht emol op de Punkt ze bréngen, a mir fannen dat ganz flott.

Déi Motioun, déi hei ausgeschafft ginn ass, et gouf gesot, dass de Schäfferot permanent mat de Servicer Ponts et Chaussées wier an dat net muss no bausse kommunizéieren, ech hoffen awer dass de Schäfferot net nëmmen hannert zouenen Diere mat dësen Instanze geschafft huet, mä och schonn an de leschte Méint mat anere Partner, déi Proposen hate wéi eng Méiglechkeeten een huet, sief dat mat enger Firma Luxtram oder aneren.

Et wier och interessant ze wëssen ob dat schonn de Fall war an och schonn e klengen Aperçu ze ginn, wéi eng Possibilitäten aner Firmaen eis scho proposéieren. Sollt dat awer net de Fall gewiescht sinn, ass dat mat der Motioun e gudde Moyen fir dem Schäfferot den Optrag ze ginn, proaktiv ze siche fir eise Problem, wéi komme mir vun Diddeleng op Beetebuerg, respektiv an d'Stad, mat allen Acteuren, déi et gëtt, emol ze consultéiere wéi eng Léisung mir fannen.

Diddeleng ass e Blinddarm op der Landkaart, mir setzen hei ënnen um Wupp an et gëtt keng 100 Méiglechkeete fir aus dësem Dall erauszekommen, mir hunn den Tracé a mir mussen esou séier wéi méiglech eng Méiglechkeet fanne fir hei erauszekommen, ob mam Zuch oder Train-Tram, mat Barrière oder ouni a mir erwaarden eis hei en toute connaissance de cause eng flott Diskussioun hei am Gemengerot awer och mat eise Bierger.

D'CSV begréisst déi Motioun a mer supportéieren se och. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, weider Stellungnamen? Martine Bodry Kohn.

Martine Bodry Kohn (LSAP): Ech huele kuerz eng Stellungnam vu Säite vun der LSAP. Den Här Garcia schreift hei a senger Motioun, mir wiere mam Ministère zu enger ënnerschiddlecher Interpretatioun deemools komm, doriwwer firwat deemools de Kontakt zustanekomm war, den Informationsversammlung mat de Bierger a Biergerinnen.

Elo ass dee Stress eriwwer, déi nei Regierung steet. Ech mengen dat dierf och kee Problem sinn, dass dat weider geet, dat war och éier termingerecht Problemer, déi deemools dozou gefouert hunn, mir hätte gären déi Informationsversammlung gehat an dat war eben net méiglech, dat wäert dann elo kee Problem sinn.

Fir de Rescht kann ech hei nëmme soen, dass ech et léif fanne wéi déi Gréng hei am Fong d'Aarbecht vum Schäfferot resüméiert hunn, well et steet näischt anescht do wéi dat wat de Moment elo schonn gemaach gët, dofir ginn hei mat där Motioun oppen Dieren agerant an dofir hu mir och kee Problem fir déi matzestëmmen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, ech wollt eng kuerz Reaktioun ginn op d'Ausféierunge vun der Madame Kayser. Als Schäfferot hu mir an deem ganze Prozess de Gemengerot stets informéiert, en toute transparence, iwwer déi Schwierigkeeten, déi mir hu fir de Prozess unzewinnen. Dir kënnt also hei net de Message ginn, wéi wa mir hanner zouenen Dieren dat dote gemaach hätten. All Kéier wann eng Situatioun sech erginn huet, si mir heihinner komm a mir hunn lech informéiert, dass mir mat Nodrock nogefueuscht



hunn, dass mir mat verschidde Situatiounen net ze-
fridde waren, dofir hat de Gemengerot hei déi néideg
Informatiounen.

Dann eng kleng Remark par rapport zu der
Motioun, do soll een esou stëmmen, mä just deen Ap-
pell fir et an engem raisonnablen Delai ze maachen,
dass deen Appell deen Dir maacht éischter un
den MDDI geriicht ass wéi un de Schäfferot. Um
Schäfferot huet et net gehaangen, dat an engem
raisonnablen Delai wëllen ëmzesetzen, et waren
aner Instanzen, déi do op d'Brems gedréckt hu
fir dat an engem raisonnablen Delai, deen och an
d'Vitrinn gestallt gouf, ëmzesetzen.

Dëst gesot, mengen ech, dass mir awer dës
Motioun stëmmen kënnen an de Prozess 2019 da
kënnen hoffentlech duerchféieren. Madame Kayser.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Ech hat eng kleng
Zousazfro, ech hat d'Fro gestallt ob Dir och mat
aneren Instanzen ausser MDDI an CFL Kontakt
opgehooll hutt? Dat wier interessant ze wëssen ob
Dir do scho Leit komme gelooss hutt fir sech dat
unzekucken. Oder a wéi eng Richtung dat geet, ob
Dir do eppes hutt?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Zwou
Saachen, éischters mierkt ee selwer schonn als
Gemeng, an dat och dem MDDI zoukomme gelooss
hunn, mir selwer schonn e Gutachte vum Romain
Molitor maache gelooss hunn, wat den Tram ugeet,
déi Expertise hu mir eis mol agehooll fir generell ze
iwwerpräiwen, dat ass eng Remark déi ech wëll
maachen zu der Motioun well jo och drop higewise
gëtt, mä par rapport zu Luxtram, do wëll ech soen,
dass mir an der Sëtzung, déi mir am MDDI haten,
déi Verrieder déi do waren, vum MDDI, vun der
CFL, gepuscht hunn, dass se mat Luxtram Kontakt
ophuele fir dat emol ze iwwerpräiwen, well si och do
ob d'Brems gedréckt hunn, dat ass eng Luxtram,
dat ass MDDI, oder Stad Lëtzebuerg, mir hunn op
alle Fall iwwer d'CFL mat hinne Kontakt opgehooll fir
ze iwwerpräiwen. Déi Informatiounen hu mir nach
net kritt well duerno ware keng Sëtzunge méi, déi
Entrevue, wéi se sollt stattfannen dat ass alles
flach gefall wéinst der éischter Entrevue am Okto-
ber, dofir kucke mer dass mir dat 2019 maachen.
Här Garcia, jo?

Robert Garcia (Déi Gréng): Ass déi Stellungnam vum
Här Molitor disponibel fir eis am Gemengerot? Dat
géif mech interesséieren.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dat
sinn déi Gutachten, déi mir virun der leschter
Legislaturperiod haten, déi mir och schonn dis-
kutéiert hunn, mir kënnen déi gären zoukomme loossen.

Domat si mir zum Schluss ukomm, da stëmmen mir
iwwer de Budget rectificié 2018 of, iwwer de Budget
initial 2019 an dann iwwer d'Motioun.

Den éischte Vott, wien ass mam Budget rectificié
2018 averstanen?

LSAP

Wien enthält sech?

Déi Gréng, den onofhängege Verrieder an Déi Lénk

Wien ass dogéint?

CSV.

Dann de Budget initial 2019, wien ass mat deem
averstanen?

LSAP

Wien enthält sech?

Den onofhängege Verrieder.

Wien ass dogéint?

CSV, Déi Gréng, an déi Lénk

An da komme mir zu der Motioun.

Wien ass mat der Motioun averstanen? Dat ass
unanime. Merci.

Domat si mer zum Schluss vun eiser Sëtzung
ukomm. Merci fir Är Participatioun an Är Disziplin.
Ech wënschen lech schéi Feierdeeg.



RAMASSAGE BÉNÉVOLE DE DÉCHETS

11.05.2019 / 9H30 / PL. HÔTEL DE VILLE

Rejoignez nous dans notre action de ramassage des déchets sur la voie publique pour un Dudelage plus propre! Il devient urgent de trouver des solutions afin de diminuer l'impact des déchets sur la nature et notre environnement.

- Rendez-vous sur la place de l'Hôtel de Ville
- 9h30 Petit déjeuner
- 10h00 Départ de la collecte
- Retour vers midi pour un barbecue

Un événement organisé par Licence Vert dans le cadre de la Licence Sciences de Gestion de la CSL et de l'IAE Nancy, en collaboration avec la Ville de Dudelage.

Chaque participant est responsable de sa propre sécurité et la responsabilité de la Ville de Dudelage et de Licence Vert n'est aucunement engagée.

FREIWillIGE MÜLLSAMMELAKTION

11.05.2019 / 9:30 / RATHAUSPLATZ

Nehmen Sie an unserer Aktion teil! Sammeln Sie mit uns den Müll im öffentlichen Raum auf, für ein sauberes Dödelingen. Es müssen dringend Lösungen gefunden werden, um die Auswirkung der Abfälle auf unsere Natur und unsere Umwelt zu reduzieren.

- Treffpunkt auf dem Rathausplatz
- Gemeinsames Frühstück um 9:30
- 10:00 Start der Sammelaktion
- Rückkehr gegen Mittag für ein Barbecue

Veranstaltung organisiert von „Licence Vert“ im Rahmen der „Licence Sciences de Gestion“ der CSL und der IAE Nancy, in Zusammenarbeit mit der Stadt Dödelingen.

Jeder Teilnehmer ist für seine eigene Sicherheit zuständig. Die Stadt Dödelingen und Licence Vert übernehmen keine Haftung.

Licence Vert



Inscription
Einschreibung

